


EIS SPROOCH

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

Nr. 14 / Nei Folleg / XX. Jor / 1982

Wat dran as:

H. Rinnen:	Spläiteren	1
Yset:	E Bréif un d'AL	6
E. Erpelding:	Riedensarten a Spréch vun de Millen an iwwer d'Mëller	7
Chr. Clement:	Wéi e Schwan am Ozean Mech huet eng Huergäns héich gedroen	13
René Kartheiser:	De Kontrast	13
J. Milmeister:	Doktren, Véidoktren an Apdikteren	14
R. Weimerskirch:	D'Madame an hire Mippchen	17
W. Reuland:	D'Lokomotiv	18
M. Lamy:	An der Städtgesgaass	19
E.S.:	D'Sousi, Deckelsmouk	24
G. Mandy:	Déi kleng Mouk	26
H. Müller:	Eng rees, guidéiert vun ale Griichen	27
G. Mandy:	Am Café – E gudde Schlof	29
R.S.:	Frénd Scharel	30
R. Manderscheid:	All méng Aueren – De Moni Tidor	31
R. Lugen:	Hannergedanken	34
J. Theis-Kauth:	De Cache-pot – 1981, Däi Joër Ëm Allerséilen – Kräisch nêt an enger Stad	36
Jh. Biwer:	Lëtzebuergesch an der Schoul	37
LOSSER:	Schreib et op Lëtzebuergesch	38
R. Lugen:	Réitsel	40
hr:	Noruff Hary Reiter	41
hr:	Noruff Jaki Maar	42
hr:	Noruff Jhemp Rosch	43
E. Schmit:	Wou wunnen eis meesch Membren	43
E. Schmit:	Generalversammlung vun der A.L.	44
E. Schmit:	Eng Ëmfro	46
hr:	Notizen	47
hr:	Nei Bicher	53
hr:	Virun ...	56
H. Rinnen/L. Wolter:	Theater-Saison 1981-82	58
***	E Bréif	70
***:	Wat huet d'A.L. bis elo erausgin ?	72



D'Neijooschkaarte fir dëst Joér: Buurschent, Fiels, Lëtzebuerg-Gronn, Schëndels.

Spläiteren...

Gi mer nit iwwerdubbert?

Esou wor d'Iwwerschrëft vum Ferd Gremling séngem Artikel an „Eis Sprooch“ am Januar 1953. Et as natirlech Rieds vun der Sprooch, an e freet: „Wéi stät et haut mat eiser aler, gudder Lëtzebuerger Sprooch? Schwätzte mer nach esou wéi eis Pappen a Grousselteren? As eis Sprooch nach déi vum Dicks a vum Lentz, vun deer de Pol Eyschen gesot huet, si wär e Spackelter, op dee mer déi schéinst Rouse praffe kënnnten?“ De Ferd Gremling fankt do mat dem Hausnimm an den Dierfer un, déi vergaange sin, da kommen d'Virnimm, d'Spottnimm. E mengt dann och, datt d'Lokalssproochen zevill duurch d'Koinè ersat an doduurch eist Schwätzte méi iwver ee Leescht geschloe géif. Eng Ursach dofir gesait hien an deer méi grousser Méiglechkeet vun den Transportmëttelen, déi d'Resen an den Hin-an-Hier méi liicht maachen, dann och duurch déi vill friem Touristen, déi an d'Land kéimen. – A wat géif en dann haut eréischt soen? Elou wou mer ronn ee Véirel friem Leit hei hun, déi hei schaffen, hiert Brout hei verdénge müssen? –

„Déi al Handwierker si vergaang, mat den Déppégisser, de Wiewer an de Fierwer, der Stréidecker sin och hir Ausdréck vergiess...“

Aner kommen an d'Plaz, nei Handwierker, nei Wieder, nei Ausdréck. Franséisch an däitsch an englesch Wieder sin an d'Sprooch komm: de Beton-armé, de Balcon, d'Terrasse, den Trottoir, d'Façade, de (d')Garage an de Camion, d'Camionette... de Velo huet d'Rad, d'Motocyclette de Motor ersat. Grad esou as et mam Fliger oder dem Avion, deen d'Flugmaschin énnner dat aalt Eise gehäit huet an haut lächerlech fir muncheeren as gin (mir hun nach als Kanner esou gesot an den zwanzeger, drëssegger Joren). De Ferd Gremling nennt dann nach e puer Wieder, déi mer aus dem däitschen eriwwergeholl hun, wéi „Wasserleitung, Dauerbrenner, Heizung, Staubsauger, Flugfeld, Bunker, Scheinwerfer, Sender, (hei kennt een och „stur, Altweiberbal“ bäiszen)... aus dem engleschen „Scouten, Nylon, Weekend“... wou der awer nach vill derbäi kéimen, wéi „fit“ a „Fitness-parcours, Container, Party, Hifi, Stereo, o.k....“ Hie klot, datt mer déi nei Wieder nüt méi rafistoléieren a knaen ewéi eis Pappen et gemaacht hun, aus „boeuf à la mode-Biwwelamoud“, aus „sous-pied-Zuppjee“, aus „Employé-Amplejéierten“, aus „Guichet-Gëtschel“, aus „Grundbirne-Gromper“ gin as....

H. Rinnen

Eis Sprooch läfft op eng Uniform lass... mat mir, dir, ons, onsen, onst gi mer dem Däitschen entgéint...“

Sou wäit am Graffen aus dem Ferd Gremling séngem Artikel.

Et as sécher vill dran, wat z'iwwerleën an ze diskutière wir. Et misst ee sech mat denen eenzele Froen ofgin an s'ënnersichen, et wir derwäert.

An „Eis Sprooch“ vun deemools as dropgehale gin, fir datt d'Duerfsproochen erhale misste bleiwen, well de F. Gremling mat sénge Kollege gemengt huet, d'Koinè krit iwwerhand. Do as d'Menung haut an der Actioun Lëtzebuergesch awer aneschta a méi drop aus fir eng Sprooch ze kréien, déi iwver den Duerfdialekter läit. Dat, wat deemols gutt wor, muss et haut nüt méi sin, ouni datt domat d'Uertssproache vernoléissegéit géifen an énnergöe sollten. Et as sécher gutt a schéin a léif, wa mer eist Miselesch, Minetts, Steeseler, Mierscher, Réidener, Préizerdauer, Areler, Eechternoacher, Veiner, Dikrecher, Ettelbrécker, Weelzer, Kliärwer an anert Éislécker behale wëllen: all déi „Sprooche“ sollen nüt énnergogen.

Wat gouf sech enzonnen a reklaméiert, datt Duerf- a Stiedsnimm aneschta am Télélonsbuch stéingen, wéi se op der Plaz selwer a ronderëm gesot géifen! Well nüt Kliärref, Eechternoach, Woolz, Kéinzeg, Bärel do stéing! Et gouf (a géit) wéinst der Schreibweis reklaméiert. Wann d'Leit och no hirer Menong recht kënnen hun, well se nüt sou gewint worn, da muss een awer soen, datt mat der Koinès-form vun den Nimm en éische Schrëtt an eng Direktioun gemaacht gouf, deen der „Koinè“ ze gutt kënnnt, eng Koinè, déi dach émmer lokal Wuurzelen huet (bis elo).

Maache mer eng Klamer op! Wéi schwéier et am Dictionnaire wor, dat richtegt Wuert an der Koinè ze fannen, dovu wëssen déi ze zielen, déi vun Ufank un derbäi worn an do matgeschafft hun. A wéi dacks gong et alt duerwéinst nüt grad gelénd erof!

Am Lëtzebuerger Wiederbuch steet Säit XLV ee Beispill, wou et téscht dem laangen zounen „ee“ an dem hallef-oppene odder oppen „ää“ ze wiele wor. Well dee leschten esou hefeg as, koum de Buschtaf „ää“ dran!

De patenten a joviale Kolleg Robert Bruch hat séng bor Méi, fir eng Koinès-Norm ze fannen,

a, wéi e gemengt hat, en hätt se fond, du huet et nüt émmer geklappt. Hien as (am Ufank) dervun ausgaang, datt den Éislécker „jä“ an der Koinè émmer „ie“ (mat Akzent) géif gin, z.B. liäsen-liesen, Wiäsen-Wiesen, bis et dach op eng Kéier awer nees nüt esou wor. Hien huet och eng Zäit dat iewescht Éislécker fir dat aalt Lëtzebuergesch ugeholl, dat an deem Reliktgebitt d'Zäit iwwerstanen hätt. Sou falsch wor et nüt, well wann een dem Anton Meyer säi „Schréck op de Lëtzebuerg Parnassus (1829), dem Gangler (1847) an dem Dicks (1855) hir Orthographie énnersicht, da fënt een, datt de Robert Bruch nüt ganz onrecht hat, fir dat unzehuelen. Den A. Meyer schreift:“ den „ie“ gët wéi de franséischen „ie“ am Wuurt „lièvre“ ausgespracht: den „oie“ sprécht mer aus grad wéi d'franséisch substantif „oie“. (Am Meyer-Goden 1845 as et awer ewell eppes anesch.) Sou hätte mer no him, wéi et haut nach am Éislek as: Liéven-Liäwen, híeven-hiäwwen, Lieser-Liäser, Biesem-Biäsem (haut as et Bääsem, méi al awer wor et Biäsem, Biäsem); Boied-Buatt (Buet), Moied-Muadd (Mued) (éisl. Mad), oiegresaant-uagespaant (uge-spaant), hoiet-huat (huet, hut). Wien denkt do nüt un dat Veiner? Hei wir nach déi eischt Ëmfro ze vergläichen, déi mer aus dem Jor 1806 hun, déi an deer leschter Nummer, 13, vun „Eis Sprooch“ am Faksimilé stieet.

Nëmmen dat huet nüt vill mam Iwwerdupperen ze din, vläicht niewelaanscht mat der Koinè, ’t weist awer wéi d'Aussprooch an 160 Jor chan-géiert kënnt hun.

Nun, ’t kann een dem Ferd Gremling haut nüt grad alles gutt halen, ewéi gesot, mir sin haut forcéiert, méi a méi eng Koinè ze schafen an se lass ze léise vun de lokalen Aussproochen a Wieder. Eng Ursach, an nüt déi manst, si sécher d'Lëtzebuerg Couren, déi fir d'Auslänner ageféiert si gin, a wou et sech weist, datt eng Norm muss fond a festgehalte gin. Et mécht een denen et domat vill méi liicht, déi lëtzebuergesch léiere wëllen. Dat hëlt een dann eréischt an uecht, wann een no enger Stonn e.a. gesot kritt: „Méng Nopesch sot mer dës lescht: Bréngt ees e Korref mat. Ech hun se nüt verstan an nüt gewousst, wat et wir, bis si mir dat Dénge gewisen huet. Dir léiert äis „e Kuerf“; a wat heescht „ees“? Dir sot och „huet“, eis Nopesch seet hott, eng aner sot „hut“. Wéi ech dat „hut“ héieren hun, hun ech „Hutt“ (chapeau) verstan. Dir léiert eis „gliddeg“, si seet „gléideg“, dir sot

„haut“, si sot „hott“ – Deer Beispiller kënnt een nach opzielen, deer Énnerscheder gët et genuch. Wann de Ferd Gremling vu „mir, dir, ons“ schwätzt, well hie selwer „mär, där, éis, is“ fir méi richtege lëtzebuergesch hält, dann as dat eng Saach vu Lokalstolz, fir Auslännner awer eng Fro vun Norm, déi d'Lëtzebuergesch nach méi komplizéiert mécht ewéi et ewell fir si as. As et aus deer Ursach nüt néideg, datt mer äis (eis) eens gin an eng Koinè schafen, an nüt, wéi de René Engelmann geschriwwen huet „ad usum Delphini“ virufueren. Awer wee soll sou kéng sin, dat ze maachen? Eng Kommissioun mat elauter Sproochwëssenschaftler? Bleift d'Fro nüt och: as et derwäert, rentéiert et sech?

Mä, d'Koinè huet näischt mam Iwwerdupperen ze din. De Ferd Gremling freet: „Wéi huet mäi Papp, hun eis Grousseltore geschwat a gesot?“ Wann hien och staark drop hält, datt dat aalt Lëtzebuergesch nüt vergiess sollt gin, dann huet e jo op séng Manéier Recht, op deer anerer Sait kann een dat nüt blannemännches énnerschreiwen. Mir lieuen an enger anerer Welt, et as eng aner Zäit, mir hun aner Problemer, mir sin anesch ewéi virun 100 Jor. Dat as eng normal Saach. D'Rad kann een nüt zréckdréien. Et mag schéi sin, wann een Alschléiges kennt a weess, mee wann déi allermeesch et nüt verstin? Géing een haut dat Däitscht, dat Franséisch vu virun honnert a méi Joren erém wëllen?

Eng Sprooch ännert, ouni no de Grammatiker an de Puristen ze kucken, huet de franséische Sproochwëssenschaftler Darmesteter geschriwwen. Dorun as nun nüt ze zweiwelen. Al Wieder stierwen, neier kommen.

Eis Sprooch, déi nach nüt aus de Kannerschong eraus as, as haut engem Drock vun alle Säiten ausgesat, wat soss nüt an deer Mooss wor. Wie konnt virun 100 Jor liessen a schreiwen? Wéivill Schoul wor deemoos? An haut? Deemoos blouf et bei deem bësschen, wat d'Leit all Dag geschwat hun, et gouf glat nüt vill Neies. Nüt ewéi haut. Si kruten och nüt alles virgeknat an esou liicht virgesot an duerbruecht. Dat geschitt haut awer. Haut sin an all Haus Zeitungen an Zäitschriften, et sief op däitsch, op franséisch, op englesch, de Radio, d'Télévisioun as do, all Mensch as méi wéi 6, 7, 8 Jor an der Schoul. Wat do iwverall virgeknat gët, huele mer mat, ouni z'iwwerleén an nozedenken; Wieder a Saz-konstruktioounen sin anesch; mir denken emol

nét drun, datt et am Lëtzebuergeschen aner Wieder an en anere Sazbau gët.

Dëslescht hat den Nik. Jakob an der Revue, Lëtzebuerger Illustréiert, en Artikel fir den Nationalfeierdag an deem hien dat gutt duerbruecht huet dat virdru gesot gin as. 'T wor d'Zäit vun der Weltmeeschterschaft am Foussball. En huet deer Wieder genannt, déi haut vun der däitscher Télèvisioun (vlächt besser „Fernseh“) an eis Foussballssprooch komm sin. Widdersteet et een nüt, wann ee fir „Corner“ en „Eck“ héiert, fir e „back“ e „Verteidiger“ gesot gët? Et geet keng Rieds méi vun engem „Zenterstürmer“, vun engem „Half“, vun enger lénkser a rechtser „Band“.

Et gi munnech stacklëtzebuergesch Wieder duurch aner, apaart däitscher ersat. Fir eist Wuert „hannesch“ an „erém“ gët haut vun de (junge) Leit „zréck, zeréck“ gesot. „Wéini kënns de zréck? Ech hun et zréck gin. Lee et zréck!“ Dann: „Wat hues de vir? Wat geet do vir?“ Géif een dat nüt soe kënnen, wéi een émmer gesot huet: „Wat hues de wélles? Wat as do lass? Wat as do geschitt? Ech hun et hannesch (erém) gin. Lee et hannesch!“

Wat fir e gelungene Satz as deen hei: „Ech muss séier schnell dohin“. Wir et nüt besser „ganz séier, ganz huerteg“. Sou as et dat däitscht: „sehr schnell“. Nun d'Wuert „schnell“ as ewell op Plazen eis Wieder „séier“ an „huerteg“ Meeschter gin. „Oft“ (1825) (am ofsten – A. Meyer, 1829) a „schon“, fir déi mer „dacks“ an „ewell“ nach gutt kennen, kënnt méi an d'Sprooch, zemol an de Stied. Se sin dach awer ewell laang an der Stad Lëtzeburg doheim, well den Anton Meyer huet se „schon“ 1829 a séngem Bichelchen. Et kënnt een se dofir fir lëtzebuergesch unhuelen. Si schéngent och méi fein ze sin, ewéi „dacks, ewell“. As et nüt och esou mat dem Wuert „Fra“. Et muss dach ugeholl gin, datt dat Wuert „Fra“ en Nogeschmaach kritt huet, soss géif een dach nüt soen a héieren: „Wat mécht är Madame? Wéi geet et der Madame? Ech géif gär mat ménger Madame schwätzen“. Huet et och dee Bäigeschmaach kritt, wéi „Weib“ am Däitschen? Da muss een awer frou sin, datt eise Groussherzog, dat nüt mengt, wann en all Jor fir Neijooschdag áis séng Wénsch seet „vu ménger Fra a vu mir“.

Iwver de Changement am Begréff vun engem Wuert soll nun hei nüt gededegt gin. Loosse mer

emol d'Schwätzen am Radio, an der Télèvisioun, dobaussen am Gespräch vun denen aneren, an och eis selwer, emol e bësselche kritesch kucken. As et nüt gelungen, wann een héiert: 't gët kee Fortschriëtt, wann et nüt richteg mat enger Aarbecht viru geet. Géif een do nüt grad esou schéi soe kënnen: „'t geet nüt virun, 't rëtscht nüt, 't as kee Fortgank“. En Uurtel as nach bis elo émmer „gesprach“ gin an nüt „geschwat“. Et gouf een och fir eppes „ugesprach“ an nüt „ugeschwat“. Fir „währenddem, während“ sote mer bis haut „iwwerdeems, an deer Zäit, an deer bants“. Mam Wuert „zénter, zanter“ hun d'Leit och hire Misär. „Zénter“ heesch „seit“, englesch since. D'Wuert as nach do, mee et gët an den Annonce fir d'Jorbegännesser an d'Sechswochemassen esou gelunge gebraucht: E laangt a battert Jor as vergaangen, zénter dass du eis verlooss hues..., wou et fir áis sollt sin: Zénter engem laangen a battere Jor hues du áis verlooss...

Et héiert ee vill am Radio, an der Télèvisioun, et liest een et an der Zeitung „bei Geleenheet vun“, vun engem „gelonge“ Fest, vun dene „präiswerten Artikelen“, déi een ze kafe kritt. An déi aner Wieder, déi mat „un-“ ufänken, wéi „uschreinen, ukucken, ulaachen, ulackelen, upumpen...“! Soss hu mer engem geschriwwen, engem gelacht, ee gekuckt odder bekuckt, ee gelackelt, eppes geléint odder gebuergt odder gepufft vun engem...“ An dann: „et huet stattfond, fënt statt, et handelt sech èm, matdelen...“. Géing een do nüt grad esou gutt a riichtewech soe kënnen: dat an dat as dann an dann, et as deen, et as dat an dat; mee „matdelen“ as do, a bleift et, wa mer et anesch wuel grad esou gutt soe kënnnten. Mir hu soss een op e Fest, op d'Klirmes, op eng Kommioun „geruff“, haut „invitéiere“ mir en odder „lueden en an“. Mir haten de „Wéngkéf“ (haut nach am Éislek), den „Handstreech, d'Sacherrecht“, haut hu mer eng „Verlobung, Fiançailen“. – Mir hun e Geschenk kritt, gemaacht, engem eppes geschenkt, haut maache mer e „Cadeau“ fir e „Mariage“ asw.

Mee loosse mer emol konterbosseg Sätz maache mat deer Wieder, déi „friem“ sin.

Némmen en „Ulooss“ muss een hu fir „uléisslech“ vun engem extraén Dag e Reportage „zum“ Feierdag ze maachen. Wann een en „Ofstiecher“ op Eechternach maache wéllt, an et léissit een sech „erauslackelen“, an nach honnert Leit hu „matgemaacht“, as et eng „präiswert“

Rees, zemol, wou een n t am Ufank „gew llt“ war, fir sech dohinner „verleden“ ze loessen. Et braucht ee keen „Heemw i“ ze kr ien, well am „Lafe vum Nom ttag“ wor fir Amusement gesuergt, et gouf ee gutt „bed ngt“, ze dr nke kрут een och bei deer „Dr chenheet“, an et wor keng „Ondot“ geschitt. De sch inen Dag as „verklogen“, et as engem n t schlecht „ergaang“. Dat soll och „erw hnt“ gin, well „d r Z it“ spuert een „um falschen Enn“. Mee et „gel ngt“, an et as scho „gelongan“ fir „bannen d r Z it“ n t „rout ze gesinn“, „den Hutt gong kengem h ich“, et wor keng „Hektek“ do, n t „hektesch“ eroftaang et gouf „R cksicht“ geholl, t wor n t „ermiddend“, well si hu sech all „geweigert“ an drop „verzicht“ fir „uschl issend jogging“ ze maachen. Et h tt kee sech „misso mat Baange froen“, wou dat g ing hif ieren, wann een  m „M tternuecht“ mat „Äisschong“ opgedaucht wir. T wor keen a „bedronkenem Zoustand“. S ng „Madame“ wor n t „bless iert“, w i een en n t grad proppere Witz „lanc iert“ hat. D’Leit hu misse „grinsen“, si hun n t „geknirscht“, w i hien esou „geh opst“ as. T wor e Concert-spirituel „dob i“, an et kрут een „erkl rt“, w i d i dr i „S tz lauden“. Jee, t wor keng „Eil“, a keng „Hetz“....

Deer ger selter S tz k nnt een nach maachen. Et si Wierder, d i een am Radio, an der T levisioun, am Gespr ich ka gebuede kritt hun, a v lacht selwer gesot huet. Wann de Fernand Hoffmann d slecht an engem Artikel, wou vum „Els ssesche“ Rieds gong, geschriwwen huet, eng Regionalsprooch, en Dialekt g ing  nnergoen, wa se(en) n t vun enger H ichsprooch iwwerlagert wir, da kann ee bei eis unhuelen, datt ee fir eist L tzebuergesch n t brauch ze f erten, Et geet n t zegrond. W i et viru lieft, dat as eng aner Fro, op alle Fall an enger anerer Form. As et gentlech n t schummesw ert fir eis, wann eiser typescher L tzebuerger Wierder esou duurch h id itscher ersat gin, well eis n t m i gewosst (gewollt) sin? As z.B. „ophiewen“ da besser w i „oprafen“? Ophiewen hate mir bis elo dach n mmme fir „an d’Luucht hiewen“, odder st mmt dat n t? As et n ideg (noutwendeg), datt mer Verbaladjektiven nom d itsche schafend, w i „duuscht ischend, ermiddend, verlaangerende Bl ck, uschl issend; nodr igglech“ W i steet een zu deer „Pusteblumm“, d i mer elo fir de Bettseeschesch, d’Botterblumm hun,

wann s’am Som as? Wuert, dat mer aus den d itsche Kannerbicher an de Kanneremissionen geholl hun? „Anscheinend“ si mir dovu „beandrockt“, wann een esou Wierder w i „L ifhawer“ an eng „L ifschaافت“ geschafen huet.

Dann as dach de „Kappl ng“ fir den „H auptling“ eng „trouvaille“ gewiescht! E Mis r sin och d i nei Pluralformen, d i en etlech Leit hun an duurch de Radio  nner d’Leit komm sin, w i fir Plang-Pl ng, Papp-P pp, Bier-Bieren (Bieren), Beschof-Besch f, amplaz Plangen, Pappen, Bier, Beschofen. – P pp wor viru Joren als e sp ttescht Wuert geschaf gin, w i dat alt esou op l schtegen Owenter geschitt.

Et „gel ngt“ engem mam beschte W llen n t, fir d i „Neischafunge“ Versteedemech ze hun, deen een och n t kann „opbr ngung“ fir d’Gekr gels g int d i offiziell Schreibweis. Wa mer grad esou kriddeleg a kritesch wire mat dene „frie-me“ Wierder, d i mer n t mussen eranhuelen an eis Sprooch vun haut (odder as et besser „heiter“?), da wir et mat der Schreibweis och wuel besser.

Z nter l tzebuergesch geschriwwen g t, mengt jiddereen, deen dr i Zeilen opweises huet, hie wir och derfir auserwielt fir eng nei Schreibweis z’erfannen. D i allerw inegst kennen eis Schreibweis am Fong, d i allerm escht schn ssen awer driwwer. Domat as et n t w i d’Leit gesot hun: wat de Bauer n t kennt, fr sst en och n t. Kuckt dach emol an deen englesch-l tzebuergeschen Dictionnaire, wat do op deem Gebitt fir Onkonsequenze stin; deen nei L tzebuerger Wierder w llt sichen, do f nt en deer och eng H lle-wull. Et muss een zougin, datt an der Schreibweis n t alles perfekt as, d i awer, wann ee se genee analysiert, gutt iwwerluegt as.

D rg int duerf een sech froen, ob d i frans isch, d itsch, englesch Orthographi n d ermoosse perfekt sin, d i vun de sougenannten „H ichsproochen“? Fir d’Frans ischt sollt een emol den Artikel vum Fran ois Donzel an der frans ischer Z tschr ft „lire“, no 73/1981 liesen! Wann d’Fransouse schreiwen: „la poule court dans la cour – saint, ceint, sein, seing – sot, saut, seau, sceau“, dann as dat gutt; am d itschen: Saat, Draht, Rad, Rat; englesch: life, love, laugh, enaugh. – Mee wa mir Meedchen – Medercher, deen – denen, Reen – renen, Dommheet – Dommheten ... Dixion r ... schreiwen, dann ... Et soll weider n t Rieds goe vun de frans ische

Wiederer, déi mer an eis Sprooch erageholl hun, déi no de Regele vum franséische geschriwwen kënne gin, wann se nüt verlëtzebuergesch sin. – Eng Bemierkung sief erlaabt, fir d'Schreiwe vum franséische Wiertche „mais“, do as et dach besser, et schreift ee „mä“, well dat anert ze vill de Mais an dem Mais gläicht.

„T ka ee sech och froen, ob déi verknaddert franséisch Wiederer vu fréier op de Kont vun Neischafungen ze setze sin, wéi alt mat Stolz dorëmmer ze liesen as. As et dann nüt éischter esou, datt d'Leit se deemools nüt verstanen, an se sou „zer“schwat hun, datt se bal kee Glach méi haten? Héiert een deer haut nüt nach? Sou kann een héieren: Katener fir Container, Helikopeter fir Helikopter. Wiren dat nei Wiederer, as et nüt besser s'an hirer Originalsprooch ze lossen? Wir dat en Zeeche vun Dynamissem vun der Sprooch?

Mir huele villzevill liichtschaz däitsch, manner aner e.a. franséisch Wiederer an eis Sprooch eran, zemol fir deer, wou mer der derfir hun. Mir wëssen, datt et fir äis méi liicht as an d'Däitscht léinen ze goen, d'Franséicht bleibt, dach émmer, méi friem fir déi meescht vun de Leit. As et eleng d'Kamoudheet, sin et eleng d'Zeitungen, de Radio déi dodru schold sin?

Bis elo as näisch gesot gi fir Saachen fir déi mer keng Lëtzebuerger Wiederer hun. Et kënnt een op d'Fro vum Schafe vun neie Wiederer kommen, wéi dér vir Joren et wollten hun, e.a. den Harry Godefroid... Wann dat néideg wir, dann hätte mer se. Déi Wiederer, déi deemools virgeschloë si gin, goufen nüt vun de Leit ugeholl, se sin och nüt énner d'Leit komm. Mir hun der alt en etlech gemaacht odder se mondsgeriecht geknat, wéi de Knätschgumm, d'Lutsch, d'Strëmpebox, d'Pechbillier, de Pechert, de Méidresch(er) a méidreschen. Mir kruten et awer bis haut nach nüt fäerdeeg fir de Kartoffelkäfer, de Staubsauger, d'Kindergärtnerin, de Foyer du jour, d'Jugendherberg an ee gutt Lëtzebuerger Wuert ze géissen. Wann op Plazen op der Musel fir de Staubsauger „Lux“ a „luxen“ derfir gesot gët, (d'Hollanner nennen e Stofzuiger, wat dem Stébssucker géif gläichen) dann as et wéi mat der Gillette, dem Bic, dem Frigidaire, Markennimm fir d'Saach.

Mir émschreiwen, do wou et muss sin, wa mer dat friemt Wuert nüt wélle brauchen. Eng Fro: wéi géing een op gutt lëtzebuergesch an engem

Wuert, wuelverstan, soe fir z.B. Flüchting, visiteurs, participants-payeurs, victoire, Sieg, nagen, Nagetier, Säugetier... Wat méi schlëmm as, dat as, datt e.a. eis Nimm vun Déieren a Planze verluer gin a mer op de Schmetterling, d'Schwalb, d'Lerch, d'Pustebumm kommen, wou mer genuch aner Nimm hun.

„T brauch een dofir némmeen an de Lëtzebuerger Dixonär a fénnef Bänn blederen ze gon, fir Wiederer fir Saachen, Déieren a Planzen ze fannen. „t muss awer och derbäi gesot gin, datt deen Dixonär nüt en „Duden“ fir gutt lëtzebuergesch as, „t as eng Samlong vu Wiederer, déi zesummedroe si gin, ouni dobäi awer als Wierk vu gudem odder „schlechtem“ Lëtzebuergesch ugesindäerfen ze gin. Et as keen Dixonär vun der Sprooch, wéi se wiirklech geschwat gët, a soll sin.

Eent soll awer festgehale gin, eis Schrifsteller schreiwen haut e bessert Lëtzebuergesch wéi der et gemaacht hu virum Krich an am leschte Jorhonnert.

Wat as d'Ursaach vun all deem? Eemol, datt mer haut all schreiwen a liese kënnen, datt mer all jorelaang an d'Schoule gin an déi Wiederer aus den Héichsprooche „bis zum Vergasen“ age-trichtert kréien. Si kommen an den Zeitungen, mir héieren s' am Radio, an der Télëvisioun, Dag fir Dag. Mir soen se no wéi e Pappegei. An dann, wat léiere mer an der Schoul vun eisem Lëtzebuergesch? D'Lëtzebuergesch muss och geléiert gin, wann een et och nüt gleeft a mengt. Et soll een awer elo nüt an d'19. Jorhonnert siche goen, fir vereelst Wiederer ze fannen, mee déi Wiederer kënnen a wëssen, déi mer hun, déi hei doheem sin, jiddefalls fir dat Dagdeeglecht. Et misst an der Schoul e bësselche méi drop gehale gin, datt nieft gutt „erzugene“ Kanner, et gutt „gewinnte“ Kanner gin, déi Spaass mam Lëtzebuergesch kréien, virausgesat, datt d'Schoulmeesteren an d'Professere selwer hir Hemechts-sprooch kennen a kënnen a respektéieren.

Loosse mer awer nüt „resigneren“, äis ouni Schlag a Stouss dran ergin, mir kënne roueg lénks a riets léine goen, mee loosse mer probiéieren, eist Lëtzebuergesch esou ze halen, datt et Lëtzebuergesch bleift an dem Lëtzebuergesch gläicht.

Mir müssen nüt mam Dicks d'accord sin, deen dem Lentz eng Lektion gin huet, a sot datt den Zolwerknapp kee Parnass wir.

E Bréif un d'AL

Ons Sprooch an ons Schoulen

An der Chamber gët geschwënn e Gesetz gestëmmt, an deem et heesch: d'Lëtzebuergescht as eis Nationalsprooch. Solle mer dofir nüt „versichen“ oder probéieren, datt se hire Charakter behält, datt et eis National-Sprooch wiirklech bleift, déi nämmen dann auswäerts léine geet, an op de Spackelter prafft, wann et onbedéngt néideg as.

Mir wire frou är Menong an är (bësseg) Kritiken emol ze héieren. Dofir „uschléissend“ sief de Méchel Rodange Renert X, 437-440, vum Schreiver fir sech selwer heihi gesat:

„Géint aner jäizt mer bareg vu sech do schwätzst mer lues an 't hätt ee vëlleg Aarbecht mam Schnapp a sénger Nues.“

Onst Land as op all Landkaart wéi e Punkt esou kleng, wéllt dat dann heeschen, Sprooch a Kultur hätte mir keng! Huet dann awer schons ee vun ons am Liewe gehéiert, datt een a sénger Hemecht séng ege Sprooch nüt léiert?

Extra Schoulen, fir den Ausländeren hir Kultur ze versuergen, [si bei ons do.
An ons Sprooch a Kultur? Wat fir eng Schoul kuckt dann hei [bei ons emol duerno?

Et gët och Ausländeren, déi ons nach respektéieren, déi gin ons Sprooch, owes, a speziell Klasse léieren. Well mir hun eng Grammatik, an esouquer en Dixionär, op wat waarden ons Schoulen da nach, dat wéiss ech gär?

Et kann ee jo ganz roueg friem-fréndlech agestallt sin,ouni dofir, lues a lues, den aanren hiren Efalt ze gin.

Mir ware schons fréier émmer fir Fräiheit, a géint [d'Énnerdrécken, am Krich hu mir onst Lëtzebuergesch héich gehalen,ouni ze [zécken, ma wa mir wëllen, wat mir – bis elo nach – sin, och bleiwen, musse mir an der Schoul léieren, dat – op lëtzebuergesch – [däitlech ze schreiwen.

Yset

Dëst Gedichtchen hun ech fir Iech, Här Roth, geschriwwen, vläicht gefällt et Iech? Dir kënnt dermat maachen, wat Dir wëllt.

A méngem Liewen hun ech méng Fréindinnen émmer méng Bréiwer op lëtzebuergesch geschriwwen, ma op méng ege Manéier. Elo, am Alter, fänken ech un déi nei Grammatik ze léieren, fir mech eleng, dofir maachen ech och nach Feler. Ma op jidde Fall sin ech frou, datt et nach Leit gët, déi fir ons Sprooch sin – an derfir schaffen!

E grousse merci an nach vill Succès!

Dezember 1981

1982 as eriwwer...

denkt w.e.g. dru fir d'Cotisatioun (200 Frang) fir 1983 op ee vun eise Konten z'iwwerweisen.

Merci

Nei um Bichermaart:

...Énnerwee...

Gedichter a ménger Mammesprooch, vum Chrétien Clement.

Virwuert vum Schoulmeeschter

Léon Quarung.

Präis: 300 Frang, Postscheck 12-12 vun der Sankt-Paulus-Dréckerei, Lëtzebuerg. Vermierk „Énnerwee“.

Och an de Bicherbuttecker.

Riedensaarten a Spréch vun de Millen an iwwer d'Mëller

Emile Erpelding

Bis ëm 1900 hat nach bal all Mensch an eisem Land eppes mat de Millen ze dun. Dái allermeesch Leit um Land, an den Dierfer, hun nach selwer hiirt Brout, hire Kuch an hir Taarte gebak. Bäcker gouf et némmen an de groussen Uertschaften an 't as kaum ee vun hinnen erausgefuer; en hätt et missen deemools mat der Päerdskutsch man.

Dái Leit, déi nach selwer gebak hun, wéi d'Baueren, d'Handwierker an och anerer, hu missen derfir suergen, datt se émmer Miel am Haus hatten, wa sollt gebak gin. Vun Zäit zu Zäit hun se e puer Säck Fruucht an d'Mille gefouert an eng oder zwou Wochen drop sin se hiirt Miel erëm siche gaangen. A ganz alen Zäite gouf et direkt gemuel an d'Leit hun an der Millen oder doausse gewaart, bis et fäerdege war an si hun et mat heem geholl. Et gouf ower och Zäiten, wou de Mëller oder säi Kniecht selwer mam Gespann den Tur duerch d'Dierfer gemaach huet a bei denen engen d'Fruucht opgelueden a bei denen aneren d'Miel ofgeliwwert huet. Dobei däerfe mer nét vergiessen, datt d'Baureleit och Huewer a Geescht fir Véifudder muele gelooss hun.

Sou sin d'Leit kënneg mat der Millen, mam Mëller a mat sénger Aarbecht gewiescht. Si konnten sech nét virstellen, datt se ouni Millen a Mëller hätte kënne bestoen an dofir hun se vill iwwer d'Millen an de Mëller geschwat a bei all Geleënheet ernimmt.


Wéi an enger Millen

Wann d'Baueren eng Aarbecht gemaach hun, déi flott vun Hand gaang as, dann huet op eemol ee gesot: „*Ei, dat geet wéi an enger Millen, uewen an an énnen eraus!*“ Mä dee selwechte Sproch huet och dee gesot, dee gudden Appetit, eng liicht Verdauong an e regelméissege Stullgank hat: „*Bei mir geet et wéi an enger Millen . . . !*“

Beim Kaartespill huet och d'Mille missen duerhalen, wann ee vill Trëmp an den Ausspiller hat: „*Jongen, da gët op, datt et eng Millen dreift!*“

Wa Rieds gaang as wéi d'Fruucht um Flouer stéing, huet muencheree gesot: *Dat gët eppes fir an d'Millen, a wor et e schlecht Joër, dann huet een héieren: Dovun deet een nét vill an d'Millen.* Dái selwechte zwéi Spréch gouwen och bei anere Geleënhete gebraucht, wann een eng Aarbecht gemaach huet an en hat vill oder nét vill Opweises.

Wa vun den anere Leit geschwat gët, kënnt Guddes an och Béises op d'Tapéit a muncheree



Al ausgedéngt Millesteng.

(Foto Emile Erpelding, 1974)

as an „*d'Mille geroden a gouf dran zermuel.*“ Dat as d'Mille vum Näid a vum Beschass an et kann ee sech freën, wa vun engem gesot gët: *En as nét vun der Dommeneksmillen.* Dann huet en sech beméit, fir eng Plaz ze fanne, wou en säi Liewe ka maachen, wéi d'Leit soen. Et wor vläicht nét liicht, wéi en ugefaang huet, mä, wéi bie bis an der Millen dra wor, du as et gaangen. Zénter enger Zäit geet d'Geschäft nét méi gutt a vill soen: *D'Mille klappt nét méi wéi fréier.* Et as och kee Wonner, well de Meeschter as émmer fort a säi Schreiwer mécht, wat e wëll. „*Do lafen dräi Rieder fir de Kniecht an némmen eent fir säin Här!*“ Et wär gutt, wann de Meeschter „*eng Féckmillchen hätt*“ fir sech iwwer Waasser ze halen, soss sëtzt en an der „*Zwéckmillchen*“.

Fréier as owes an der Uucht vill „*Millche*“ ge-spillt gin an e Luussert hat sech eng „*Féckmillche*“ geluegt, éier säi Matspiller sech émsin hat.

Et konnt och virkommen, datt d'Meedche vum Haus an der Uucht zum opdrângleche Freier sot: „*Op däer Mille gët nét gemuel!*“ an et huet him d'Hänn op den Dësch geluet.

Et muss vläicht nét onbedéngt de Rousekranz an der Uucht gebiet gin, mä bei däer Geleënheet kënnt hei verzielt gin, wéi de Pater Pacificus vun Arel am 18. Joërhonnert a sénger Priedegt iwwert d'Rousekranzgebiet dat schlecht Gebiet mat enger schlechter Mille verglach huet: „*Vill Leit maache komesch Grimassen, se schloen d'Hänn ze-summen, verdréien d'Aen a kucken zum Himmel; se schierpse mat de Lëpsen. Hiirt Maul klabbert wéi e Beidel an der Millen. Si droen d'Käre vum Rousekranz op d'Trimm. Den ieweschte Steen, dee leeft a leeft. E mécht säi Bescht, awer et gët kee Miel, well en nét fest genuch un den énneschte Stee kënnt. Et leeft alles erëm*

eraus, wéi et opgeschott gin as. Si riichte méi Schued un a maache méi Verloscht wéi se Notzen a Gewonn dervun dron".

Och de Mëller Tiktak schwätzt vun der Millen,
wann e vun sénger Freiesch verzielt:
Dat as méng Freiesch, däer d'Häerz fir mech

[klappt,

Grad wéi méng Millchen, déi èmmerfort tappt.
Dat as e Meedchen, et as esou reng,
Reng ewéi d'Miel, dat mer muele méng Steng.
"T huet der eng Mailchen, si babbelt wéi d'Baach
Iwwer mäi Riedchen am lëschtege Schlag.
Ech hat en Hierz esou haart wéi e Wak.
"T huet méch gekéiert ewéi e Mielsak.

Zu Iechternach hu se gesot, wann een um Stierwe loug: „*E geet bei d'Schlammillen*“. Déi läit – well d'Gebai besteet nach haut – no beim Kierfech. An d'Kanner, déi nüt gutt giess hun, krute vun der Mamm e Fanger gemaach: „Du kënns bei d'Schlammillen, wann's de nüt besser éss“.

Ee vun den hefegste Millespréch, déi een allzäit héieren huet, as ausgerechent meeschentens op däitsch gesot gin: „Gottes Mühlen mahlen langsam, aber sicher“. Woufir? Et as unzehuelen, datt all Kéier, wann dee Sproch gebraucht gouf, d'Ursach sou eng eescht wor, datt ee gemengt huet, et wär méi feierlech a méi helleg, wann een e géif op däitsch soen. Mir wësse jo, wat e bedeit. Dee Sproch geet all Mensch un, deen nüt eierlech as, all Anterpris, déi näischnotzeg gefouert gët, all Politik, déi nüt mënschlech as, an e wëllt soen, datt d'Onéierlechkeet èmmer e schlecht. Enn fënt, souguer wann et dack laang dauert. A well dee Sproch esou en déiwe Senn huet, brauche mir ons haut, wou d'Lëtzebuergesch déck opgewäert gin as, nüt ze jhénéieren fir ze soen: „*Dem Härgott séng Mille muele lues, awer sécher!*“

Waasser op d'Mullen

All Mille muss genuch Waasser hun, fir datt se gutt goe soll. D'Waasser as d'Krafft, d'Waasser as de Verdéngsch. *Wann de Mëller vill Waasser huet, da kann e Wäin drénken, wann e kee Waasser huet, da muss e Waasser drénken.*

A wann e Mensch säi Profit sicht, och wann e kee Mëller as, da gët gesot: *E kéiert sech d'Baach op séng Millen*. De Michel Rodange huet vun den Deputéierten, déi hire Virdeel sichen, am Renert gesot: Si s'eemol an der Chamber, dann hun s'et an der Hand; se kéieren op hir Millen, sech d'Buren all vum Land.

Wa gewëssen Emstänn engem Geschäftsmann oder och engem Geléierte gënschteg sin, gët gesot: *Dat as Waasser op séng Millen*. A Frénn kënnen hinnen och nach d'Waasser op hir Mille kéieren. Sou wéi engem anere kann een och sech selwer d'Waasser op d'Mille kéieren.

Méi béis as et, wann ee vun engem Politiker muss soen: *Duerch déi Dommheet huet en sech d'Waasser vun der Mille gekiéiert*, an déi, déi géint e sin, hun och nach déck matgeholf, him d'Waasser vun der Millen ze huelen.

Bei dene meeschte Mille gët d'Waasser duerch en Däich, de Millekanal, geleet. Duefir sangen se am Vollekslidd: Et war sech e Miller sou räich, e baut sech séng Mille wuel un den Däich. An engem Schoussliddchen, woubei d'Kand op de Knéie vum Papp gejuppelt gët, sangen se: *Jinke, paf aus, de Miller kroopt den Däich aus*.

Fir datt d'Mille gutt geet, muss am Däich vill Waasser sin an am Summer zielt all Drëps. „*Alles dingt, sot de Maiskinnek, du huet en an de Millendäich gepisst!*“ Sou son se, wann all Klengekleet hëllefe kann.

Méi wéi eng Kéier huet de Mëller Reen erbäi-gewënscht an d'Leit hun och un de Mëller geduecht, wann se bei engem décke Reen gesot hun: *Et reent, datt et eng Millen dreift*.

Wat as dat stäerkst Gedrénk? *Dat as d'Waasser; et dreift Millen an et dréit Schéffer*.

Wéi deier d'Waasser as, wousst de Mëller, deen duerch den Dronk veraremt wor a gesot huet: „*Wéi as dat Wässerchen esou gutt, hätt ech méng Millen erém!*“

Wéi e Millerad

D'Waasser huet d'Millerad gedriwwen an d'Millerad huet d'Krafft vum Waasser op d'Maschinen iwwerdroen. Dat grousst Millerad hu fréier d'Leit all gesinn am Giewel vun der Millen dréien. De Willy Goerden vergläicht a séngem Gedicht „*Eng zerfale Millen*“ onst Häerz mat engem Millerad, wann e schreift: Du aremt Hierz, wéi laang wuel nach? . . . Stëll muss de ston wéi d'Millerad. 't as Gottes hellge Wëllen dat.

Wann e Mensch krank as oder en huet vill Suergen, da geet et him wéi e Millerad am Kapp rondëm.

An d'Millerad gët erugezun, wann d'Meedche vu séngem Freier verzielt: Oft méng Mamm mer sot:

Trau du n t m ng Mod.

Trei hun d'Jongen n mmen an dem Monn.

Gl f, m i Kand, mer dat:

W i e Millerad

Dreien dausendmol s'an enger Stonn.

Op der Baurekirmes haten se an der aler Z it
Taarten a Brout sou grouss w i e Millerad, g t ver-
 zielt, ma 't g ing och mat engem Plourad oder
 mat engem Millesteen duergon, wann ee w llt
 iwwerdreiven.

W i e Millesteen

D'Millerad iwwerdr it d'Waasserkraaft iwwer
 de Millebam, iwwer d'Kamprad, d'Lanter an
 d'Millestaang op de Millesteen. Zw i Millesteng,
 en ieweschten an en  nneschten, sin e Muelgank
 oder e Millegank. Deen as de wichtigsten Deel
 vun der Millen. Dofir g t vill vun de Steng
 geschwat. Schon am Evangelium seet Christus:
 „Wien eent vun d se Klengen, d i u mech gle-
 wen, verf iert, fir dee w r et besser, et g if een
 him e Millesteen un den Hals h nken an en an
 d'Mier geheien“.

D'Millesteng si schw ier an haart. Fr ier gouf oft
 gesot: *Haart ew i e Millesteen*. Vun denen zw i
 Millesteng soll ee manner haart sin w i den aner,
 da muelen se am beschoten. Dofir g t gesot: *Zw in
 baarder Steng muele sele reng*, an domat sin zwee
 M nsche gemengt, d i n t iwweren  kommen,
 well keen nog t.

Vun engem Stielert g t behaapt, *e k nnt n ischt
 leie loessen as w i Millesteng a gliddeg Eisen*. Wann
 een eng schlecht Verdauong huet, *da l it d'Iessen
 him um Mo w i e Millesteen* an och Suerge k nnen
 op him leie w i e Millesteen.

Et as n t gutt, wann d'Millen eidel l eft, well
 dann notzen d'Steng of an 't k nnt n ischt dobei
 eraus. E M nsch, dee vill schw tzt an n ischt
 Neis seet, de vill Gedeessems m cht an n ischt
 Opweises huet, drescht n t n mmen eidelt Str i,
 m i s ng *Mille l eft eidel*.

Beamten an aner Leit, d i exakt, vl icht och
 heianndo klenglech sin, *muele reng*.

Zw i Millesteng, d i mat enger h lzener  ml
 agekleet sin, gi Millegank genannt. D i primitiv
 ural Millen haten n mmen ee Gank op deem
 d'Broutfrucht, awer och d'Oz gemuel gouf. W i
 d'M llere m i rengt Miel gemaach hun, haten se
 zw i G ng, ee fir Broutmiel an ee fir V ifudder.
 Grouss Millen haten oft bis f nnef oder sechs
 G ng. Dat houng vun der Waasserkraaft of.

„*Sou gin d i G ng, sot de M ller, du hat en n mmen
 een*“. A wien de Geck mam M ller wollt man
 huet dobeigef ckt: „*an den anere Gank dat wor
 s in Hausgank*“ oder „*an den anere Gank buet bei
 d'Mod gefouert*“.

W i eng Gabber

D'Trimm, den Triichter mat der Fruucht, huet
  nnen e Lach, duerch dat d'K ren t schent
 d'Millesteng falen. Fir datt dat sch in eendr ch-
 teg geet, as  nnert dem Trimmelslach e Brietchen,
 op dat d'K re falen. Dat Brietche geet hin an hier
 a r selt d'K ren erof. Et g t d'Gabber genannt
 an de Kom di, deen de Kl pper m cht, geh iert
 zum Ticktack vun der Millen.

„*Deen ziddert w i e Rabbeler a s i Mond geet w i eng
 Gabber*, hun d'Leit gesot.

W i e Millebeidel

Wann ee w llt rengt Miel hun, muss dat Gemuel-
 ent gesifft gin. Duefir as et fr ier duerch de Mil-
 lebeidel gaangen.

De Millebeidel as eppes w i den Arem vun
 engem Kleed aus rengem Stoff oder aus Seid. Un
 engem Enn as de Stoff  m de Rouer fest-
 gemaach, aus deem dat Gemuelent k nnt. Et
 geet duerch de Beidel, dee mat Fisselle gespaant
 as an d i sin un engem Bengel, dem Beidelstaf,
 festgemaach.

De Beidelstaf geet hin an hir a r selt de Beidel,
 datt dat rengt Miel duerch d'Seid erausk nnt.
 Dofir son d'Leit: *S in H erz klappt ew i e Millebeidel* an de Michel Rodange deet de Fuuss soen:
 Als w i e Millebeidel, sou klabbert mir de Mo
 (vun Honger).

Wann d'Leit wollte beschreiben, datt eppes reng
 wier, hun se gesot „*sou reng w i gebeidelt (Miel)*“. Wann an d'M llechsei en neit Sift huet misse
 gemaach gin, sot d'Bauerefra zur Mod: „*G i fro
 der beim M ller e Beidelst ck*“.

Et g t bal n ischt m i „*reng w i Miel*“. Aus dem
 Beidel koum dat beschte Miel, dat war d'Blumm.
 Dat beschte Feld  m d'Dueref wor d'Blumm
 vum Bann an dat sch inste Meedchen hun se
 d'Blumm genannt. A wann d'W sch fr ier
 „*w iss w i Miel wor*“, da konnten d'Leit ganz
 zefridde sin. E flotte Saz iwwer d'Miel, fir sei 
 ze schw tzen, as deen heien: „*M ller, muel mir m i
 Miel, m ng Mamm muss mir mar m ng Mueresm tsche
 man*“.

Wie ganz nobel riet „*dee schwätzt wéi gebeidelt*“. Vlächt wéllt hien en awéckelen an da „*kuckt en och nach dra wéi gebeidelt*“. As et e Luussert oder souguer e Spétzhouf? Da „*göt némmen uecht, dat as däer dräigebeidelter een*“.

Mielsak, Trap, Koméidi a Krësch

Vun Zäit zu Zäit huet de Bauer missen an d'Mille fuere fir erém eng Muelecht muelen ze loessen. De Mëller huet d'Sack mam Sakopzuch op de Millespäicher gezun an do beienee gestallt. Wann de Bauer no enger Zäitchen dat färdegt Miel siche koum, huet hie mam Gefier ènnert dem éischte Stack vun der Millen an enger Duerchfaart gehalen. Am Plafong dorriwwer huet de Mëller eng Fallued opgezunn an eng Brëtsch, eng Millerëtsch erofgeloss, op däer d'Sack op de Won gerutscht sin. Vill esou schif Rëtschen hun d'Leit mat enger Millerëtsch verglach.


Heianddo sin déi schwéier Mielsäck erofgepouft, datt se gestébst hun, an si hun sech zesumme gedréckt, datt se Falen an de Bauch kruten. Dorunner huet de jonke Borscht geduecht, wann hie vun enger Kläpperei verzielt huet: „*Si sin duergejhummert wéi Mielsäck*“. Mielsäck bleiwen nét liicht stoen, si sacken an sech zesummen, se fale liicht èm. Heianddo as och e Mënsch „*esou onbehollef wéi e Mielsak*“.

An enger Mille wor vill Stébs. *Esou stébsseg wéi an enger Millen* as et an enger Scheier oder an engem knaschtegen Haus. Och de Mëller wor èmmer stébsseg. Wann e mat der Kap no enger Méck gefacht huet, as eng Stébswollek ewechgefuer.

D'Trapen an der Mille wore géi. D'Träpplécker si schmuel an dacks ausgetruede gewiescht an se hate keng Kontermarsch. Esou geféierlech Trapen op anere Plazen hun d'Leit „*Mélleschtrap*“ genannt. An aarme klengen Haiser um Duerf huet fréier eng Mélleschtrap aus der Kichen op de Späicher gefouert.

An de Mille wor fréier, an as och nach haut, vill Koméidi. D'Millesteng grätschen, d'Gabber klabbert, d'Rimme klaken, d'Waasser dauscht, d'Millerad kraacht, den Zylinder téckt, d'Botzmaschin brommt, d'Schell rabbelt, de Plansichter réselt. Fir sech ze verstoen huet ee missen haart schwätzten. De Mëller huet èmmer haart geschat.

„*Schwätz dach nét esou haart, ech sin nét an enger Millen op d'Welt komm*“. – „*Jáizt nét esou Kanner, mir*



Énnerschliechtegt Millerad an der Muerbelsmillen am Pafendall

(Foto Prof. Norbert Thill, 1982)

sin dach nét an enger Millen. – „*Et mengt een, du wiers an enger Millen opgezillt gin*“. Dat sin d'Spréch nach haut. De Mëller wor èmmer un de Koméidi gewinnt. „*Wann d'Mille stoe bleift, erwächt de Mëller*“. Dee Sproch gët och gebraucht fir e Patron, deen eréischt mierkt, wat lass as, wa sái Betrib nét méi geet.

An aler Zäit, wann d'Leit hir Fruucht an d'Mille bruecht hun, kruten si se gläich gemuel. Wann der méi do woren, as et der Rei no gaangen. Aus däer Zäit sin e puer Spréch bliwwen. „*Wien zum éischte kénnt, kritt zum éischte gemuel*“. – „*Een nom aneren, sot de Mëller, du huet en séng Kanner der Rei no gebeitscht*“! – „*Hei geet et der Rei no, wéi an der Millen*“, sou misst e Schéld an de Geschäftshänken, wou onmanéierlech Leit sech virun déi aner drécke fir éischter zerwéiert ze gin.

An der Mille gouf et en Zémmerchen, dat wor d'Krëschkummer; do as de Krësch op e Koup zesummegeschéppt gin. De Krësch as dat manst vun der Fruucht a schlecht Leit, sougenannte

Pak, gouwe mam Krësch verglach, wann d'Leit gesot hun: „*Wien sech an d'Kleie mëscht, gët vun de Schwäi gefriess*”. Op dem Millebuedem woren heianddo schwaarz Maisdrecker ze gesin. Dann huet de Mëller spaasseg gesot: „*Dat si Käre vun deem anere Kuer*”.

Millentur, Millekar a Milleniesel

Fréier as de Mëller oder säi Kniecht op de Millentur gefuer. Hien huet d'Kuer vun de Konnen opgelueden an d'Miel ofgeliwwert. Vill Leit op den Dierfer hate kee Won a kee Päerd fir an d'Millen ze fueren.

De Mëller hat eng extra Millekar mat zwee brede Rieder. Si wor méi niddreg wéi e Won, breet a laang gebaut. Duerch Säitelederen, déi agestach gouwen, konnt d'Millekar héich gelueden gin. „*Deen as geluede wéi eng Millekar*” an „*Dat Gefier do as sou niddreg wéi eng Millekar*” si Spréch aus däer Zäit. En aarme Mëller hat keng Kar an huet op sain Iesel e puer Säck gelueden, déi en de Konne bruecht huet. „*En as geluede wéi e Milleniesel*” gët nach haut gesot. „Wann d'Aarbecht ráich méich, stéing den Iesel sech besser wéi de Mëller”, seet en aalt Spréchwuert. „Den Iesel dréit d'Säck, de Mëller zéit d'Geld, sou wor et nach émmer op déser Welt”.

A spéideren Zäiten haten d'Mëller Päerd, fir op den Tur ze fueren. An a schlechten Zäite wor d'Millekar dacks nüt déck gelueden. „*Dat huet näisch op sech, sot de Mëller, du as e mat der eideler Kar heemgefuer*”.

De béise Mëller

De Mëller as zénter alen Zäite bei de Leit als náischnotzeg an oniéierlech am Verruff gewiescht. Souguer séng Fra a séng Medercher sin erof gemaach gin. Et heesch am Lidd: „Wou fanne mir déi schéinst Fraen, déi d'Maansleit am Dueref geckeg all man? Beim Mëller an och beim Bäcker. Wann d'Bauere schonn an de Scheiere stin, leien si mat den Eesch an de Better”.

De Mëller hat meeschten kee Bauerewiesen, e wor Piechter vum Schlasshär sénger Millen a séng Fra a séng Kanner hun nüt missen um Feld schaffé wéi d'Bauerafraen. Si hu sech gutt gehalen well se nüt der rauer Loft an der batterer Sonn ausgesat worn.

De Mëller krut fir séng Aarbecht de Muelloun. Dee gouf d'Molter genannt an d'Baueren hun de Mëller am Geck dacks „*de Molter*” geruff. D'Molter wor en Deel vum Kuer oder en Deel vum Miel, deen de Mëller sech mat der Molterschos sel aus dem Konnesak geholl huet ouni ze froen. Duefir heesch et: „*De Mëller mécht sech selwer bezuelt*”.

Vun der Molter huet de Mëller missen een Deel als Puecht un de Schlasshär ofgin a vum Rescht huet e misse liewen. Am Spass gët gesot: „*D'Molteren an d'Kiere müssen de Mëller ernieren*”.

Beim Moltere soll et nüt émmer éierlech zougaange sin. D'Baueren hu gesot, de Mëller hätt se bedrun. Am Lidd sangen se:

De Bauer, dee miesst e Malex Kar.
Hie fiërt dem Schellememëller et dar.
De Miller fängt un ze molteren.
Dach wéi hien ausgemoltert hat,
du waren 't nach knapp sechs Siester.

Se behaapten och, de Mëller hätt zum Kniecht gesot: „*Wann s d'et nüt wäüss (ob's de gemoltert hues) da molter nach äs*”. An alle Länner son se: „*De Mëller as e Spëtzbuof: virun der Millen, banner der Millen, an der Millen*”. Fir e schlechte Mënsch ze beschreiwen, wor de Vergläich mam Mëller grad gutt genuch. „*E geet mat de Mëlleran an de Päerdsdéif séng Ouschteren balen*”. Dat sin déi, déi als lescht beichte gin. Plazeweis as souguer gesot gin: „*E geet mat de Mëllerkniecht a mat de Kielechsdéif (Kiircħendéif) beichten*”.

Dat Wuert Molteren, wat némmen e Bezuele vum Muelloun an aler Zäit wor, gouf no a no zum Begräff vum Bedréien a vum Stielen. Wann d'Leit vum Handwierker eng Rechnong kréien, wou se mengen, hien hätt iwverdriwwen opgeschriwwen, da son se: „*En huet déck gemoltert*”. A wann se vun engem soen, e géif klauen, dann heesch et: „*En as aus dem Mëlleschaart*”.

Sou huet de Mëller säi béisen Numm Joërhonnerten op sech gedroen, ob verdéngt odet nüt, duerno huet kee gefrot. Ee Gléck, datt et Mëllere gouf, déi Spaass verstan hun. E Bauer huet sech eng Kéier bei engem Mëller beklot, säi lescht Brot wär nüt gutt gerode gewiescht, well hie kee gutt Miel kritt hätt. Wann dat nach eng Kéier virkéim, géing hie bei en anere Mëller. Du huet de Mëller gemittlech un der Päif gezun a gesot: „*Géi du bei e Mëller wue's de wëlls, du gäs émmer bei e Mëller*”.

De Mëller leit keng Nout

Dat as liicht gesot. De Mëller war nach laang nüt èmmer en Här, wann en och no beim Miel wor a keen Honger huet misse leiden. Méi wéi ee Mëller huet misse séng Mille verloossen, well en d'Puechtgeld nüt konnt bezuelen oder well en zu näischt koum, wann d'Jore schlecht woren. Dann huet de Mëller mat sénger Millche geschwat a gesot: „*Mir musse verdierwen, mir gin zu Gronn*“. An d'Millen huet e mat hirem Klabbertakt getréischt: „*Alt nach nüt, alt nach nüt, alt nach nüt*“.

Op d'manst hat de Mëller säi Brout a vum Verloscht huet en säin egent an dem Schlasshär säi Schwäi gemäscht. De Verloscht woren déi véier Prozent, déi en der Konn wéint dem Botze vun der Fruucht ofhale konnt.

Dem Schlasshär säi Schwäi gouf „Milleschwäin“ genannt. Dat as mat der Fruucht, mat dem Miel, den Eér, dem Wuess an anere Saachen als Puechtgeld ofgeliwwert gin an et huet missen 200 Pond weien. Fir all Pond manner huet de Mëller misse berappen. Duefir huet de Mëller et gutt gefiddert. Dat woussten d'Leit wa se gesot hun: „*Härekächen a Milleschwäin soll ee loosse wou se säin*“. Am Lidd vum Mëller a Bauer gét gesongen:

Wou fanne mir déi schéinste Schwäin
déi wuel am ganze Land rém säin?
Beim Mëller an och beim Bäcker.

De Mëller, dee stielt et aus der Trimm,
de Bäcker wuel aus de Säcken.

Kannerspréchelcher

Iwwer de Mëller woussten d'Kanner gutt Be-scheid. Si hu vun him schwätzen héieren, si si mat an d'Mille gefuer. E wäisse Mäkiewerlek hun se e „Mëller“ genannt.

Wann d'Kanner Stoppes gespiltt hun, si beim Ofzielen eng Partie Spréchelcher op d'Tapeit komm, déi de Lëtzeburger Dixionär ons mat villen anere Spréch, déi hei bruecht gi sin, mat-deelt.

Aich an dau, a Millesch Sau
an Zärestéier, dat sin eiser véier.

Mëller, Mëller, Mueler

Racke, Rackestueler.

Kleifrässer

Leitsbeschësser

Mëller, Maler

hätt d'en Daler.

Hallef gemuel,
hallef gestuel.
Mëller, du Déif.
Dräi Sieschter vum Maler.
Dilledapp, dapp, dapp.

Den Dixionär weess vun engem Sproch beim Klipperen ze verzielen. Et as awer eng Fro, ob d'Kanner deen och bei der Mille geruff hun.

D'Klack laut fir d'éischt,
de Mëller sätzt om Héischt.

D'Klack laut fir d'zweet,
de Mëller gét gekleet.

D'Klack laut zu Haf,
de Mëller sätzt am Schaf.

D'Klack laut fir d'lescht,
de Mëller gét gemäscht.

D'Klack laut fir d'veiert,
de Mëller as krépéiert.

Wann de Papp owes mat de Kanner gespiltt huet an en hat dee Klengsten op de Knéie sätzen, fir en ze juppelen, dann huet e gesongen:

Juppel, juppel, Päerdchen,
vun der Deiser Häerdchen,
vun der Deiser Millchen,
d'Päerdchen huet e Fillchen.

Heiando huet en och gesongen:
„vun der rouder Millchen“.

Wann et bis un d'Rolze koum, huet de Papp een nom aneren op de Knéi geluegt, am Klabbertakt vun der Millen hinnenop geklappt an dobei gesot: „*Esou bätzcht de Mëller séng Kanner*“.

Haut schwätzt kä méi vum Mëller, an d'Kanner wéissen och näischt méi vun der Millen. Et as nach alles, wann se wéissen, datt d'Brout vum Miel an d'Miel vun der Fruucht kënnt.



De Mëller Altmann fiert eraus op de Millentur.
(Foto Altmann, 1936)

Wéi e Schwan am Ozean

Ech schwammen hei am Vollen,
Am bloen Ozean.
Ech paddle mat de Patten
A gréndle wéi e Schwan.

Mech schéppé Schwabbelwellen
Bal hier, bal duer, bal zréck,
Náischt soll mer d'Freed zerschellen,
Ech ärble mat Geschéck.

Schwadroune scheier Giwen
Verdaddren ech am Schoss,
Dat schwaacht, dat ängschtecht Liewen
Féent sele Freed beim Boss.

Schro gouwen d'Giwen, wann och schei;
Si dange sech en niichtren Hai;
Dee schléit eenzock eng gruschleg Schluecht
A méngem Bett, déif an der Nuecht.

Vum Hai blouf muerges nét eng Sprei.
Schléi war de Schwan, Schaum war méng Schan,
A séngem Bett den Ozean.

Mech huet eng Huergäns héich gedron

Kee Villche féing sech hei sái Kascht,
Keng Plaum hätt hei eng Stäip fir d'Rascht,
Geleet huet mech eng Leder.

Déi Leder war gläich vill ze kuerz,
Vu stäiler Héicht eng Stelz, e Stuerz,
Eng extra Vugelleder.

Mech huet eng Huergäns héich gedron.
Nu lauschtet gutt, wat ech nach son!
Si schéisst duerch Nuecht an Niewel
Als wiederfesten Hiewel.

Zéngdausend Meter an der Luucht!
Mir kénnt vermengt, verhuele Fuucht;
D'Sonn huet áis ugeglénnert.

Hei huet méng Kuck weit Vugelsiicht,
Méng Phantasie schafft fuebelliicht,
Zréck blouf dat Haart, dat hénner.

Ech denken, dass Dir d'Huergäns kennt,
Wann Dir se och wuel anescht nennt;
Si huet hiirt Nascht um Findel.
Wiem wär déi Gäns do Schwindel?

Chr. Clement

De Kontrast

E stung do;
kleng, geduckelt an e bësse schmuddeleg;
schei hu séng Aën no der schmueler Sträif bloen
Himmel getaascht,
déi vun uewen eraf duurch eng ongewäsche Fénster an de Gerichtssall geluusst huet.
Hannert deem grousse gréngen Dësch,
op gepolsterte Fotellen,
sutzen d'Riichter
... iwwerleën a sécher.
Mat béid Hänn huet de Mann sech un der Barriär ugehal,
déi Gesetz téscht him an dee frieme Männer opgeriicht hat.
»Een deen esou do stoe muss as schons hallef verluer», duecht de klenge Mann.
Si hun nét vill Gedeessems mat em gemaach.
Iwwerdeems de Jhandarem de Mann aus dem Sall gefouert huet,
hun déi Häre Riichter sech erém a Positur gesat.

René Kartheiser

De René Kartheiser huet en neit Kannerbuch erausgin. Titel: *D'Butzebuch*. T si Geschichten a Gedichter, déi de R. Kartheiser am Laf vun de Jore fir déi méi kleng a méi grouss Kanner geschriwwen huet. 112 Säiten. 21 Zeechnunge vum Monique Beyaert. Präis 475 Frang bis den 3. Dezember, dono 525 Frang. Wir dat náischt fir den Nekleeschen, oder den Housecker?

Doktren, Véidoktren an Apdikteren

Wann ee vu Kränkheten an Doktre geschwatt huet, dat sot méng Groussmamm émmer: „t as wéi den Dokter Alesch sot: D'Kränkhete kommen zu Päerd a se gin zou Fouss erém fort!”

Den Dokter Alesch war ém d'Jorhonnert wenn wuel dee bekannsten Dokter aus der Stad. Et war en dichtegen Dokter, ma e war besonnesch bekannt, well en émmer direkt mat enger Äntwert do war a kee Blat virun de Mond geholl huet.

En Zaldot vun der Fräiwöllegekompanie koum emol bei den Dokter Alesch, deen e gefrot huet.
„A wou feelt et da, mäi Jong?”

„Ma, Här Dokter, ech hun den Diarrhée!” sot den Zaldot.

„Wat hues de?” sot den Alesch. „Den Här Majouer huet den Diarrhée, e Feldwebel kann den Duerchlaf hun an en hondsgewéinlechen Zaldot huet en hondsgewéinleche Schésser!”

Eng Kéier as den Dokter Alesch bei eng Fra geruff gin, déi e Poppelche kréie sollt. De Mann huet den Dokter Alesch bei d'Fra an d'Zémmer gefouert an huet se eleng gelooss.

Gläich drop koum den Dr. Alesch erém eraus an huet gefrot, iér en eng Zaang kénnt kréien. De Mann as erféiert an as huerteg eng Zaang siche gelaf. Den Dr. Alesch as mat der Zaang an der Kummer verschwonnen, ma no e puer Minutte koum en erém eraus a frot: „Kénnt Dir mir villeicht en Hummer an e Meessel besuergen?”

De Mann huet séier d'Geschirr erbäibruecht an iwerdeems en den Angschtschweess ofgebotzt huet, frot en: „Em Gottes Wëllen, as et schlëmm, Här Dokter?”

„Ech weess et nach nüt!” sot den Dr. Alesch, „ech kréie méng Zakosch nüt op, fir mäi Stethoskop erauszehuelen!”

En ale Frénd koum bei den Dokter Alesch an huet iwert eng onheemlech Péng an de Bee geklot. Den Dr. Alesch huet e vu Kapp bis Fouss énnersicht a sot: „Wat s de an de Knéien hues, as d'Giicht an dat an den Zéiwen as den Zipperlein. Donk gutt uecht, dass de déng Been émmer schéi waarm häls a riicht gestreckt!”

„t as gutt, ech wäerd mech dodrun halen!” sot de Frénd, „a wat kascht dat dann?”

„Neischt, neischt!” sot den Dr. Alesch, „ma et dingt och neisch!”

Jean Milmeister

Op engem Iessen souz eng Stater Madame, déi d'Gripp hat an an engem Stéck d'Nues gebotzt huet, nieft dem Dr. Alesch. Se duecht se hätt elo d'Geleënheet, fir eng gratis Consultation ze kréien a sot: „Wat mat Dir dann Här Doktor, wann Dir d'Gripp huet?”

„Ma Madame, ech maachen et grad ewéi Dir!” sot den Alesch, „ech houschten, ech néizen an ech botzen d'Nues!”

Eng aner Stater Madämmche koum bei den Dokter Alesch an d'Spriechstonn.

„Da komm méng Mod!” sot den Dr. Alesch, „da setz dech mol hier op ee Stull an da kucke mer, wou et der feelt!”

„Ma Här Doktär, ech bidden Iech!” huet déi jong Madame geruff, „kennt Dir mech dann nüt? Ech sin dach d'Madame Direkter Déngensküichen!”

„Ah sou!” sot den Alesch, ouni d'Rou ze verléiren, „wann dat esou as, Madame Direkter, da setzt Iech alt op zwee Still!”

Metzlesch Märri vu Stroossern as bei den Dr. Alesch gaangen, well et déi déck Zéif wéi hat. Den Dokter huet de Fouss énnersicht a geruff:

„Ma den Nol vun der décker Zéif as jo ganz ageweuss!”

Den Alesch huet eng Neelschéier geholl an de Nol geschnidden.

„Sou mei Kand, elo kanns de erém lafen!” sot en.

„A wat kascht dat, Här Dokter?” huet d'Märri gefrot.

„Drei Mark, mei Kand!”

„Drei Mark?” sot Märri, well dräi Mark waren deemools vill Geld.

„Jo, drei Mark!” sot den Alesch, „eng Mark fir Consultatioun, eng Mark fir de Nol ze schneiden an eng Mark fir déng Liddregkeet, well s de n e nüt selwer zur Zäit geschnidden hues!”

D'Stroossener Prëssioun as de Seelesch Bierg of iwwer d'Areler Strooss an d'Stad an d'Oktav gepilgert, virop d'Massendinger mam Kräiz an d'Kommuniounskanner, da koumen d'Männer an um Enn eng laang Rutsch Fraën. Op der Stäreplaz beim Wintersdorff as den Dr. Alesch, dee schon an aller Fréi um Wee bei e Kranke war, der Prëssioun begéint.

Wéi se laanscht den Dr. Alesch gaange sin, hun d'al Fraë grad gebiet: „... und führe uns nicht in Versuchung...” Den Alesch bleibt stoën a kuckt

se der Rei no un. Du sot en: „A wie soll Iech al Rampeldéire schon a Versuchung féieren!“

Wann den Dr. Alesch bei e Kranke geruff gouf, deen eng ustiechend Krankheet hat, as en duerndo an déi éischt Wiirtschaft eng Kardrépp drénke gaangen, fir sech ze desinfizéieren.

Wéi en du eng Kéier mat der Kutsch am Schloreen vun engem Krankebesuch vum Land erém koum, as eng Fra op der Strooss duerch de Reen op d'Stad zou gaangen. Den Alesch huet se mat geholl a gefrot: „Gitt Der an d'Stad akafen?“

„Ma neen,“ sot d'Fra, déi den Dr. Alesch nüt kannt huet, „ech gin an d'Stad bei den Doktor.“

„A, a bei wie gitt Der dann?“

„Oh, ech weess nüt richteg bei wien ech soll goen“, huet d'Fra gesot, „den Ackermann soll näischten kennen an den Alesch soll no all Krankebesuch saufe goen!“

Deerbans huet d'Kutsch virum Dokter Alesch séngem Haus gehalen. „Sou, hei wire mer Madame!“ sot den Dr. Alesch, „ech sin nämlech deen, dee seift!“

Wéi den Dokter Alesch bei Klabis Pir op Stroosse geruff gouf, huet Klabis Léin en op d'Kummer bei hiren Nik gefouert.

„Da riicht dech mol op mei Jong, dass ech d'Longe lauschtren kann!“ sot den Alesch.

„Ma Här Doktor ech kann nüt!“ huet den Nik gewéimert.

„Ma, mei Jong, wann s du dech nüt méi oprichte kanns, da bas du verluer!“ sot den Dokter Alesch an dréint sech ém fir d'Trap of ze goen. D'Mamm huet ugefaangen ze kräischen an de Klabis Pir sot: „Ma da kuckt emol Här Dokter!“ T soll Äre Schued nüt sind, wann Der en an d'Rei kritt, da kritt Der och e Fierkel!“

Den Dr. Alesch koum erém an huet den Nik énnersicht.

„En huet eng duebel Rippenfellentzündung!“ sot en. „Lo reift der em d'Seite mat Schmalz an an Dir gitt dëst Rezept an d'Apdikt sichen, da kënnt en erém op d'Been!“

Wéi den Dr. Alesch e puer Wochen drop no engem Krankebesuch séng Kuerdrépp drénke gaangen as, souz Klabis Pir an der Wiirtschaft.

„Wéi geet et dann ärem Bouf?“ frot den Alesch.

„Ech danken, Här Dokter, en as géscht fir d'éischt erém opgestanen!“

„A wéi as et da mam Fierkel?“

„Ma dat frësst erém, Här Dokter!“

Wéi am Hierscht dem Veianer Sanatorium séng fofzeg Joér mat Riede vum Direkter Paul Koch an dem Minister Emile Krieps gefeiert gouwen, du sin herno beim Éirewäin al Schnoke vun dene fréieren Direkteren an Dokteren erzielt gin.

Den Dokter Téid Backes war vun Ufank un derbäi, fir d'éischt als Dokter an uechzéng Joér laang als Direkter, iér en 1964 a Pensioun gaangen as. Déi véierdausend Patienten, déi an denen dräiandréssig Joér um Sanatorium waren, hun émmer beim Dr. Backes Versteedemes a Vertraue fond. Sou huet et sech och alt fond, dass de Jeeky vun Ettelbréck, dee mat Zvir a Lastik hauséiert huet, op de Sanatorium koum. Den Dokter Backes huet de Jeeky émmer geduuzzt, well se mateneen zu Ettelbréck an d'Schoul gaange sin. Sou huet de Jeeky da méindes erzielt: „Geschter huet den Dr. Backes mat mir geschwat. Wéi ech mat ménger Madame spadséire war, sin ech dem Dokter mat sénger Fra begéint!“

Den Dokter Edouard Wolff, dee vun 1921 bis 1946 Buergermeeschter vu Veiane war, war Véidokter. Wéi en eng Kéier krank war, koum e bei säi Frénd, den Dr. Backes, fir sech énnersichen ze loessen.

Den Dr. Bakces huet gedréckt, geklappt, gelauschtert a gefrot: „Deet et wéi?“

„Möööööö!“ sot den Dr. Wolff.

„Deet et wéi?“ frot den Dr. Backes.

„Möööööö!“ sot den Dr. Wolff.

„Ech weess nüt, wat s de sees!“

„Ma da gesäis de, wat mir Veterinäre fir e schwéiere Beruff hun: 't as keen, deen äis seet, wat lass as!“

Den Doktor Backes huet näischten gesot a geklappt a gelauschtert. Du leet en de Stethoskop op d'Sait a kraazt sech um Kapp.

„Wéi as et dann elo, wat hun ech?“ huet den Dr. Wolff gefrot.

„DSaach steet schlecht!“ sot den Dr. Backes a leet de Kapp op d'Sait, „ech menge mir mussen eng Noutschluechtung maachen!“

Am August 1938 sin de Batty an den Tunn vu Veianen zu Kieperech an eng Wiirtschaft koum,

wéi de Führer grad d'Aarbechten um Westwall inspiziert huet. Se haten d'Dir nach nüt zou, du kruten se d'Begeeschterung ze spiren: „Hei komme jo zwee Schängelcher aus dem Ländchen! Séd Dir och ise Führer kucke kommen? Mir se geriicht bas un d'Zänn, de Westwall as aus lauter Stahl u Betong. Do kënnt de Lëtzebuerger hir Armee nüt dergeent un, well där hir schwiér Waff as d'Lederkanun, déi ém den Eck schéisst, fir dass d'Granaten nach am Ländche néiergoë sollen!”

Du as dem Batty den Hutt héich gaangen an e sot: „Lo soen ech Ech ees wi et dem Dr. Wollef d'leetzt zu Bauler gung. Do haten se jo a Schneddesch een Kou, di do loug a sech nüt mi gerouert hot. De Schneddeschbauer hot uan der Kou gerappt a gezun, gejout a gebrëllt, se as nüt opgestanen. Du hot den Dr. Wollef hir eepes lues an d'Ouer gepäspert a wupp! as d'Kou opgesprungen. A wësst Dir wat e gesot hot? E sot némmen 'Heil Hitler', da steet bei Eech all Rëndvéi stramm!”

An den zwanzeger Joëre war den Dr. Drüssel zu Veianen Dokter. Du koum de Charel eng Kéier bei den Dr. Drüssel a sot: „Här Dokter, sot mir ees eent gout Mëttel fir mein Nuas. Ech hon der schuns een Häerd probiert, fir di rutt Fuarf eweech ze kreien, ma 't hot nooch keent eepes gedéint!”

„Charel, déng rout Nues kënnt vum Saufen!” sot den Dr. Drüssel, „sauf nach méi, da gët se blo!”

De Pir vu Bettel hat den Houscht an de Schweess as em ausgaangen. E gung bei den Dr. Drüssel an deen huet e vun uewe bis énnersicht.

„Mäi léiwen Här, Dir hutt eng Longenentzündung!” sot den Dokter, „elo schreiwen ech Iech eppes op, da gitt Der déi Saache bei de Schmitz an d'Aptikt sichen an da leet Der Iech an d'Bett bis et ausgeheelt as. An engem Mount kommt der erém, da kucke mer iér et an der Rei as!”

No engem Mount war de Pir erém do. Wéi en sech ausgedoen huet, jäizt en op eemol: „Kretjéft, do as e jo!”

„Wat as da geschitt?” huet den Dr. Drüssel gefrot.

„Ma eist Kätti huet mech ewell Schëmmel a Bless vernannt, well ech mäi schéine neie Gilet nüt méi hat, wéi ech heem komm sin”, sot de Pir, „ma wéi ech elo d'Hiem ausgedoen hun, gesuch

ech, dass ech no der leschter Visite de Gilet an der Opregung énnert d'Hiem ugedoen hat!”

De Karel koum bei den Dokter Drüssel a sot: „Dokter, sot mer riicht eraus wat ech hun! Et geet nüt méi. Sot mer et nüt op Latäin, ma sot mer riicht eraus, wat mat mer lass as!”

Den Dr. Drüssel huet en énnersicht a sot: „Mäi léiwe Karel, wann s d'et wëlls riicht eraus wëssen, da soén ech der et: du säifs zevill an du schaffs nüt genuch! Wann s de manner iessen an drénken, ma méi schaffe géifs, wiers du erém an der Rei!”

„t as gutt, Här Dokter”, sot de Karel, „ech soen Iech Merci, dass Der mir et esou riicht eraus gesot hutt, ma sot mer et elo nach op Latäin, fir dass ech ménger Fra och ziele kann, wat ech hun!”

Owes géint aacht Auer huet et beim Dr. Drüssel un der Dir geschellt. Dobausse stung de Victor a sot: „Här Dokter, kënnt der nüt mat bei iist Marie kommen?”

Den Dr. Drüssel huet sech ugedoen an en as mat dem Victor op d'Nopeschduerf gefuer. „Iist Marie as nüt an der Rei, ma dat Schlämmst as, dass et nüt wëllt agestoen, dass et krank as!” sot de Victor énnereewee.

Wéi se doheem ukoumen, sot de Victor: „Marie, hei kommen ech mam Dr. Drüssel fir dech z'énnersichen.”

„Ma gesäis du d'Männercher oder hues de geöff?” huet d'Marie gebrëllt.


„Gesitt Der Här Dokter, do gesitt Der et!” sot de Victor.

Den Dr. Drüssel huet d'Marie énnersicht, dat nüt stallhale wollt a sech déi ganz Zäit géiergert huet. Wéi e färdeg war, sot en: „Ech muss soen, ech fanne näischt Anormales!”

„Da sin ech frou Här Dokter!” sot de Victor, „wat kascht et?”

En hat knaps bezuelt, du huet d'Marie gejaut, nach iér de Dokter d'Dir zou hat: „Ma du aalt Rëndvéi, wat geet dech un, bas de da ganz aus dem Häischen?”

„Ma da sief dach roueg, Marie!” sot de Victor, „ech si mat dem leschten Zuch ukom a wann ech vu Veianen aus en Taxi geholl hätt, dann hätt dat méi kascht wéi déi 20 Frang, déi ech dem Dokter gin hun, an ech hätt näischt vun der Krankekeess erém kritt!”



D'Madame an hire Mippchen

1.

D'Madame geet mat dem Mippchen raus,
Si huet e frësch gewäsch,
Si trëppelen houfreg d'Gaassen aus.
De Mippche réselt sech.
E richt bal hei, a schnoffelt do,
En hieft säi Been an d'Lucht,
D'Madame, déi kuckt gedëllig no,
Hien as vu gudder Zuucht.
Wau, wau!

Bei den Apdikter Nik Schmitz, deen och am Summer mat engem Mantel an dem Hutt op hannert der Téik stung, koum de Jhemp mat engem Rezept. Den Apdikter huet d'Saachen erbäigesicht an drop geschriwwen, wéi dacks se misste geholl gin.

„Dat mécht 150 Frang“, sot den Här Schmitz.
„Ma Dir sid en deiren Apdikter!“ sot de Jhemp.
„Jo, ma d'Apdiktre mussen och liewen!“ sot de Schmitz.
„Ma ech hun dem Dr. Drüssel eréischt 15 Frang gin!“
„Jo, ma d'Doktre mussen och liewen!“

De Jhemp hält säi Päckelchen a geet. Dobaussen huet en en opgemat an den Doudekapp op de Medikamenter gesin. Iwwerdeems en iwwer d'Urbréck gaangen as, huet e gegrommelt:
„Den Här Dokter muss liewen, den Här Apdikter muss liewen, an ech géif och nach gär liewen!“ an dobäi huet en d'Medikamenter an d'Waaser geputcht.

2.

Dajee, mäi Männche, maach och ba,
Soss gës de mer nach krank,
Herno kriss du och Schockela,
Gutt Fleeschi an eng Schank.
De Mippchen huckt sech vrün eng Dir,
Mécht e gescheit Gesicht;
D'Madame huet hire Mippche gir,
Hir Aën hu geliicht.
Wau, wau!

3.

Du koum e Mann do aus dem Haus,
Berdatsch! du stong en dran
„Madame, lo geet d'Gedold mer aus,
Datt ech äert Véi nüt han!“
De Mann, deen iergert sech a roost;
D'Madame kann nüt verston
Wou kann een epp's op fräier Strooss
Géint hire Männi son!
Wau, wau!

4.

Si as blesseiert, a mat Recht,
De Männi war nach nüt,
En huckt um Trettoir an en dréckt
Nach een sou dur an d'Mëtt.
„Sou as e brav, de Männichen!
Bill géint dee Monni do
Lo gi mer heem, mäin Härzichen,
Da méchs de schéin dodo!“
Wau, wau!

René Weimerskirch

Fir d'Plantësse vu
Gaasperéch geschriwwen, 1968
op eng Melodie, déi mer am
Ouer loug, wouvun datt ech den
Numm iewer nüt méi weess.

D'Lokomotiv

Et künnt am Fong och vun engem Güterzuch, engem Marchandise geschwat gin, ma genee geholl dréit et sech nämmen ém e puer Waggoen, déi eng gutt Véirelstonn, vläicht och eppes méi, hin an hir geschupst gi sin...

Mir haten doheem keng extra grouss Gare, well si an der Zäit gemengt hun, dat wir nüt néideg. Um Enn si mir dann um Prince Henri hänke bliwwen a wore frout, datt de „Pauvre Henri“ eis et erlaabt huet mat dem Zuch bis an d'Stad ze kommen. Ma nüt ouni énnnerwee émzeklammen. Well dat awer eng Saach wor, déi mat eis Bouwen nüt vill, oder näisch, ze dongen hat, huet et eis och näisch ausgemat, wann déi Grouss an aller Herrgottfréi hu mussen opston, fir dann op där nächster Statioun eng gutt hallef Stonn ze waarden, bis en aneren Zuch se matgeholl huet.

Fir eis wor dat Stéck vun der Gare bis bai d'Chaudolux an eng Kellerei dat Wichtegst, well do konnte mir eis Eisenbunnerte bewonneren, wann si mat e puer Waggoen hin an hir gefuer sin; dem Machinist mat enger Lanter Zeeche gin an dann déi eng Strooss gespaart hun.

Gespaart as am Fong schlecht gesot, well et as einfach esou gaangen, datt ee vun den Eisebunner sech an d'Strooss gestallt huet an déi ugehalten huet, déi do bei d'Waasser wollten. Dat selwecht as émgekéiert gemat gin.

Eppes méi uewen, baim „décke Steen“, wor eng richtege Barriär, déi vum Gare aus erof an erop gedréit gin as...

Déi Männer mat dene bloë brede Boxe sin dann do vun an op d'Trättbrieder vun dene Waggoë gesprongen, wéi wann si dat all Dag tränéiert hätten. De Mond as eis opsto bliwwen, wann dann de Maschinist un engem Hiewel gezugen huet a mat vill Gedäisch a vill Donst d'Kolwe vun der Lokomotiv uefaangen hun ze schaffen...

Soubal d'Waggoen dann do stungen an d'Lokomotiv wor mat den Eisebunner fort, dann hun si eis gehéiert, fir Stéppches dran ze spullen; si zu e puer hin an hir ze drécken oder énnnerdaach ze kommen, wann et gereent huet.

Hei and do si mir onerwaart vun engem Eisebunner verjeet gin, ma well mäi Monni och op där Gare wor, wor ech et émmer deen, deen alles ze héire krut...

Mir hun awer och hei and do vill ze kucke gehat,

Will Reuland

wann si Schampesfläschen ausgelueden oder Kallek agelueden hun.

Waggoë mat Wain si méi laang um Gare bliwwen, an ech hat émmer déi Impressioun, wéi wann de Monni da besser gelaunt wor ewéi soss. Dat selwecht wor de Fall bai sénge Kollegen.

Wann een dann esou en Dag geroden huet, da worn si gur nüt wéischt, wann si d'Waggoë bis bei d'Bréck oder d'Chaudolux hin an hir rangéiert hun.

Et wor nüt dack de Fall, ma ech hat e puermol Chance, wann ech do stung ze féschen. D'Lokomotiv huet dann, esou hu mir gemengt, méi haart gepaff ewéi soss. De Monni huet mir da gewénkt...

Um Enn wousst ech, wat dat géng heesch.

„Fiirs du gären eng Kéier mat mat der Lokomotiv?“ huet hien da gefrot.

Wat eng Fro! Wou wir do e Bouf gewiescht, deen nüt gläich jo gesot hätt.

De Maschinist hat da meesch och eng besser Staut an si hu mech op d'Lokomotiv gehuewen oder gezunn.

Dann hun ech d'Päif duurfen zéien. Ech hun et natirlech dann esou laang päife gelooss, bis déi aner an uecht geholl hun, datt ech op der Lokomotiv wor. Ech duurft och den Hiewel zéien, ma de Maschinist huet opgepasst, datt et richtege gaangen as.

Den Heizer huet dann extra fir mech Kuelen ageschöppt a gesot, esou e Feier wir an der Häll.

Jee, ech si bal vun Houfert gebascht, wann si beim décke Stee mat der Lokomotiv hale bliwwen sin, fir mech erauszuloessen. Bis op d'Gare, do wor de Monni Nécks nüt accord...

Esou eppes kann een nüt vergiessen, well et wor eng Gellecht no derbei ze sin, wann d'Lokomotiv gekeimt an déck Sträpp gezugen huet; wann een huet mussen op d'Sait sprangen, fir dem Donst aus de Féiss ze kommen; wann déi schwaarz Gesiichter erausgekuckt hun, an de Monni an déi aner op engem Trättbriet stunge mat der Hand oder der Lanter ze wénken...

Dir künnt iech virstellen, wéi houfreg ech wor, wann déi aner mech gesin hu mat der Lokomotiv fueren.

Et as natirlech, datt ech da geschwuer hu Maschinist ze gin!

An der Städtgesgaass

Marcel Lamy

Eng aner „Élwenter Geschichtchen“, an deer erzielt gët, wat viru gutt 25 Jor an der Gaass lass war, a wat mir als Bouwen do gedriwwen hun.

Uewen an der Städtgesgaass, bei Medesch Rosali, kënnt se aus dem Tunnel ènnert der Eisebunn un d'frësch Loft, leeft da parallel zur Strooss, bis se déi aner Sait rëm ènnert der Mille verschwénnt. Vun do fléisst se da virun op Moossen, iwwer d'Pafemillen, d'Maulesmillen op Klierf. Zu Élwen heescht se nach „Wolz“, mä vu Klierf u bis op Kautebaach, wou se op d'Wolz stéisst, gët se „Klierf“ genannt.

Et as keng besonnesch Baach vun der ech hei eppes wëll erzielen, si as nët méi grouss a nët méi schéi wéi hir aner Schwësteren am Land, hiert Waasser as vläicht nët grad sou knaschteg. Déi Zäit war d'Städtgesgaass zwar nach nët kanalisiert, an den Oflaf aus der Kichen an dem Buedzümmer, dacks souguer direkt vun der Toilette, as einfach an d'Baach gekéiert gin. Sou konnt een nët soen, datt d'Waaser ganz hygiénesch war, mä et as jiddefalls kee Mazout a keen anere chemischen Dreck dra gekéiert gin, ofgesi vun dem bëssche Sefepolver, wat een deemoools gebraucht huet, d'Bach huet op alle Fall alles gutt verdaut, an hiert Waasser wor kristallklor.

Am Hierscht an am Fréijor, wann et mol ganz vill gereent huet, as et och virkomm, datt d'Baach d'Waasser nët méi all gepackt huet, an et as alt mol bis op d'Strooss luusse komm. Awer dat war nët dacks de Fall. D'Baach läit jo vill méi déif wéi d'Strooss, an et huet dofir scho wiirlichech ganz schlëmm misse renen, bis d'Waasser iwwergelaf as.

An der Mauer, déi laanscht d'Strooss leeft, sin ènnen, gläichens dem Buedem, op engem Ofstand vun ongeféier 20 Meter, Lächer, duerch déi d'Reewaasser oflafe kann. Mä émgedréit as d'Waasser och heiduerch op d'Strooss raus komm. Duerch dës Lächer si mir, als Kand, da moosse gang wéivill Zantimeter d'Waasser nach vum Bor vun der Strooss wech wär, an dann hu mir gewett, wéini datt et dann op der Strooss sténg.

Eydtens hiert Haus loug bëssche méi déif wéi d'Strooss selwer, a sou haten si scho ganz dacks d'Kitchen ènner Waasser stoen, och wann een op der Strooss nach näisch gesin huet. D'Waasser as ganz einfach duerch den Offlossrouer an d'Haus gelaf, an duerch e Grill am Buedem as et da raus

komm. Wann et rëm drop an dru war, datt eng Iwwerschwemmong sollt entstoen, da koum den Här Eydt d'Noper ruffen, an si hu gehollef fir d'Miwwelen aus der Kichen an aus der Stuff op hëlze Klétz ze setzen.

Awer all dës Iwwerschwemmonge ware Spillereien am Verglach mat der Sëndflut, déi am Januar 1945 war. Dat war déi Zäit wéi d'Preisen sech fir gutt hu missen zréckzéien, an an hirem blannen Äifer villes futti gemaacht oder gesprengt hun. Sou haten si och dee groussen Hotel gesprengt, deen deemools op der Platz bei der Gare stong. Wéi dëst grousst Gebai dun deelweis an e Koup gefall as, sin déi déck Steng rof an d'Baach gefall an d'Wasser as op puer Meter héicht gestaut gin. Fir d'éischt as et némme lues a lues geklomm, mä well déi ganz Städtgesgaass an engem Lach läit, as d'Baach e richtege Séi gin. D'Haiser sin émmer méi am Waasser verschwonn, an zum Schluss stung et bis 60 Zentimeter um éischte Stack. D'Leit hun um ieweschte Späicher gehaust, an duerch e Lach am Dach sin se iwwer puer Brieder an de Bierg hannert den Haiser geklomm. Dat war déi eenzeg Méigelechkeet fir aus dem Haus ze kommen. D'Miwwelen awer, déi se nët méi mat Zäit op de Späicher geplënnert kruten, déi sin ènnen am Waasser geschwomm. Et war déi Zäit och nach schwaarzkal, an 't huet an d'Waasser gefruer. Méi wéi 6 Wochen huet et gedauert bis d'Leit aus dem Duerf d'Steng all op d'Sait geräumt haten, an d'Waasser ganz zréck gaangen as.

Een deen dës schwéier Deeg mat erlieft huet, dee krut een hellege Respekt virum Waasser, a sou as et gutt ze verstoen, dat méng Mamm och haut nach d'Waasser fäert.

Gott sei Dank, läit dëst trauregt Kapitel scho laang zréck, an ech hat déi grouss Chance fir et nët misse mat ze erliewen. Mä d'Waasser huet awer och an eiser Kannerzäit eng wichteg Roll gespilt; wéivill Stonnen hu mir als Kanner an, an ém dës Baach verbruecht?

Wéi mir nach ganz kleng waren, huet de Papp eis mat der Hand geholl fir „d'Wässerche“ kucken ze goen, a mir duerften och puer kleng Steng dra geheien. Puer Jor drop, wéi mir du lafe konnten, si mir eleng bei d'Baach gaang, an eis Elteren, hun eis gepriedegt mir däerfte nët ze nobäi goen, well soss kéim de Kropemann, an e géif eis an d'Waasser zéien.



D'Städtgesgass am Waasser, Januar 1945

Wéi mir bis an d'éischt Schouljor gungen, haten déi grouss Bouwen eis séier opgeklärt iwwer déi Affär mam Kropemann, a mir si mat hinnen an d'Baach spille gaang. De Summer duerch war d'Wasser meeschtens och sou niddreg, dat ee roueg derduerch goe konnt, ouni datt een d'Box naass krut. Vun uewe vum Tunnel si mir mat plakege Féiss derduerch gefatzt, bis déi aner Säit bei d'Millen. Heiensdo och mol e Stéck énnert d'Mille ran. Hei war et nüt sou däischter, well 't huet een émmer een Ausgang am A behalen. An den Tunnel énnert d'Eisebunn hu mir eis awer nüt getraut ran ze goen, well dee war vill ze laang an dora war et och stachdäischter. 'T huet zwar keen zougin, datt en Angscht hät, mä mir haten d'Geschicht vum Kropemann dach nach a gudder Erënnerong.

Quesch duerch d'Baach hu mir Steng getässelt an d'Wasser gestaut fir eis Schéffelcher schwammen ze loossen. Déi Grouss hun och alt mol e Millerad gebastelt, an hu probéiert fir et un d'Dréien ze kréien. Et konnt ee wiirklech sou vill schéi Spiller man, a mir hun eis dacks gefrot, wat

déi aner Kanner eigentlech spiller, déi keng Baach bei der Dir hun.

* * *

An der „Wolz“ waren awer och Fësch. Déi Zäit wéi mir an der Gaass gewunnt hun, war et verbueden op dem Stéck Baach vun der Städgesgaass ze fëschen. Fir wat, dat weess ech haut nüt méi, mä dës puer honnert Meter vun der Baach ware jiddefalls nüt versteet gin, a sou haten d'Frelleñ hir Rou, a gutt Zäit fir déck a fett ze gin.

Mai Papp as deemools hannert den Eisebuntunnel, an de „Kniirche“ fësche gaang. Ech wäerd sou 4 oder 5 Jor gehat hun, wéi hie mech fir d'éischt mat geholl huet, an ech war och direkt „Feier a Flamm“, sou begeeschtert war ech fir dëse schéine Sport. Doheem hun ech mäi Papp a mäi Pätter geplot a gedirängelt, datt si mir dach och sou eng Aangel sollte kafen. A wéi mäint Gesouers dem Pätter ze vill op de Suggong, as hi mir eng laang Rutt an de Bësch schneide gaang. Vir un d'Enn huet hien eng dënn Ficelle gestréckt mat enger Versécherungs-

spéngel drun. Lo hat ech méng Angel, a stolz wéi Oskar sin ech méttes nom Iesse bei d'Baach getréppelt. Fir d'Fesch ze lackelen hat de Pättér eng déck Fritt un de „Kreepche“ gehaang.

Sou stong ech da bei der Baach ze féschen. Ech war némme sou héich wéi d'Mauer an ech hu mol nét gesinn, wat énnen am Waasser lass war. Wann ech da no 5 Minuten d'Angel raus gezun hu, fir ze kucken, ob nach keng déck Frell ugebass hät, war et all Kéiers eng grouss Déception, well et war jo ni eppes drun, vlächt mol béssche Gras. War d'Fritt awer fort, da war ech frou an ech si séier bei de Pättér bei d'Fotell gelaf fir him dat z'erzielen. „Da wor bestémmt eng déck Frell do, déi der d'Fritt gebotzt hat“, sot hien ouni eng Min ze verzéien. „Komm ich maan der na mi eng déck Gromper an de Kreepchen, an da gees de siér hannescht op di selwicht Platz. Dës Kéier fánks de se bestémmt.“

Awer si huet ni ugebass. Et war jo och kee Fesch, dee mir méng Gromper geholl hat, mä si war ganz einfach vum Waasser matgeholl gin, oder si war lass gaang, wéi d'Spéngel hannert engem Schwapp Gras hänke blouf. 'T war jo näischt do, wat se zréckgehal hät.

Eng gutt Stonn hun ech et gepackt, da sin ech ongedélleg gin, an ech si rém nom Pättér kucke gaang. Deen huet scho geschmunz, wann e méng traureg Min gesin huet, awer hie wousst émmer e gudde Rot. „D'Fritte wäerten de Fesch hockt nét schmaachen“, huet hien da gemengt, an hien huet am Keller no engem Stéckelche Speck gesicht, fir op d'Spéngel ze picken. Wéi d'Kiischtzäit koum, huet hi mir och mol eng schéin, déck Kiischt un de Kreepche gehaang, an ech war alt rém fir eng Sténnche roueg.

D'Noopren haten hire Spaass, wann ech stonnelaang bei der Baach stung ze féschen, a wann ech mech da bei hinne géiergert hun, datt ech näischt géif fánken.

Eng Kéier nométtes, wéi ech rém bei der Mauer stong, koum de Poorterse Flépp laanscht mat séngem Hengscht. Hien as e Moment stoe bliwwen, an du freet hie mech ganz am Eescht, op ech dann och ee Permis hät, fir iwwerhaapt däerfen ze féschen. Wat war et mir du baang gin, wéi hie mir erklärt huet, dass et ouni Permis verbuede wär ze féschen, an datt d'Jhendaarmen een direkt an de Prisong setzen, wann se sou een erwéschen. „Dann has de lo na eng Kéier Gléck, datt na kee Jhendarem hei laanst kumm,“ sot

hien, „soss kénnt ich dich lo an de Prisong beséiche kommen.“

Den Dag drop koum hien extra rof fir mir ee vu séngen ale Permiën ze bréngen. Sain Numm hat hien ausgestrach a grouss mäin Numm driwwer geschriwwen. „Hei hass de o ee Permis“, sot de Monni Flépp, „lo kanns de ruig féschen, a braus nét ze fiääerten, datt e Jhendarem dich mathélt“. Wat war ech lo frou. Jiddfereen dee laanscht koum, krut dat Dokument gewisen. Ech hu mech lo gefillt wéi ee grousse Féscher, an datt ech ni eppes gefaang huen, dat war lo némme méi hallef sou schlëmm.

Eng gutt Woch méi spéit, wéi ech rém bei der Baach stong ze féschen, kénnt jo nét e Jhendarem um Velo d'Strooss rof, riicht op mech dur, a bleift viru mir stoen. Mäin Häerz huet geklappt, eent zu dausend, an et war mir nét méi ganz egal. „Wat maache mir dann hei, jonke Méensch“, sot hie ganz streng. „Weess du nét, datt et verbueden as ouni Permis féschen ze goen? Wéi heeschs du iwwerhaapt?“. Mir war d'Häerz bal an d'Schung gerétscht wéi hien ugefaang hat ze schwätzen, mä wéi ech bis héiren hat, datt hie némme mäi Permis wollt kontrolléieren, du war ech berouegt. Ouni ze zécke sin ech an d'Boxentásch gefur, a ganz stolz hun ech him dat zerknautert Schreibes gereecht. De Jhendarem huet alles ganz gréndlech stodeiert an an engem vill-méi gemittlechen Toun sot hien dun: „d'Saach as an der Rei, däi Permis as jo nach nét ofgeruff. A fir wat soen d'Leit dann, hei an der Strooss géif ee Jong Fesch fánken, an deen hätta iwwerhaapt kee Permis? Lo hat ech scho gemengt du wäers dat, an ech misst dech mat an de Prisong huelen. Da fesch nach gutt, an äddi bis eng aner Kéier“, sou sot hien, as op sái Velo geklomm, an nees d'Strooss aus gefuer.

Sou séier wéi ech konnt sin ech bei de Pättér an d'Stuff gelaf, fir him alles z'erzielen, wat mir geschitt war. Deen huet ganz andächteg nogelauschtert a mam Kapp gewénkt, a wéi ech fäerdege war mat Erzielen huet hie gemengt: „Dann has de jo Chance, datt de Monni Flépp der sou e Permis verschaافت hat, well soss kénnt ich der lo all Dag d'Zopp an de Kitche bréngen“.

Wéi mäi Papp owens heem koum, wousst dee schons, wat lass war. No der Aarbecht war hien nach bei Meyressen an d'Wiirtschaft een huelen, an do souz de Flépp mat dem Jhendarem ze protesten, a kee vun denen zwee war méi ganz eleng.

De Flépp, deen hat déi ganz Affär ugestiwwelt, well hien hat de Jhendarem rof bei mech geschéckt, fir mir bësschen Angscht ze man. Déi Zait stong hien uewen hannert der Millen eis nozekucken, an huet sech de Bauch ugehal vu Laachen. A sou hat hien alt rëm ee Grond fir ze feiren a sech eng gutt unzestrécken.

Wéi ech du bëssche méi al gouf, krut ech da raus, datt d'Leit aus der Gaass sech gutt mat mir amésséire géifen, an du war et mat méngem Geféschs aus. Ech wollt nüt, datt d'Noopren de Geck mat mir sollte man, an ech hu méng Angel op de Schapp gedroen.

Lo koum awer eng ganz schwéier Zait. Wann ech sou laanscht d'Baach getréppelt sin, a gesin hu wéi d'Frelleñ duerch dat kloort Waasser geflitzt sin, dann huet et mir émmer rëm an de Fanger gekribbelt, a méi wéi eemol war ech drop an dru fir nees op de Schapp ze klammen, fir méng Rutt sichen ze goen. Awer ech hu mech genéiert, well ech gemengt hun d'Leit géife rëm laachen, an ech hun et si gelooss.

Ganz énnen um Enn vun der Gaass, jhust éi et dee Stouss rop geet fir bei Medesch Rosali, do hu Schweichens gewunnt. Hire Johny war zwar bal 4 Jor méi al wéi ech, mä mir hun eis émmer gutt verdroen, an hu vill matenee gespillet. D'Wiel war och nüt grouss, well zu souvill Kanner ware mir nüt an der Gaass.

Ech weess nüt méi bei wat fir engem Spill oder wat fir enger Geleënheet et war, datt de Johny mir verroden hat, datt hien och géif fésche goen. „Ewer ich fésche nüt wis du, mat enger Fritt. Ich man e Wurem an de Kreepchen, an ich ha scho vill déck Frelle gefongan”, sot hie ganz iwwerleën, an huet mir klor ze verstoe gin, datt hie kee Kand méi wär, an déi Saach ganz seriö géif upaken. Wéi ech him versprach hat kengem Mënsch eppes virun ze verzielen, huet hie mir séng Tricken explizéiert, a gläich eng Virféierung gin.

An der Garage hat hien sech alles schéi virbreet. Op enger Stellage hannert dem Heizungsuewe louchen op d'manst eng hallef Dose Bobine Nylon mat engem Frellekreepche virdrun. Hannenaus am Gaart hat hien eent grousst Amaachglas verstoppt, an deem hien d'Wiirm versuergt huet. Hien huet der puer an eng bleche Béchs gemaach, an du si mir ganz gemittlech bei d'Baach getréppelt. Bei sou enger Anterpris as et ebe nüt gutt, wann een ze vill presséiert an ze

haseleg as, well wéi séier huet een eng Dommheet gemaach a sech verroden.

Uewe wou d'Mauer ugeet, déi laanscht d'Strooss leeft, si mir an d'Baach geklomm, an ongefíer 30 Meter duerch d'Waasser gaang, bis mir op der Héicht vum ale Schluechthaus waren. „Su”, sot de John, „hei as di beste Platz aus der ganzer Strooss. Hei sätzen émmer di meeste Frellen”.

Énnen an der Mauer, nüt wéit iwwer dem Waasser hat hien e Kluef ageschloen, an dorun huet hie säi Nylon festgebonn. Zu béide Säite vun der Baach stong relativ héit Gras, a sou war de Kluef gutt verstoppt. Jhust énnert dem iwweschte Bor vun der Mauer hat hien een zwete Kramp agegeschloen. Dorun huet hien de Rescht Schnouer opgehang. Vun der Strooss konnt hien da spéider gutt bis dru reechen.

Wéi mir rëm uewen op der Strooss bei der Mauer stonden, zitt de John séng Këscht mat de Wirm aus der Boxentäsch a pickt een extra décke Borscht op de Kreepchen, a scho gong d'Geféschs lass. Sou einfach war dat.

Et huet zwar eng Zaitche gedauert bis d'Féisch sech rëm berouegt haten, well mir haten se bësschen erféiert wéi mir virdrun duerch d'Waasser geschlach waren. Némme lues a lues sin se nees op hir al Plazen zréck komm. Énnert dem Gras, do souzen se am léifsten. Well mir ouni Angel geféscht hun, konnt de John nüt richteg ageheien, mä dat war och mol nüt néideg. D'Féisch haten de Wiirmche séier erbleckst. Déi eenzigst Gefor war némmen, dat de Kreepche sech am Gras verfanke kénnt. Dorop musst de Johny gutt oppassen.

Hei koum och schons déi éischt Frell énnert dem Gras raus luussen. Si as puer mol rondërem de Wuurm gekreest an huet och mol bësschen dru gezibbelt. Am Ufank hätt ee kénnte mengen, 't géif hir näisch u sou engem Wiirmche leien oder si hätt kee richtegen Appetit. Bis op eng Kéier se dach richteg nom Wuurm geschnaapt huet a gläich ugesat huet fir fortzeschwammen. Dorop hat de John gewaart. Hien zitt eng Kéier un der Schnouer a schons war eisen éischté Féisch gefaang. Mond a Äe si mir opstoe bliwwen, wéi ech gesinn hun, mat wat fir engem Talent a mat wat fir enger Rou mäi Kolleg geschafft huet, an 't gesouch ee gutt, datt dëst nüt den éischté Féisch war, deen hien op dës Manéier gefaang hat.

Nodeem hien sech iwwerzeeght hat, datt d'Loft propper wär, a kee Mënsch eis géif nokucken, huet hien dat Déier ganz lues erbäi gezun an du ganz gekonnt aus dem Waasser gehuewen. Fir et lass ze man war allerdengs nüt sou einfach, well d'Frell hat dee ganze Kreepchen ofgeschléckt. Laang konnt hien sech awer nüt ameséieren fir de Krop lass ze kréien, well alles musst jo séier, séier goen. D'Frell krut eng gehéireg iwwert de Kapp, a mam Täschenmesser huet en einfach de Nylon duerchgeschnidden, an éi ech mech émsin hat, war hien hannert hirem Haus verschwonn.

Ech stong nach émmer bei der Baach ze staunen, wéi hie scho rém aus der Garage zréck koum. Alles war sou séier gaang, a mir waren allebéid sou gespannt gewiest, datt mol keen e Wuert geschwat hat. Ech hätt bestëmmt och guer náischt ze soe kritt, well, wéi ech hien am Ufank dët an dat froe wollt, hat hie mir ganz kuurz geántwert: „Séf lo ruig, mer han hei kéng Zéckt fir vill ze tozen. Kuck lo némmen no, derno kanns de mich froen. Mer mussen eis tommelen, well beemol kënnt d'Joffer Lilly oder den Här Geiben op d'Dir, an da se mer aageschmiert“.

Séier, a mat gekonnte Gréffer huet hie gläich een neit Stéck Nylon, mat engem Kreepche virdrun, un déi al Schnouer geknëtt, an de nächste Wuurm as buede gaang. Alles huet sech d'selwecht ofgespillet wéi virdrun. D'Frell koum rém kucken an huet bëssche mam Wuurm gespillet. Deen huet natiirlich kräfteg gestruewwelt a sech gutt gewiirt. Awer 't war émsoss.

Dëse Fësch war allerdéngs nüt grad sou verfrosse wéi säi Kolleg virdrun, an hat nüt alles ofgeschléckt. De John konnt him de Kreepche fein aus der Maul huelen, ouni ze rappen oder d'Déier misse futti ze man. „Hei, dro ménger Mam se siér an d'Kitchen“, huet hie gepëspert „ich man déi Zéckt na alles lass“.

5 Minuten drop si mir schon rém mam Velo duerch d'Gaass gerannt. Eist Mëttegiessen hate mir am Dëppen, a keen hat eis beim Brakonnéieren erwëscht. Déi ganz Vakanz duerch hate mir wéinstens zweemol d'Woch Fësch op eiser Menüskaart stoen. Mir hun et souguer fäerde bruecht fir puer Frellen an engem Dag ze fänken, sou datt mir nach engem doheem eng Freed konnte man.

Wéi ech bis puermol nogekuckt hat, hun ech och selwer däerfte fëschen. De John stong awer

émmer derbäi an huet opgepasst, ob ech och alles géif richteg man.

Meeschtings war et roueg an der Gaass; d'Pappe waren op der Aarbecht, an eis Mammen haten hir Beschäftigong am Haus, a sou konnte mir zwee ongestiéiert schaffen. Ware mir jhust am gaang sou een zolitte Fësch aus dem Waasser ze zéien, an as dann awer, ganz onerwart émmescht an d'Strooss komm, da musste mir extra roueg bleiwen a nüt a Panik geroden. Wéi séier häte mir eis kënne verroden, well d'Fësch hu sech natíirlich gutt gewiert, a mam Schwanz an d'Waasser geplätscht. De John huet mir da séier de Nylon aus der Hand geholl an hien huet probéiert fir d'Saach dach nach an d'Rei ze kréien. Wann d'Frell jhust ee Moment roueg wär, huet hie séier bëssche Nylon nögin an dann de Rescht Schnouer einfach an d'Baach gehéit. Meeschtings waren d'Fësch da roueg, well jo kee méi un der Schnouer gezun huet, a si hun eis nüt verroden. Fortschwamme konnten si awer nüt, well se jo énnen un der Mauer ugestréckt waren.

Da stonge mir wéi zwee Engle bei der Mauer ze diskutéieren, oder mir hun eis soss eppes afale gelooss. As deejénigen awer op eis dur komm, da si mir him einfach entgéint geträppelt fir vun eiser Plaz fort ze kommen, oder mir hun direkt e Gespréich mat him ugefong, fir e sou séier wéi méigelech op aner Gedanken ze bréngen.

Réischt wann d'Situatioun sech da berouegt hat, si mir mat eiser Aarbecht weider gefuer. De John as dann an d'Baach geklomm an huet de Fësch raus gezunn.

D'Madame Schweich huet eis da mëttes d'Frelle gebroden, a mir hun eis se gutt schmaache gelooss. Besser hätt, eiser Menong no, kee Fësch kënne sin, zemol wou mir eis e selwer, an énnner sou schwéire Konditiounen gefaang haten.

D'Sousi, Deckelsmouk

E. S.

Eng Zäit vun hire jonge Joëren huet d'Sousi bei Tours am Frankräich zoubreucht. Do war se ee waarme Fréijoërsdag an engem Muer aus engem Ee erausgekroch, an du war se op der Welt.

Wi et en etlech Joëren hat a schons esou déck wi eng Fauscht gi war, huet ee Juegdhond et opgespiirt, et a séng Maul geholl a sénger Meeschtesch apportéiert.

D'Madame Croisé, esou huet déi geheescht, huet dat komescht Déier mat heem geholl. Well si hat héieren, d'Schüllkrotte géifen an de Gaarden d'Schleke friessen. An deer hat d'Madame Croisé vill ze vill.

Den Här Croisé huet dat drolegt Déier „Sousi“ genannt, wëll 't as esou steif a schwéierfälleg do gaang wéi séng al Mattant, déi Suzanne geheescht huet.

D'Sousi huet och fläisseg Schleke gefaang a Wirem geschlabbert Ma, 't huet och nach aner Saache gemeet. 'T as am Gaart dorëmmer gedréint an huet un den Äerdvier genaschelt. 'T huet mat séngem haarde Gebeck an di jonk Zalot gefacht an di jong Muurtestécker mat séngem Panzer niddergedréckt a sech dobei och nüt émmer propper gehal, well 't huet jo de Summer duurch völleg gefriess.

Wi d'Sousi schons esou déck war wi zwou Fäisch, du krute Croiséen enker Besuch aus dem Grand-Duché, de Jhéng vu Rolléng a séng Fra d'Liss.

De Jhéng vu Rolléng hat Senn fir komesch Saachen. En huet sech dat Déier alt émmer bekuckt, wann se am Gaart giess hun. Esou éng déck Deckelsmouk hat hien nach nüt gesin.

Wi d'Madame Croisé dem Koséng sái Spaass en uecht geholl huet, as hir éng Iddi komm. Dat géif ee bëllekt a wuel och wëllkomment Geschenk fir di Létzebuurger do, huet si geduecht an a sech eragelaacht.

A wi Brécks vu Rolléng erëm heemgefuer sin, hat de Jhéng d'Sousi an engem Kierfche sätzen, an esou koum d'Sousi vun Tours mam Zuch no Rolléng an de Mierscherdall.

Brécks Jhéng hat och ee grousse Gaart, an en huet Hëllef gebraucht géint d'Ongeziwwer.

Zu Rolléng huet sech geschwënn di selwecht Fro gestallt wéi am Gaart zu Tours. D'Sousi as dorëmmergaang, gaang riicht aus wi een Tank, an 't huet op séngem Wee alles ewechgedréckt, wat

nüt ganz fest stong: alt emol e jongt Heet Zalot odder een zaarte choux-fleur.

Natiirlech huet dat der Madame Brécks nüt eeschlech gefall. Wi d'Sousi de Summer duurch émmer méi onroueg gin as, huet di Rollénger Madame fond, d'Sousi wir ee proppert Geschenk fir hir Kusin aus der Stad, d'Madame Roller.

Bei deem éischte Kaffi, deen déi gin huet, as d'Sousi op Bellevue aplaz vu Schockelasknipperchen offeréiert gin. An trotzdeem war d'Madame Roller richteg frou iwwer dat Geschenk, wëll si hat all Déiere gär, a Knipperchen huet se deen Dag nach zweemol kritt.

D'Madame Roller huet iewer nach nüt vill vun de Schüllkrotte verstan, well se sech nach nüt mat esou éngem Déier ofgin hat.

Fir deen éischten Owend huet se d'Sousi – deen Nuem war mat geschenkt gin – an hire Gaart gesat, wëll 't sollt jo grad do séng Nétzlechkeet weisen.

Am Stater Gaart huet d'Sousi alt grad gemeet wi iwwerall virdrun. Mécken a Schleke gefaang, och alt Gras an Zalot genabbelt, duurch d'Aérdvier gewalzt a sech heinsdo nüt ganz propper gehal. Well éng Souselis Toilette war jo nüt opgeriicht gin. D'Souseli hätt sech och nüt dru gehal.

D'Madame Roller wollt dat onrouegt Déier iewer besser kenne léieren. Si huet him énnert dem Ramboursbam ee Park mat Maschendrot gezammert. Dodran as Gras a Kléi gewuess, Saachen, déi d'Sousi verziert huet, wann et näischt anesch hat.

All Muerent huet d'Madame Roller hirem neien Déier och e klengt Heet Zalot oder Zaloteblieder an de Park geluegt, an der Äerdvierzäit och emol ee Kär Äerdvier. E bësse Fleesch hat et och gär. Dat hat d'Madame Roller erausfond, well se d'Sousi enker mat enger Maus an der Maul gesin hat.

Énnerdeems hat d'Madame Roller an engem Buch gelies, an d'Nopesch, d'Madame Fend, hat och esou gemengt, d'Deckelmouke géifen als Ofwiesslong och Brout mat Méllech zousechhuelen.

Also as dat probéiert gin. An 't war esou. A waremen Deg huet d'Sousi duerno verlaangert: d'Brout gequëtscht a Méllech gesuckelt, datt d'Drépsen him zur Nues erauskomm iwwer de Kénn erofgelaf sin. D'Sousi huet sech u Variation am Kascht gewinnt an och un di gutt

Madame, déi him all dat Gutts bruecht huet. Geschwenn huet et némme gefriess, wann d'Meeschtesch bei him sétze bliwwen as an him schéi geschwat huet.

As d'Madame iewer ze fréi fortgaang, fir hirer Hausaarbicht nozegoen, dann huet d'Sousi opgehal mat Friessen an huet hir nogekuckt, esou laang wéi et se konnt gesin.

An da sin d'Spatzen direkt do gewiescht, si hu sech iwwer den Teller mat dem Mellechbrout hiergemeet, an, an nix Komma nix, war den Teller eidel.

Wann d'Spatze bei deem Moolzicht esou fierchterlech gestridden hun, dann huet den Uschi, deen säi Park derniewent hat, ugefang, haart ze billen, fir d'Spatzen ze verjoen. Jee, 't war e richtigen Zodi am Gaart.

Mee, dat huet der Madame Roller nüt vill ausgemaacht. Si wollt der Kusin Siss hiirt Geschenk an Éieren halen an nach besser kenne léieren. Well, wat wir dat gin, wann déi 'n enker op e Kaffi komm wir, an d'Sousi wir nüt méi do gewiescht. D'Tata Siss war doa kriddeleg.

'T as alt nach en etlech Mol Summer gin a meesch déck warem. Dann as d'Sousi mat Záite vum Reefséiwer befall gin. 'T as énnner dem Drot erduurch gekroch odder 't huet probéiert, driwwer ze klammen, as dann erofgefallo, dacks op de Réck an nüt méi opkomm, bis een et opgeriicht huet. 'T huet och alt den Drot op enger schwächer Plaz duurchgedréckt, an 't huet sech op Wanderschaافت begin; huet sech enker d'Mauer eroffale loosst a fort op d'Strooss.

Glécklecherweis hun d'Kanner et an der Wiss niewebei begéint an der Madame Roller erém-bruecht. Dat huet déi alt erém ee Répp Schockela kascht.

Duerophin as méi staarken Drot kaaft gin, 't si Sténg éinne bei den Drot an och soss geluegt gin: déck Sténg, déi d'Sousi nüt konnt ewechdrécken. An dun huet d'Sousi sech dran ergin.

Allemol, wann et September gin as a méi kill dobaussen, huet d'Sousi näisch méi gefriess. Koum dann emol e sonnegen Dag, dann huet et sech aus séngem Haischen erausgewot, säi laangen Hals de Sonnestralen duergehal, wi wann et Wiermt fir di Wanterméint wéilt opspäicheren.

As et iewer geräift odder gefruer, dann huet d'Sousi ugefang, sech am Gaart anzegruewen.

An all dene Joëren hat d'Madame Roller méi

iwwer d'Schöllkrotte gelies a gehéiert vu Leit, déi schons Erfarong haten. D'Madame Roller wosst elo, datt d'Deckelsmouken de Wanter an de Keller sollte kommen, soss wire se an engem kale Wanter drun, an 't fént ee se nüt méi erém; si géifen erkaalt am Buedem vergoен. Mir hätten eben nüt di wodeleg Suppen, wéi dat nach bei der Stad Tours de Fall as.

Am Spéithierscht as also d'Sousi an eng Késcht mat Buedem a Moss gesat gin, awer nüt bei d'Heizong. Well d'Madame Roller hat och gelies, déi Déier bräichten och am Wanterschlöf éng Grimmel Fiichtegkeet ém sech.

D'Fréijoér gouf dann d'Sousi erém a säi Park gesat, an d'Spill konnt erém vu vir ugoën.

Mee, do koumen nach aner Episoden am Liewe vum Sousi vir. Enker am Héichsummer stung den Uschi bei der baussichter Mauer vum Gaart ze billen an ze rosen. A wi de jonke Roller, de Mischi, kucke gelaf as, du metert jo nüt do éng kleng Deckelsmouk, eppes méi déck wi dem Papp séng Fauscht.

War se fortgelaf? Hat ee se lafe geloosst? War se um Mäertche kaaft gi fir d'Kanner an am Haus geschwenn iwwerlästeg gin? D'Madame Roller huet se mol erageholl a bei d'Sousi gesat.

Dat war am éischte guer nüt vrou. Am Contraire: 't as schréi op dat Kléngt duergaang an huet et op de Réck gehäit, eemol, zweemol. Dobei huet et duurch di ronn schwarz Nueslacher bal wi gezischt.

„Och alt énnner den Déier éng Aart Jhalusi“, huet d'Madame Roller geduecht an de Park an zwee gedeelt, bis deen éischten Äifer sech geluegt hat. Wi no e puer Deg eent wi dat anert geroch huet, hu se sech énnnernee verdrón.

'T as erém enker Wanter gin, ee laangen a kale Wanter déi Kéier. Di zwou Schöllkrotte souzen am Keller allebéid an der selwechter Késcht ze schlöfen.

'T gong zou bis den Abréll, éi d'Sonn de Buedem erém richteg endet hat. D'Deckelsmouke sin aus dem Keller gedro gin. Dat Kléngt as nüt méi zou sech komm. 'T war verdréchent. 'T hat nüt genuch Reserven u Fiichtegkeet a séngem klenge Kierper mat an de Wanterschlöf geholl.

Vun deer Záit un huet d'Madame Roller am Wanter de Moss an der Souseliskéscht all Woch enker mat der Hand e wéineg ugenat.

Déi kleng Mouk

Elo war d'Souseli erëm enker eleng, wou et sech awer gewinnt hat, zu zwee alles ze delen.

Ma, am Héichsummer huet sech dat bekannte Spill erëm widderhuet. 'T sin zwou jonk Schëllkrotte fond gin, di eng matzen op enger Landstrooss, grad éi den Auto vun der Madame Roller sollt driwwer fueren; di aner erëm an der Wiss duurch dien treien Uschi, dee sain A a séng Nues iwverall hat.

A keen huet sech am Radio odder an der Zeitung gemellt, fir di Déier erëmzékréien. Esou eppes huet d'Madame Roller nët verstan. Wat war do ze maachen? D'Madame Roller huet se emol allen dräi gehal.

Emmer méi huet se erausfond, datt et och schéin Déiere wiren, an och guer nët esou domm.

Dat aalt Souseli war mat de Joëre vill méi déck gin a méi schwéier. 'T huet no un zwee Kilo gewiën. 'T hat ee Kapp an ee laangen Hals wi eng Schllaang. Am Kapp souzen e puer krälleg Aen, déi alles en uecht geholl hun. As eng Geforkomm, de Kueder oder de geckegen Uschi, wupp war de Kapp an den Hals hanner dem Panzer verschwonn. Wien ugegraff huet, konnt sech némme wéi din, well de Bord vum Panzer stong ewech a war steenhaart. Säi Réck besteht aus elauter sechseckege Placken, an op all Plack si ganz regelméisseg am Sechseck Linje gezun. Kenner behaapten, un dene Linje kënnt een, wi un de Rénk vun engem Bam, den Alter vun de Schëllkrottene erofliesen, Joër fir Joër.

Wann dat stëmmt, dann hätt d'Sousi nach méi wi drësseg Joër. A well et esou gesond a monter schéngt, huet et och nach vill Joëre viru sech. 'T heesch, si géifen honnert a méi Joër al. Ott d'Sousi deer eent as? Wann et brav bleift! Wann et nët fort leeft an énner e schwéiere Kamion geréit. Well dat héil sái klenge Panzer dach nët aus.

Mee, d'Souseli as weis gin. 'T ka vläicht d'Madame Roller iwverliewen a bei denen hire Kanner weider Souseli spilleren.

Eng Mouk déi souz verschotert beim Weier an dem Leem, well hire Freier potert vu Kanner, Egenheem. D'kleng Mouk huet dat nët gären. Si denkt un déi vill Wäsch. An deem Moment vu fären erbléckst s'e jonge Fräsch. Deen as esou gewieweg, sou schick an elegant, sou sportlech, fléck a lieweg, jee, wéi e Mann vu Stand. D'kleng Mouk as ganz verwonnert: „Mäi Gott, wann ech deen hätt! Där Moukemänner honnert géif ech fir deen am Bett!“ De Fräsch hat dat gehéiert, wérft sech nach méi an d'Broscht a seet dann affektéiert: „Op dech hun ech keng Loscht. Du kanns jo mol nët sangen, däin Teint as firchterlech, du kanns j'och guer nët sprangen. Ensing, du grujhels mech!“ De Moukemännchen donnert: „Du agebilten Af! All Dag gin dénger honnert, op d'manst, beim Kaempff verkaf. A géifen 't nët déng Hamen, 't wir keen dee vun dir schwätzt, 't sief dann, a Gottes Namen, vun engem deen sech bretzt!“ 'T gouf eppes wéi e Ploufert. De Fräsch dee wor gebascht, a vun deem ganzen Houfert blouf jhust e Kéipche Knascht. D'kleng Mouk huet gaangs kapéiert: „'T as nët de Schäin deen zielt.“ an huet sech, stracks bekéiert, de Moukejong gewielt.

Gil Mandy

Eng rees, guidéiert vun ale Griichen

Henri Muller

Mer wornen diemools e klenge grupp vu mëmber vum veräin „Les Amis de la Grèce“ zou Loutraki, am Hôtel Apollon installéiert, vu wou aus datt mer tir mouchen an diem émstreech, d.h. um Kanal vu Korinth. Doerbäi lousse mer ès guidéiere vu Griichen, déi all déi grouss-aarteg gebaier, monumenter a paysage mat egenen aë bekuckt haten, an där form ewéi se an der antiker zäit aus-gesinn haten. Eis guide wornen, énnert aneren, den Thukidides, de Strabon, den Dion Chrysostomos an absëns de Periéget Pausanias, diem séng „Hellados Periegeseis“ (engt vun den éischte guidebicher fir touristen a Griichenland) vun de modernen archéologen héich geschat gët, alldatt et keng grouss litteraresch qualitéite weist.

Déi ernimmen, exzellent guide gouwen ès hir posthum explikationounen duerch extract-e vun hire wierker. Mir duechten, némmeesch kénnt ès e méi adäquat bild gi vun diene klassesche plazen ewéi intelligent mënschen, déi se selwer an der Antik gesinn hun. Mer gouwen ès d'méi fir e pur vun hire bicher-passagen op lëtzebuergesch z'iwwerdron, déi mat eisem programm ze dongen haten. Dat wor keng licht saach, a mer lossen dem lieser et ze jugéieren, of al-griichesch texter iwwerhaapt an eis sprooch iwwersat kënne gin.

Dat éischt, wat ès natürlech dohannen interesséiert huet, dat as de Kanal vu Korinth. Elei e pur passagen iwwert den Isthmus, duerch dien en a moderner zäit gebrach gouf. Den Thukidides (5 jh. vru Chr.) schreift:

„....Am ufank vum summer derno, wéi déi vu Chios sech dru-gehal hun, datt d'schëffer séier sollten dur kommen, dunn hun d'Lazédaomonier dräi Spataner op Korinth geschéckt mat dem uerder, se sollten, esou fléck ewéi et géng, hir schéffer vun diem enge mier (dem Golf vu Korinth) iwwert den Isthmus schlefen a se vun däer säit (vum Saroneschem Golf) eenzock op Chios segelen dongen.

Am 3. jh. no Chr. schreift den Diogenes Laërtes vun engem plang fir elei e kanal ze gruewen:

„E wollt och e kanal duerch den Isthmus gruewen dongen.“ Den auteur, mengt elei de Perian-dros, dien am 6. jh. vru Chr. tyrann vu Korinth wor.

De Strabon (63 vru bis 20 no Chr.) seet a sénger „Geographiké“: „Korinth gët als räich u-gesinn wéinst séngem kommerz. Well et läit beim

Isthmus an et huet zwéin hafen. Doërvunner as dien een op Asien dien aneren op Italien zou gekéiert. Se man där stad et licht fir den traffik vu wuren téschent zwou plazen, déi sou wäit vun enee leien.“

D'wure konnten am hafe Lecheion um Golf vu Korinth aus dem schéff gelueden an iwwert d'land op den anere korintheschen hafe gefouert, die Kenkrei geheescht huet (um Saroneschem Golf), an do erëm op d'schéff gelueden gin odder och den émgekeierte wee man.

Weider liest mer beim strabon:

„Om Isthmus läit och den tempel vum Isthmeschem Poseidon, am schiet vun engem fichtebeschelchen, wou déi Isthmesch spiller of-gehal gouwen.“

Nach haut as op där plaz e fichtebeschelchen, dien ès un d'ballad „D'Huergänse vum Ibykus“ („Die Kraniche des Ibykus“ vum Schiller) erénnert.

Iwwert d'stad Korinth schreift de selwechten auteur:

„Déi stad as esou situéiert ewéi mer elei weider son: En héije bierg, dien an eng schaarf spétzt aus-geet heesch Akrokorinth. Sain hank am Norden as am géisten. Direkt um fouss dervu läit d'stad op enger véiereckege glecht. Op den anere sáiten as de bierg manner géi. Mee e stécht faméis héich an d'lucht, sou datt een e vu wäit ka gesinn. Uewen op der spétzt steet en tempelche vun der Aphrodité; eng grimmel méi déif kénnt de bur „Peirénê“ eraus, dien iewel keen offloss huet an émmer voll kloort waasser as. Et gët gesot vun elei aus a vun e pur anere waasser oderen énnerem buedem géif de bur vom fooss vum bierg alimentéiert gin, diem sái waasser an d'stad erof leeft. An där stad gët et duerfir kee manktem u waasser, an e sélleche pétzer sin iwwert déi eenzel quatier-e verspreet.“

„Vun der spétzt vum bierg aus kann een am nor-den de Parnass an den Helikon gesinn, héich bierger mat schnéi drop, an och de Golf vu Krissa, dien um fooss vun dienen zwéi bierger glénnert.“

Déi zwéi Peirénê-buren an och den tempelche vun der Aprohdíté kann een nach haut gesinn, a mir hu se och op enger excusioun besicht.

E pur pickeg détailler iwwert d'liewens-moral am ale Korinth verzielt den Dion Chrysostomos (1. jh. no Chr.):

„Wéi den Antisthenes dout wor, du plennert den Diogenes op Korinth. Well en duecht elei (d.h. zou Athen) wir elo kee méi, wou et nach derwäert wir, fir sech mat em ofzegin. Zou Korinth huet en emol keen haus gelount, fir dran ze wunnen, a wollt en och nüt bei éiren-ee friemen zou gaascht gon. Mee e gong an de faubourg Kraneion an d'fräi luucht liewen. En hat jo gesinn, datt eeschtlech vill leit dur koume wéinst den zwéin hafen an den hetären (d.h. dausend fraleit, déi sech an den temple mat maans-leit ofgouwen) an och well déi stad om heepste carrefour vu Griichenland loug. En duecht, datt e mann mat versteestemech misst dur hellefe gon, wou et am meeschten onverstänneger géif gin, fir se ènnert d'lupp ze huelen a se wéinst hirer topegekeet ze vernennen, grad esou wéi de guden dokter dur géif gehéieren, wou am meeschte kranker wiren.“

Den Antisthenes wor de grënner vun der Zyniker-philosophie. De philosoph Diogenes huet am 4. jh. vru Chr. gelieft.

Korinth gouf am jor 145 vru Chr. vum réimesche generol Mummius zerstéiert. Kuurz derno klot den dichter Antipatros vu Sidon iwwert d'destrukioun vun esou vill schéinheet an den eleite versen:

„Wur as, berimmtent Korinth, déng schéinheet vu fréier wuel hi-gaang?“

„Wur sin d'kränz vun den tir, a wur d'trésore vu fréier?“

„Wur sin de góetter hir templen, an d'haiser, a wur sin déi fraen?“

„Déi vum Sisyphos stamen, an d'wull vun de leit an der stad hei?“

„T kann ee mol nüt eng urz méi dervun haut elei fannen.“

„Alles vum krich as futti gerappt a begierlech zerfriess gin.“

„Bliwwé sin némme mir hei, dem Ozeanos séng duechturen.“

„Mir, d'Néréiden, fir d'leed vun der stad elei traureg ze sangen.“

Eppes méi iwwert d'liewen zou Korinth no der destrukioun duerch d'Reimer fanne mer am Strabon sénger Geographiké, déi aus 17 bicher bestong:

„Nodiem datt Korinth laang jore verkomm an eidel do geleën hat, louss de göttlechen Caesar et

erém an d'rei man, well et esou extra gënschteg do läit. En huet erém nei awunnerten dur geschéckt, meescht liberéiert sklaven. Wéi déi d'ruinen opgeraumt an d'griewer duerchwullt hun, fonte se kéip-weis mat reliefter geréschte keramik a bronze geschirer. Et foul en op, wéi artistesch dat alles verschafft wor. Duerfir lousse se kee graf roueg leien, sou datt se där saache masseg ènnert d'hann bruechten a se deier konnte verkafen, an op déi manéier Roum gelleg mat „nekrokorintheschem räichtom“ (d.h. mat wicker aus dem „doudeche Korinth“) iwwerlaf hun. Esou hu se jo dat genannt, wat s'an de griewer gegripst hun, besonnesch d'mustere vu poteri.“

De Pausanias beschreift dat réimescht Korinth, wat hie selwer besicht huet, op déi eleite manéier:

„Wann een aus der Agora eraus an d'strooss vu Lechaion kénnt, da gesait een d'Propyläen, an op hinne vergélte ween. Op engem dervu steet dem Helios sái (=der Sonn hire) fils Phaeton, om aneren den Helios selwer. Eng grimmel méi déif erof éwei d'Propylæ fënt ee rechts eng bronze statu vum Herakles. Hannendrun as den agank fir bei de bur Peirénè, die mat wäisssem marmor geréscht as. Et sin elei fein ausgeschaffte kënschtlech grotte gebaut, aus dienen d'waasser an e baséng an d'fräit eraus leeft.“

Iwwert den Isthmus vu Korinth seet de Pausanias ènnert anerem dat elei: „E stéck vun de Korinther hirem land as och de Kromyon, die sái numm huet vum Kromos, dem fils vum Poseidon. Elei soll d'wéll schwäin Phaia gezillt a vum Theseus dout-geschlo si gin: eng vu sénge faméise prouessen. Wann een nach eng grimmel virugeet, da fënt een niewent dem mier de pinolebam (= eng zort dänne-bam) vum raiber Pityokamptos (= mann dien d'dännebeem èmbéit). Die bam steet elo nach do. Derniewent steet och dem Melikertos sain altor. Elir, sou seet d'legend, gouf den doudeche béifchen (d.h. de Melikertos) vun engem delphin op d'land bruecht. Der so no hätt de Sisyphos en do fond, en om Isthmus begruef a wéinst sénger déi Isthmesch Spiller a-gefouert.“

Um ufank vum Isthmus as dann d'plaz wou de raiber Sinis (och genannt Pityokamptos) dacks zwéi pinole-beem ugepaakt a no ènne gebéit huet. Wann en e passant am duell meeschter gi wor, dann huet en en un déi zwéi gebéite beem ugebonn an d'beem lassgeloss, sou datt s'an

Am Café

d'lucht op hir natirlech positioun hannescht gefur sin. Doerbäi huet giddweree vun den zwéi beem de gebonnenen op sech dur forcéiert an en an zwou halschechte gerappt, well kengt vun de seler nogin huet. Mee op déi selwecht manéier gouf hinnen-no och de Sinis vum „Theseus“ émbruecht."

Mer hun elei keng plaz fir all texter ze zitéieren, déi op eiser rees a fro koumen. Mee de lieser géif mer es wuel wëllen, wann ech em de pleséier vun der erwaarter, résüméierter konklusioun nüt géif vergonnen. Ech änweren duerfir nach séier op séng fro: Wéi as den historique vum Kanal vu Korinth?

Abee, den Isthmus vu Korinth mat engem kanal ze duerchbriechen, dat gouf méi wéi eng kéier probéiert odder geplangt. Well de wee mam schéff ém de Peloponnes erém as e pur honnert kilometer laang, den Isthmus jewel némme 6 km breet. Wéi mer ewell am extract vum Diogenes Laértes gewur si gin, hat de Periandros (dién zou de siwe sagesse vu Griicheland gerechent gouf) ewell am jor 620 d'gruef-aarbechten ufänke gedon. Sou spéider de Julius Caesar, de Caligula, den Nero, d'Venezier, etc. Bis 1893 blouf iewel d'komplett exécution vum projet en doudeche buschtaf.

Charakteristesch fir den ale Griichen hir reli-giositéit sin an diem eleite kontext dem Pausanias séng wierder:

„All déi, déi wélles haten aus dem Peloponnes eng énsel ze man, doerduerch datt se den Isthmus wollte mat engem kanal duerchstiechen, hun hire plang missten opgin. Nach haut kann een d'plaze gesinn, wou d'gegruefs ugefaang gi wor. Se gin némmen esou wáit bis d'fielzen ugin, wou och nüt emol en usaz vun aarbechten hir spure gelooss huet. Jo, den Isthmus as a bleift bei séngem natirlechen aspekt. Och den Alexander, dem Philipp (vu Mazedonien) sái fils, die wollt e kanal duerch de bierg Mimas a Kleng-Asié gruewen dongen, konnt mat der aarbecht nüt viru-kommen. Den Orakel vun der Pythia huet d'Knidier forcéiert opzehalen, wéi s'am gaang worn de buedem ewechezschéppen. Esou quokeleg as et fir de mënsch, wann en de göttlechen dispositiounen entgéint schafft.“

Erféischte de 25. Juli 1893 gouf de sechs kilometer laange kanal vu Korinth inauguriert.

Hei as eng egen Atmosphär,
 't huet nüt jiddreen se schrecklech gär:
 Gerieds, Getéins a Grieserkank,
 Gegecks, Getoz, Tubaaksgestank.
 Do spinnen hirer mat der Kaart,
 hei sétzt een deen op d'Freiesch waart,
 en aanren dee vill Dréppen drénkt
 an een deen dacks nom Garçon wénkt.
 Hei een deen eng laang Kéisschmier ésst,
 do een deen séng béis Frächen zésst.
 Am Eck do huckt eng lëschteg Band,
 a vis-à-vis e bildschéint Kand.
 Erlaabt, datt ech e „Stop“ lo man.
 Ech kucke grad a gréngblo An,
 gesin e kiischteroude Mond,
 a seideg Hoér, laang a blond.
 Ech sin ewech! Sid mir nüt béis,
 dat Kand as wiirklech einfach séiss.
 Lo laacht et och. Ech gi verréckt.
 Et schéngt wéi wann déi Saach hei gléckt.
 Dabal! Dat Laache gëlt nüt mir,
 well hanneru mir, an der Dir,
 do steet e jonken, schmocken Hecht.
 – Sou gët een aus dem Dram erwäch.

E gudde Schlof

Wanns de owes,
 iirs de schlofe gees,
 dech eng leschte Kéier nach am Spigel bekucks,
 an du kucks der riicht an d'Aën
 – du bas jo eleng an 't si keng Zeien derbäi –
 an du géifs deen Typ do vis-à-vis acceptéieren
 dái Papp,
 dái Fiss,

[als:

dái Brudder,
 dái Frénd,
 dái Chef,
 dain Noper.

Wann s du dat kanns
 – nawell mat e puer Reserven heiando –
 da géi schéin an d'Bett.

Da brauchs de an der Däischtert nüt rout am
 [Gesiicht ze gin,
 da geet de Schweess der och nüt aus,
 well du brauchs dech nüt virun dir selwer ze
 Du kanns da ganz roueg schlofen, [verstoppen.
 onbeschweiert,
 a liicht,
 grad wéi dain Hond.

G. Mandy

Frënd Scharel!

R. S.

Ech muss der eng Neiegkät schreiwen. Hal dech fest un: ech sin an enger Poesie-Schoul. Da kucks de, nedu. De hues richteg gelies. Weess de, d'Poesie muss och geléiert gin; si as wéi all Konscht u gewësse Gesetzer gebonnen. Dat gët dann esou gemaach: mir probéieren, esou ze schreiwen, wéi elo a friemen Dialektsprooche geschriwe gët. Dat as fir äis sou eppes wéi e poéitescht Gewëssen, deem mer gär follegen. 'T gëif ä sech onnéideg de Kapp zerbriechen, wann ä Konformismus dora wëllt sichen. Fir mech as et eng grouss Botz. 'T gät nüt, datt jidderä sech an där poéitescher Landschaft kann ophalen, wou et him gefällt; nän, eis Plaz as do, wou déi aner sin.

Wa gutt Wieder as, gët d'Schoul owes am Fräie gehalen; dann hu mer déi éweg Stären iwer äis, déi do uewe Meeschter sin, an der Poesie awer nüt méi vill ze soen hun.

An der Form vun eise Gedichter kann ech nüt vill Konscht fannen: 't as Prosa an Zeile gereit ouni Gefill fir Rhythmus; engem musikaleschem Ouer muss dat duebel wéi dun.

De Fong vun eiser Poesie as grad gutt genuch fir d'Primärschoul. E Gedicht mat déiwem Kär hu mer nach nüt gezammert; dat wär awer déi bescht Geleënhät, mat denen einfache Mëttele vun eiser Sprooch e bësse Niveau ze beweisen.

Ech hun eisem Frënd Misch, deen sech jo och vill mat Poesie ofgët, dat selwecht geschriwe wéi dir elo. Hei as séng Äntwert: „Mäi léiwen Emil, alles wat s du do léiers, kennen ech; ma, well et mer guer nüt passt, maachen ech nüt mat. Ech hun nüt gär e Mentor (munch aneren och nüt) an ech sin nüt gär un der Gitt gehale géint mäi Gefill. Wann s de mer wëlls e Gefale maachen, da looss mech an där Saach ongeschuer a ménger aler hämeleger Häip! Ech gonnendir jo och däin neimoudesch Gebai; ech kommen ni dra wunnend; schonn eleng d'Fassad seet mer näisch. Ech hun èmmer gemengt, d'Poesie hätt méi mat Gefill wéi mat Léier ze dun. 'T schingt, 't muss än apaart, kerjéis an opfälleg dichten, soss daacht d'Geschreifs nüt vill. Näisch fir ongutt. Ech wünschen eng gutt Nummer mat Diplom“.

Dat schreift de Frënd Misch. Ma da kann e viru säi Poesie-Piedche gon. Wat mir dru läit. Ech kann em nüt héllefén, wann en näisch wëllt unhuelen.

Arwuer an all Gutts! Emil

Hei e Gedicht, dat ech nom neie Ritus probéiert hun:

Matinata
d'nuecht mécht sech ewech
e villchen entwutscht
deem schwaarzen déier
schéiss nüt
o schéiss nüt
op de villchen
e séngt dir e liddchen
e liddche
séngt en dir
vun der sonn
déi wäit
an dach
sou no
déi all diren
opstéisst
besser wéi deen uergste
wand
an och
d'dir
vun déngem
häierz

Drëtte Lëtzebuerger Litteratur-Kalennner

vum Robert L. Philippart. Kuurz Texter mat Biller vun 12 lëtzebuergeschen Auteuren. Präis 220 Frang. St. Paulus-Dréckerei, Lëtzebuerg. Postscheck 12-12. – Och an de Bicherbuttécker.

All méng Aueren

Ouni mech wëllen ze bretzen, ech hu bestëmmt dräiandrësseg Aueren doheem am Haus, Auere vun allen Zorten a Grëssten, Guckucksauer, Weckeren, Aarmbandauer, eng Standauer, Aueren énner Glás, Auere mat Batterien, gélener, sélwerer, blechener, Reesweckeren, Täschenueren an eng Sandauer mat hellgielem Sand. Eng gutt hallef Dosen hun ech fir d'Houchzäit geschenkt kritt, fënnef hun ech der géierft, eng an der Tombola gewonn, zwou fond, eng Parti hat ech scho virdrun an déi aner hun d'Fra an d'Kanner matbruecht fir mir a sech selwer eng Freed ze maachen. "Tas nüt gelun, ech sin ee vun dene villen hei am Land, déi émmer behaapten, si hätte keng Zäit an ee vun dene wéinegen, déi ni Zäit hun. Sief et well e Guckuck sech verklemmt huet oder well iwwer Nuecht eng Batterie eidel gin as, zesoen all Dag, wann ech vun der Schicht kommen, seet méng Fra:

Kuck nach séier no der Auer an der Bakes! oder:
Laf nach bis bei de Wecker an d'Buedzémm!

Gewéinlech sin et némme Klengegketen, déi ech nach viru siwen an d'Rei kréien, well all owes ém siwen, wann d'genée Zäit iwwer de Radio kénnt, steet méng Fra an der Kichen op engem Stull an iwwerdeems wou ech jäizen:

Beim drëtte Gong as et genee....!, réckelt si d'Zäre vun de Kichenauer; uewenop sëtzt eisen Eelsten hannert engem zwete Radio, deen e sech extra vu séngem Täschegegold dofir ugeschaift huet, d'genée Zäit duerch d'Kummeren ze ruffen, wou de Mark, d'Germaine an de Pitt déi verschidden Auere kontrolléieren. Op déi Manéier kann ech mäi Kapp a Rou leën. Éierlech gesot, bis haut huet méng Freed nach nüt ofgeholl, déi ech all hallef Stonn spiren, wann d'Aueren am ganzen Haus ufänken ze schloen, ze lauden, ze sangen an ze ruffen.

Iwregens stéet an all Zémmeng eng kleng Këscht mat deem néidege Geschir: Turnewisse vun allen Déckten a Längten, propper Fatzen, Uelechskännercher an souguer eenzel Ersatzdeler. Eisen eelste Bouf féiert mat vill Verstees-demech eng Lëscht, déi ech selwer énner Méi a Schweess scho viru Joëren zesummegestallt hun, dorop stin d'Zäiten agedroen, wéini déi verschidden Aueren opgezun, gëuelecht oder no gekuckt musse gin. Mat déser Lëscht versichen ech sou gut wéi et geet, eng gréisser Katastrof ze verhënnernen. Ouni mech wëllen ze bretzen, ech hun eng kleng Anung vun Aueren.

Roger Manderscheid



Trotzdeem sin ech keen Auermécher.

Niewent dem Bett, op méngem Nuetsdësch trëlle scho laang zwéi Weckeren, déi némme méi gin, wann s'um Gesiicht leien. Ech hat s'eng Kéier samschdesnomëttes ganz ausernee geholl, mä méng Konscht huet do opgehalen, wou déi ganz reng Riedercher a Fiedercher ugefaangen hun.


"T sin der bal wéi den Néckel, sot méng Fra.

Den Néckel as en ale Schoulkolleg. En huet wuel en Diplom als Arschitekt, mä bis haut nach keng Plaz. Fir d'Zäit doutzeschloen, liest en. Vu muerges bis owes. A méng Bicher, déi ech em kéipweis dohinner droen. Hie liest vill, mä némmen am Leien.

Vum Sëtze gin ech midd, seet en, soubal ech gaapsen, as et mam Liesen Esseg.

D'lescht owes loug en op séngem Zémmeng dee laange Wee um Bauch Gromperenzalot z'issen. Lee dech mat un, sot en.

Nee, merci, sot ech, vum Leie gin ech midd a wann ech gaapsen, kann ech nüt richteg knaen.



Ënnerwee fir heem as méng Aarmbandauer stoe bliwwen. Wéi ech se du wollt opzéien, hat ech op eemol d'Riedchen am Grapp. Ech hu misse laachen. "T war zwar eng eler Auer, mä zénter drësseg Joér hat se mech nach nüt eng Kéier am Stéch gelooss. Ech wollt se dee sel-wechten Owend nach flécken, mä méng Méi war émsoss.

Si huet hir bescht Eér geluegt, sot méng Fra, kaf der eng nei, eng schéi modern, weess de, deer eng, déi den Datum weist.

Jo, sot ech, well ech war midd, jo, ech kafen eng nei. Muer kafen ech mer eng nei.

Deen aneren Dag awer hun ech déi al Auer a Seidepabeier agewéckelt, fir se mat an d'Groussgaass bei den Auermécher ze huelen.

Dat as alles scho laang hier. Haut geet méng al Aarmbandauer nees wéi émmer, op d'Sekonn. Just d'Weckere gi mer op de Su, wann ech owes nach wéll eng Grétz liesen. "T bleibt mer dann náischt anescht iwreg, wéi se ze huelen a baussen op d'Trap ze droen, nüt ze wáit ewech, dass ech se muerges rabbelen héieren, awer dach wáit genuch, dass d'Getécks mech nüt méi rose mécht.

Bis méng Fra mat der Iddi kum, doranner sin d'Fraen onheemlech.

Du kanns émmer emol probéieren, sot se, lee se ém.

Ech hun et probéiert a war paff, allen zwéi sin se stoe bliwwen.

As dat dann nüt fir d'Flemm ze kréien?

De Monni Tidor

"T as dach wouer, wann et heescht, de Monni Tidor huet sech ewell sou laang schon nüt méi hei gewisen, 't gët héich Zäit, dass ee vun eis no him kucke geet, émmer as et u mir. Souguer wann de Monni Tidor krank as, muss ech dru glewen, ob ech wéll oder nüt. Da kann ech owenterlaang an der Stuff hannert dem Kontoar stoen Humpen ze zapen an dem Gesabbel van de Bauer en nozelauschteren: Dobái muss ech dann nach d'Kaze fidderen, d'Iesse kachen an dem Monni Tidor verzielen, wat déi doheem iwwert hie soen. A méng Aufgab fir de Kolléisch schreiwen. Oder ech muss mat Rammi spinnen, wann et nüt opgeet, oder Késcht oder Skat. As dat dann e Liewen?

Vill léiwer ging ech owes duerch d'Béscher goen, bis uewen aus bei d'Stäckelter Muer, wéi ech et soss émmer gemat hun. "T as scho laang hier, dass ech d'Frásche fir d'lescht héieren hu quaken.

Mái Monni Tidor mécht sech et ower och eng Grétz einfach. All Woch as hie wéinegstens eemol krank. Sou krank, dass en am Bett muss leien.


Méng Liewer, Emil, seet en, méng Liewer. Pass mer jo némme gutt op déng Liewer op. Wir ech némmen e puer Joér méi al, ech ging him d'Liewer unhänken. Mech geséich hien nüt méi sonndecherlaang am Zigerettendamp séng schmudeleg Kelen opriichten.

Ech mengen, d'lait him och nüt ganz vill u sén-gem Geschäft. "T kënnt alt vir, dass en hannert dem Uewen an der Fotell läit ze schlafen, wa Leit erakommen. E ging sech dann nüt hiewen, fir keng gélle Kou.

Zap der selwer een oder géi bei den Noper, grommelt en dann téschent den Zánn, dréit sech op déi aner Sait a schnaarcht wéi eng Seemaschin. Trotzdeem huet en d'Stuff émmer voller Leit sätzen. Hie schétt d'Wäipatt voll bis uewen hinner a pufft jiddferengem, ob en e kennt oder nüt. Hei and do gët en esouguer eng Turni zum beschten, némmen an deem Fall muss e gutt opgeluegt sin, an dat kënnt nüt dack vir. Och ouni dat kennt en et fir d'Bauere gespréicheg ze kréien, a méi wéi eng Kéier sätzen se do vum Wieder a vun de Gromperen ze schwätzen, bis laang no Feierowend.

A séngem Liewer huet de Monni Tidor nach kee Streech geschafft. Dat gët hie selwer zou.

Ech ging mech schummen, wann dat eng Lige wir, sot e scho méi wéi eemol.



Fir wat sollt hien och vill schaffen? Wéi säi Papp gestuerwen as huet de Monni Tidor e schwéiert Haus göierft, mat Lännereien, déi um ganze Bann dorëmmer leien.

Wann ech eppes ze mauflen hun, wann ech hon-gereg sin, dat geet mer duer, seet en.

Ech verstin déi doheim nüt, déi èmmer soen, de Monni Tidor wir knéckeg oder wie wéisst, e wir och vläicht sou aarm wéi eng Kiircemaus? Séng Lännereie wire scho vläicht laang verschélt? Dat as alles nüt wouer.

D'lescht freides, wéi ech him d'Iessen op d'Bett gedroen hat, huet de Monni Tidor mech op eemol mat sénger Tatz op d'Schéller gefacht, dass ech ee Moment gemengt hun, ech geséich d'Männercher. An dunn huet e mer eppes gesot, dat ech mer mol nüt am Dram virgestallt hat:

Emil, sot en, Emil, mäi Jong, wann ech eng Kéier stierwen, kriss du de ganze Buttéck hei, du eleng, mat alles drém an drun, d'Wiirtschaft, d'Kelebunn, d'Haus do iwver mat deem schéine Gaart an all méng Lännereien.

Ech stung do wéi e Päerd op engem Duxall.

An all méng Lännereien, héiers de nüt, sot en du nach eng Kéier. Zwielef Hektar, Emil, bedenk der dat, zwielef ganzer Hektar. An elauter gudde Buedem. Du brauchs sénger Liewen nüt schaffen ze goen. Du Hond do.

Ech hun de Monni Tidor op d'Bake gekësst, wat as mer anesch vill iwreg bliwwen, mä wéi ech nuets èm dräi Auer heem gaange sin, hun ech bei mir geduecht:

Wat maachen ech am Fong mat enger Wiirtschaft, enger Kelebunn, engem Haus an zwielef ganzer Hektar Lännereien?

Elian

ECH sin un allem schold
ech weess
d'lescht wéi e Stär gefall
ech hun och dofir konnt

't gesait een sou munches am Liewen
et geet ee ganz liichtschaz derlaanscht
ma hues de selwer Misär a Leed
da spiirs de wéi wéi et dir deet

Weess de wat Falschheet as
dat muss de matman
et as wéi e fele Spraass
dee brécht, wann s de grad drop bas

et huet e munches gesin
dat hält een sou hin
et spiirt ee jo näisch
ma tréfft et dech selwer emol
da weess de
da spiirs de
wat s de nüt wolls verston

wann ech kënnt glewen
wat s du mer sees
da wir ech vrou
mä sou
eemol gelun
as zwemol bedrun
wann ech kënnt glewen
mä sou

Hannergedanken

Riedensaarte gin dacks gebraucht, ouni datt een sech Gedanke mécht, wat se richteg soë wéllen. A wann een se dann och nach wuertwierlech hält wéi den Eilespill, dann »as d'Bétschel fett«. Da mierkt een eréischt richteg, datt méi der-hannert stécht, wéi een den eischten Ament kénnt mengen: Wann den Usträicher blo mécht, kritt d'Saach eng aner Nues, wéi wa soss een Handwierker oder Beame blo mécht! Mir sin émmer gäre mat, wann d'Lei »op d'Schépp geholl gin«, sou wéi an der Serie vu Riedensaarten, déi mer fir Iech zesummegestallt hun. Maacht Iech náischt draus a fillt lech nüt getraff; loosst d'Läppen nüt hänken, och wann Der Schneider sid.

Beim Handwierk

Den Usträicher mécht blo
 Beim Braumeeschter as Happ a Malz verluer
 De Mécanicien huet eng Schrauf lass
 De Gäärtner geet kappen
 De Schouster kénnt op de Schlappe gereest
 De Kéifer schléit dem Faass de Buedem aus
 Carossier, schwätz kee Blech!
 De Schneider léisst d'Läppen hänken
 Dem Metzler as alles Wurscht
 De Metzleschgesell läit am Solper
 D'Coiffeur geroden sech an d'Hoér
 D'Coiffeuse fent en Hoér an der Zopp
 D'Néiesch verléiert de Fuedem
 D'Modist kritt eng op den Hutt
 De Klautjen huet den Nol op de Kapp gehaen
 De Bäcker kritt de Broutkuerf méi héich
 [gehaangen]
 De Mëller mécht sech aus dem Stëbs
 De Schräiner huet e Briet vrumb Kapp
 Den Tapissier setzt sech téschent zwee Still an
 [den Dreck]
 De Buchbënner schwätz wéi e Buch ouni
 [Deckel]
 De Schouster a sái Gesell sin iwwer ee Leesch
 [gezun]
 De Schaaschtechbotzer as duurch d'Päif
 De Schmadd as de Mann mam Hummer
 Den Auermécher huet séng fénnef Minutten

Um Bau

Den Anterprënnner baut vir
 De Steemetzer street de Leide Sand an d'Aen
 Den Installateur kann engem e gudden Tuyau
 [gin]
 Dem Leëndecker geet eng Späicherliicht op
 Den Architekt fällt mat der Dir an d'Haus

Zesummegeafaft a presentéiert vum Roger Lugen

Personal

De Gepäckdréier hält alles op déi liicht Schéller
 De Fénsterbotzer wénkt Rauten
 Mam Liftboy geet et de Bierg op
 Beim Holzhaer läit d'Kromm an der Heck
 De Chauffeur kériert dat Bescht vir
 De Camionneur as al gelueden
 De Strossekierer muss d'Blat botzen
 De Louschläisser geet an de Gins
 De Kach huet sái Wésse mam Schaimláffel kritt
 De Garçon huet een op der Pännchen

Employeën

Den Douanier kennt keng Grenzen
 Den Heizer mécht engem den Damp warem
 Dem Lokomotivförer geet den Damp aus
 Den Assistent léisst ee fueren
 De Lampist as keng Lumière
 D'Sekretärin hält kee Blat virun de Mond
 Den Astronom lieft um Mound
 De Pilot fürt an d'héi Luucht
 De Kontabel huet sái Kont
 D'Telefonistin huet eng laang Leitung
 D'Telexjoffer as ausser Rand a Band
 Am Fundbüro huet keen Zivilist eppes verluer
 De Staatsbeamte reit um Buschtaf
 De Schoulmeeschter setzt engem den Téppel op
 [den i]
 De Bannpréiter as nüt vun der Heck gepléckt
 De Fieschter kann een op de Bam dreien
 De Kantuenjer hält een op d'Schépp

Geschäft an Handel

Beim Mëllechmann bottert et
 De Blummenhändler schwätz duurch d'Blumm
 De Geméishändler muss Gréngs gléschten
 Den Uebsthändler kann engem de Wuurm zéien
 De Rousenzichter as séng Noper en Dar
 [am A]
 Den Holzhändler as um Holzwee
 An der Botzerei sténken d'Lompen
 Am Geschäft gët et Buttek
 Am Schonggeschäft geet een an d'Getten
 De Miwwelhändler kénnt do wéi aus enger
 [Liedchen]
 De Banquier hält náischt fir boér Mënz

Artisten

Dem Moler gët et ze bont
 De Porträtiast fällt aus der Rumm
 De Fotograf as am Bild
 De Sculpteur schneit ee Gesicht
 De Komponist geheit d'Kleppelei bei d'Tromm
 Den Dirigent as énner aller Klarinett
 De Solist kritt et geblossen, an dat no allen
 [Nouten
 De Pianist geet fleten
 De Sopran hält dem Tenor de Bass
 Den Trompettist päßt um leschte Lach

Sport a Spill

De Jeér verléiert Schong an Huesen
 De Coureur as platt
 De Jockey klémmt op d'héicht Päerd
 De Reider kritt kee Fouss op de Buedem
 De Schiidsrichter päßt engem op d'Spill
 Den Trainer léisst engem et lafen
 De Féscher bleibt bei der Staang
 Den Zirkusdirekter huet en Af u séngen
 [Elefante gefriess
 De Krupjee huet séng Hand am Spill

Wiirt a Wénzer, Waasser a Wäin

De Wiirt zitt Waasser
 De Wénzer kann engém d'Waasser nüt reechen
 D'Waasser steet dem Schwammeeschter bis un
 [den Hals

Déi gewéinlech Leit...

D'Kächen as kal a waarm gewinnt
 D'Hausfra muss d'Pan klaken
 D'Wäschfra hänkt engem eng op
 De Schnekert muss och an d'Gras bässeen
 Dem Bauer muss ee mat der Scheierpaart
 [wénken

... an déi aner


D'Messerpickerte stiechen énner enger Decken
 De Gefaangene gesäßt matgeholl aus

An der Kiirch

De Koschter hänkt alles un d'grouss Klack
 De Massendénger geet mat sech zu Kouer
 De Kaploun däerf nüt mat dralauden
 De Paschtouer as des Däiwels
 Den Doudegriewer verléiert de Kapp

Doktren a Proffen

Den Optiker werft en A op säi Client
 Den Internist héiert d'Fléi néizen
 Den Ouerendokter läit engem émmer an den
 [Oueren
 De Chirurg fiert aus der Haut
 Den Zäindokter lieft vun der Hand an de Mond
 Beim Psychiater geet et am Kapp un
 De Mathésprof weess den Duebelen nüt ze
 [wieren
 Dem Zeecheprof geet eppes géint de Stréch



De Staatsbeamte reit um Buschtaf

De Cache-pot

All Mutt huet hien erbäigeraaf,
de Mann, wann hien e Kalzong kaaft,
fir dat Wuert erauszebrueden.
Hie gouf alkërs feierrout
vun den Oure bis bei d'Wueden
an huet gewënscht, deen Häremoud
wir och hei an eise Breden,
dee vun de Schotten oder Heden.

Dunn huet hien héiren a verhal,
„cache-nez“ heesch op franséisch e Schal.
Hie koum an d'Stad, eng Woch duerno,
freet héiflech an der Lingerie
fir d'Ennerholz sech e cache-peau
an ziapt an d'Riicht de Boxepli.

An d'Joffer huet nüt laang gezéckt,
si huet hie vis-à-vis
mat séngem Wonsch geschéckt.
Do, an der Quincaillerie
hun Hären d'Leit zerwéiert,
dofir huet ongenéiert
de Mann e Kalzong sech gefrot.
Wéi hien dunn op der Dot
gouf vis-à-vis geschéckt,
huet hie geduecht: „Verréckt, verréckt!“

An d'Moral vun deer Affär:
't as een nach laang keng Damm, keen Här,
wann ee mat friemen Zonge schwätzt,
am beschte Fall as ee verbretzt.

Ëm Allerséilen

Eng sélwreg Biirk erzielt
dem Hierschtwand Spicht ëm Spicht.
Si mierkt nüt wéi dat Gielt
sech an hir Blieder wieft,
wou dat Gringt sech heemlech licht.

Wann aus den Dällte, gro a kal
den Niwwel sech géint Mueren hieft,
verstommt si baang,
well de Wanter sech scho bal
nees ronderëmmer meeschter mécht,
mat bleeché Fanger d'Dalië brécht
an d'Laf, dat diirt verwielst,
duerch d'Gruechte jeet,
wou, stomm verhaang,
der Doud mat sénger Séissel geet.

1981 – Däi Joër

Si hun dech an de Park gesat,
nieft rosa Rousen op eng Bänk.
Däi Bléck war himmelblo a klor,
du hues fir dech eleng geschwát.
Däi roude Pull soutz stramm an enk,
well du has uechtzéng Jor.

Du spills mat engem seidne Band,
mee kriss kee Schlapp gestréckt.
Du liefs an engem frieme Land,
bas wäit ewech geréckt.

Du weess fir jiddfer Steen a Blumm
en egent Wuert, en eegnen Numm.
Du liefs – verlaangers no der Sonn.
Duerch kleesper Hänn rënnt Stonn ëm Stonn.

Kräisch nüt an enger Stad

As Fouer, Kiirmes oder Maart?
Verlueren iirs de
duerch eng Mënschewull.
Ielebéi spiirs de
spatz an haart,
du tréppels matzen an e Pull,

a wells de sou verloosse bas,
a well et der ëm d'Pinschen as,
do bonzlen, ouni Schlag a Stouss,
blénkeg Tréinen, ierzegrouss,
op dain deire seidne Schal.

Du fills dech ausgediirt an al
Ouni dech eng Grétz ze schummen,
wëschs de d'Schnuddel mat der Hand.
Aus de Lichle wuesse Strummen,
an d'Faarwen, déi s de opgedron,
mole, schmire Fal ëm Fal,
wéi bei engem midde Clown.

E Loftballeg dreift fort am Wand.
Du taaschs däi Wee téscht dausend Leit,
mee wat dech d'allermeesch geheit,
lo kanns de Jann a Mann begéinen,
et géif der keen e Schnappech léinen.

Lëtzebuergesch an der Schoul

Jhemp Biver

Dësen Artikel krute mer gescheckt, dee mer publiziéiere kënnten, wa mer wellten; e wir aver ewell am „bulletin syndical, pédagogique et culturel, Ecole et Vie nr 6-7, 1982“ komm. Mir maachen dem Auteur gär déi Freed a loossem him séng Menong a „séng“ Hemechissprooch. Mir wiren aver vrou dozou déi vun eise Membren ze héieren. (Red.)

Ech hätt mäer scho gewünscht, de Gerard hätt sain artikel (Bulletin 4/82) an eiser Hämecthissprooch geschriwwen. Op déi manier kéint ech séng iddiën éischter oafkafen. Hie géng och weisen, datt et him äascht gemengt as mat sénger mammesprooch, datt hien eis sprooch méi wichteg hält, wéi eist schoulgesetz vun 1912 dat mécht.

Déi äanzeg stonn Lëtzebuergesch an der schoul huet am beschte fall eng alibifunktioun fir déi instanz, déi dat gesetz geschafet huet. Et kann och nüt vum léierpersonal verlaagert gin, datt et d'Lëtzebuergesch méi wichteg hält, wéi d'gesetz dat mécht. Op däer aner sät as et méi liicht, eng stonn Lëtzebuergesch bei d'Franséisch odder d'Däitsch derbäi ze huelen, wéi wann et der *e puer* wiren.

Dat gesetz vun 1912 as vun enger élite geschafe gin, déi nüt ganz stoark op dem vollek, dat si dirigéiert huet, séng sprooch gehalen huet (cf. d'situatioun, déi den C.M. Spoo 1896 begéint huet an déi annexionistesch tendenze vun 1918). Dat selwecht kéint än haur nach behoapten, wann à sech drun erënnerert, datt e lëtzebuergesche staatsminister mol op der télèvisioune gesot huet mäer wire „francophone“... an do wonnere mäer als nach, wann doausse vun als geschriwwen, gesot a gemengt gët, mäer géngen all dag vu moës fréi bis owes spéi franséisch schwätzten! Dobái si vill leit hei am länncchen nüt emol „francophile“...

Hätte mäer déi leit, déi un den hiewele vun der politik setzen (endlech) esou wäit, datt si méi wäert génge leén op eis lëtzebuergesch sprooch, litteratur a kultur, da géng et dem léierpersonal bestëmmt méi liicht falen, dat selwecht ze maachen... An engem ament, wou eng auslännerekolone sech 6 (sechs) stonnen vum normale schoulprogramm freeet, fir hire kanner d'méiglechkeet ze bidden, hir mammesprooch a – kultur ze stodéieren (d'EWG gesäit esou saache vir), an engem ament, wou verschidden organisaatiounen de frieren oarbechter ferrem de réck stäipen, wann et em hir rechtert gärt, an deem ament, sou mengen ech emol, wir et déck zäit, fir an als ze goen, fir als ze froen, ob mer nüt méi wäert a gewiicht op als ägen hausmacher kultur, sprooch a literatur misse leé wéi mer dat bis elo gemäit hu. Mer solllten als wiirklech d'Fro stellen, ob eis sprooch a kultur als selwer manner wäert sin, wéi de Fransousen d'Franséisch, den Däitschen hiirt d'Däitsch.. de Portugisen hiirt d'Portugisesch? Odder mengt vläit än, datt als (op eiser mësch) nüt dat selwecht recht zuostat ewéi den auslännern, déi (zoufallig) bái als liewen? (Loosse mer hinnen und iwwerlossen, ob si och eng keier mat als liewe wellen).

Egal wéi, wann am normale schoulprogramm all auslännerkommunitéit hiren ägene programm kritt, gesin ech eng hällewull vu komplikatiounen op als duerkommen, an dat op verschidden niwwoen:

- koordinatioun vun de stonneplangen;
- kompetenzen bei der inspektioun;
- organisatioun vu (mini)klassen fir all nationalitéit an all gemeng?
- schoulpersonal a – sass;
- finanzen an enger zäit, wou um budget vun der (éffentlecher) schoul (a kultur) nees gespuert gi soll;
- integratioun odder segregatioun vum immigrant.

Dat mäascht nëmmen niewebäi. Å punkt sief méi genä énnersicht, den éischten: ugeholl, mer gin den immigrante 6 ston-

ne vum wocheprogramm. Da stellen sech eng rétsch vu froën:

1. vu wat fir enger branche huele mer s'eweche? 2. läeft d'Italiéinesch déi selwecht zäit ewéi d'Portugisesch (fir a beispill ze gin), odder loafen d'friemsprooche laaschtenän? 3. wat maache mäer Lëtzebuerger an däer zäit?

As hei nüt eng geleehnhat, fir eis schoulprogrammen z'iwwerdenken, fir en en neie senn ze gin, fir aner saachen, déi méi gewiicht a wäert verdéngéng (wéi s'es bis elo hun) dran ze kreien? As elo nüt den ament komm, fir eiser sprooch, eiser kultur an eiser litteratur méi plaz am schoulprogramm ze gin?

Wee vun hei un nach weiderliese wëllt, dee muss all fix-an all iddiën (iwwer de schoulprogramm an der primärschoul) fuere loessen a versichen, mat ze denken. Ech gin hei eng iddi an d'diskussiouen, déi eech d'hoer zou bierg stoén dát.

A. Eis kanner denken a schwätzte Lëtzebuergesch, wa si vun der strooss an d'schoul kommen (souquer déi mäascht immigrante kanner.)

Konsequenz: se kënne sech am beschten op *Lëtzebuergesch* ausdrécken an hir gedanke matdälen.

B. Ween eppes ze soen huet, mécht dat am beschten a sénger hämechissprooch, un déi e gewinnt as, déi him vun der long op d'zong kënnt. D'mammesprooch setzt der fantasi keng (sprooch)-grenzen.

Konsequenz aus A) a B): d'schreiwen an d'liese misst kënnten op Lëtzebuergesch gemäß gin. Déi däitsch sproochbarriär géng am éischte schouljoer komplett flaach falen, d'kand hätt manner schwiregkäten, hatt wir nüt esou verklemmt well et nüt ze fäerte brauch, datt de schoulmäeschter odder d'joffer sái saz riicht bét (an énnér émstänn esouger verdreint). An engems kéint d'schoulkand sech ganz a voll op dee wichtige schrëtt vum schreiwen a liese konzentréieren. Et schéngt mäer allemol méi logesch, schratt fir schratt vir ze goën, amplaz datt mer d'alphabet mat enger friemer sprooch an engem zoch verdillege müssen. Odder as vläit än do, dee mengt, d'Däitsch wir keng friem sprooch fir als!

C. No engem, bis zwä joer training mat de buschtawe misst d'schreiwen an d'liesen assimiléiert sin. Da kéint än drun denken, fir e schratt weider ze goen an Däitsch ze maachen. Ech denken, datt et méi einfach as un d'Däitsch erunzegoen, wann ech virdru geleiért hun, méng mammesprooch ze manipuléieren, ze formen wéi ech se brauch. Ech mengen och, datt ech mech besser an enger friemer sprooch ausdrécke kann, wann ech dat scho virdrun a ménger mammesprooch geleiért hun.

D. Déi nächst etapp hääscht dann am 5/6. schouljoer: Franséisch. Op déi manier kéim déi zwät friem sprooch eréischt dann, wann déi éischt engegermoosen assimiléiert wir. Mer kéinten op désem wee de kanner en déngscht lääschten: si bräicht sech nüt mat enger schwéirer friemer sprooch erém ze klappen, an engem ament, wou se déi éischt nach nüt emol hallef verdaut hun. Maache mer als dach näischt vir, dat as dach de wonne punkt, un deem mer haur sou béis ze knoaen hun.

Konsequenz: Wa mer eise schoulprogramm esou op d'kopp dréien, kéint et ganz gutt sin, datt mer d'primärschoul á joer méi laang maache missten. Et misst sech dann och d'plaz fanne loessen, fir è bësselche méi dat ze maachen, wat d'Fransouse „leçon de choses“ an déi Däitsch „Sachunterricht“ nennen. Sou e fach kéint ech mer ganz gutt op Lëtzebuergesch denken. Wat sech dann och maache loosse géng, wir méi plaz fir e studium vun der geschicht vum duerf, vu sénger direkter

Den Nowuess huet d'Wuert

Schreif et op Lëtzebuergesch

Datt eng Weltsprooch wéi d'Englescht an de Kannerschong eng „Bauerent- a Kniechtsprooch“ wor, wéllt haut wuel kee méi wéssen (dem Däitsche wor et d'selwecht). Wee wéisst dann nach an déser Zäit eppes vun de geniale Wicker van engem W. Shakespeare, hätt hie se nüt néiergeschriwwen. Datt et nüt bei eenzle Schriftsteller blouf beweist, datt haut dem Shakespeare séng Wicker, nüt awer d'englesch Sprooch, historesch Monumenter sin. Wee wéisst dann haut nach, némmen iwver d'Pied vun der mëndlecher Iwwerliwwerong, fir Beispill dës Versen:

„To-morrow, and to-morrow, and to-morrow,
Creeps in this petty pace from day to day,
To the last syllable of recorded time;
And all your yesterdays have lighted fools
The way to dusty death. Out, out, brief candle!“
D'Englescht huet sech entwéckelt, nüt némmen am Geschwaten, ma och am Geschriwwenen. D'Englescht vun engem G.B. Shaw as wuel liicht anesch wéi dem Shakespeare säint; ma – grad d'Entwécklong léisst eng Sprooch iwwerliewen. Déi Milliarden Texter, déi bis elo an Englesch gefaasst goufen, vum litterareschen, wéssen-

ëmgéigend; mer hätte vläit och méi zäit, méi dacks eraus an d'natur ze goën, fir op der plaz selwer ekologie (am klengen natürellech) ze praktizéieren; dann denken ech och un dat musesch, dat hautzedags ferrem ze kuerz kënnt.

Konklusioun:

1. Wann den immigranten hir kannen 6 stonnen pro woch hir sprooch a kultur studéieren därfen, an dat an der normaler schoulzäit, entstät fir de Lëtzebuerger e lach, wou en náscht énnerhuele kann, wat fir den auslännere nüt verluer goen däarf.

2. Dat lach am schoulprogramm léissst sech ganz gutt mat lëtzebuergesch sprooch, kultur asw... opfëllen.

3. Doduerch kréich eis mammesprooch méi gewiicht, se kréich vläit erém eng nei chance fir z'iwwerliwen...

4. Odder muss et da wírkelech esou sen, datt mäer némme gutt Lëtzebuerger kénne sen, wa mer selwer fir eis sprooch a kultur náscht iweg hun, wa mer se minimiséieren, eroaf maachen, verhonzen, bedrecksen a beklaken... eleng well déi tendenzen haut de moud sen? As dat nét en droleche vull, dee sain agent nascht beschäisst?

PS: Et wir ganz gutt méiglech, datt deen än, odder deen aner nüt mat mär d'accord as. Dat mécht náscht, dat sen ech gewinnt. Wann ech iewel hei an do äit esou wäit kritt soll hun, datt en iwwert d'roll vun eiser sprooch nodenk, da sen ech scho bal zefriden. Sollt iewel déise pláoyer fir méng Hämmechsstprooch et fäerdeg bréngen, datt mér als bewoest gin, datt eis sprooch onbedéngt méi raum an der schoul verdéngt, da wir ech vrou; a wann... mä loosse mer dat, dofir sen ech eleng ze schwaach...

schaftlechen, vun de Gaassenzeitungen bis d'„Comix“... wat wire si gin, wat wir haut d'englesch Geschicht... hätt kee sech getraut d'„Bauerent- a Kniechtsprooch“ néierzeschreiwen!

Trauen, dat as d'Stéchwuert!

Wat gët fir Beispill elo nach alles op Englesch verfaasst? Fir Beispill dat hei: „There are no gross or histological findings that differentiate swine vesicular disease from foot-and-mouth disease. Lesions in the skin consist of areas of coagulative necrosis with intraepithelial vesicle formation. Additional necrotic foci are present in the tonsils, renal pelvis, bladder, salivary glands, pancreas and myocardium. There is also non purulent meningoencephalitis.²⁾“

Relativiéiere mer dëst op eis Sprooch, da musse mer agesin, datt d'Quell méi bedeitend as, wéi dat wat mer aus e puer vun hire Pétzer erophuelen, datt eis Sprooch wéi eis Minett wuel e relativ déiwen Eisegehalt huet, ma datt, mat deem richete Verfueren si als grousse Räichtem ubitt.

As d'Lëtzebuergesch, wéi der vill mengen, eng aarm an eng „Bauerent- a Kniechtsprooch“? Wuel kaum, am 17. Jorhonnert wossten d'Englännere och nach náscht vun: transistor, holding, trust, crossing-over, laser ... Mer hun also *fir eis Verhältnesser* nach sou munneches virun äis. Eis Sprooch stellt zwar nüt d'Uspréch eng Welt-sprooch ze gin odder d'Sprooch vun de Wëssenschaften, kéint deer Laascht och nüt gerecht gin, ma a *beschädeter Mooss* (!!!) ka se dach eng Grimmel iwwert hir Aarmut erauskommen.

Et as duerchaus méiglech, a bestëmmte Grenzen, physikalesch odder biologesch... Virgäng op Lëtzebuergesch ze halen. Dës Gebidder fuederen eng „gehuewe“ Sprooch an Ausdrocksweis (déi mer allerdéngs, wa mer éierlech sin, nach nüt èmmer opweises hu bis elo). Et geet och nüt doréms d'Biologie, d'Physik ... op Lëtzebuergesch ze léieren, – dat wiren d'Frellen am Vullenkuerf gehal. Bewise soll némme gin, datt eiser Sprooch méi zougemutt ka gin a soll gin, wéi mer dat bas elo gemengt hun, datt, wa gehuewen Texter op Lëtzebuergesch méiglech sin, et och d'allerdeeglecht Geschéien as. An anere Wierder: déi „vulgär“ Ereignesser loessen sech op Lëtzebuergesch *schreiwen*. Bedenke mer dach dat hei: schreiwe mer eppes (Akaafsziedel, eng Notiz nie-webäi...) op Däitsch odder Franséisch ... 't as a

bleift émmer eng Iwwersetzung! Dat as d'Rees Märel-Hollerech iwwer Baaschtenech.

Déi zwee Schräck bei d'geschriwwent Létzebuergesch leien an désem Schreiws vir: an de Bemierkunge spigelt sech den 1. Schrack (=d'Sprooch schreiwe, wéi se geduet a geschwat gët) (den Text hätt och kënne méi „gehuewe“ [=2. Schrack] gehale gin) an an de Beispiller den 2. Schrack (=de gehuewene Gebrauch cf. Litteratur,...)

2 Beispiller also déi e gehuewene Gebrauch duerstellen: 1) dem *Dalton* sái Gesetz (Physik) seet: „den Drock an engem Gasgemësch as dee selwechte wéi di 2 Deeldréck vun denen eenzle Gasen zesummegezielt, wou jidfer Gas ugesi gët, wéi wann heen eleng de ganze Volumen opfëlle geif.“ Gebrauch vun deem Gesetz: an der Loft hu mer ronn 21% Sauerstoff (O_2) an 79% Stéckstoff (N_2). Dat man, bei engem atmosphäreschen Drock vu 760 mm Hg (= Quecksélwer) : 159,6 mm Hg fir O_2 an 600,4 mm Hg fir N_2 . Am Longeblieschen hu mer ower och fir ronn 50 mm Hg Waasserdamp; dofir bleiwen du nach 710 mm Hg fir O_2 an N_2 iwreg. Dat as wichteg wa Leit kënschtlech bëoemt musse gin. Well do dacks Helium bïägesat gët, dierf dat ganzt Gasgemësch nüt méi wi 710 mm Hg Drock hun!

2) d'Zelldelong (biolog.) as wuel e wichtegt Kapitel. Zesummegefasst, ouni op déi eenzel Deelofschnëtt anzegoën: den DNA (dee mat den Histonen eng Zort „Pärelekette“ mécht) gët verduebelt, rullt sech staark zesummen zu engem Chromosom. An deer Zäit as d'Kärmembran verschwonnen an den Zentrosom huet sech verduebelt. Déi 2 Zentrosome sti séch géintiwwer, kréine sech mat enger Aster a forme mat Hëllef vu Mikrospéin di achromatesch Stee. D'Chromosome versammle sech um Äquater, splécke sech an zéie géint di 2 Pole vun der Zell. Eng Zellmembran trennt déi 2 Duechterzellen, een Deel vun de Chromosome rullt sech rëm raus; 2 nei Zelle sin entstan.

Wat soll dat, kéint ee sech froen. Dat héiert sech ganz „teschnesch“ und, – an dat as et och. Nëmmen een deen eppes vun dëse Gebidder versteet, huet eppes matkrift. ’T brauch een also (fir de „Laien“) dat selwecht nüt op Franséisch odder Däitsch z'iwwersetzen, dat hätt glat a guer kee Wäert. Wichteg as eleng di Léier di doraus ze zéien as.

Mat guddem Wëll sin an eiser Sprooch Texter ze schreiwen di „gehuewenen“ Ufuederungen d'Stir bidde kënnen, ouni datt mer zevill Wiederer an anere Sprooche léine gin. Do, wou mer Wiederer hun, solle mer se och gebrauchen. ’T as och nüt, fir spezifesch Fachausdréck, déi mer an alle Sprooche fannen op Létzebuergesch z'iwwersetzen. Méiglech as et ower a klenge Grenzen, an och en Dokter kéint heiansdo sái „Médézinslatäin“ op Létzebuergesch zem Beschte gin. Mat guddem Wëll as duerchaus dat eent odder anert ze man.

Mer hu jo lo bewisen, datt den 2. Schrack schons zimlech wäit goe kann. Ma vrumb 2. Schrack läit den 1. Wann et also méiglech as sou komplizéiert Virgäng wi eng Zelldelong... op Létzebuergesch ze schreiwen, da misst et dach wuel keng Schwiregkeet méi sin am Verglach domat, fir Alldeegleches an eiser Sprooch mat dene Wiederer di all Dag an iwwerall gebraucht gin op Pobaier festzehalen.

”T wëllt hei och nach eng zweet Saach bewise sin: och ouni *iwwerflësseg* Wiederer an aner Sprooche léinen ze goen (déi vulgärste wir wuel: schnell, oft, avion, décidéieren...) kënne mer eiser Sprooch eng Nues gin, déi sech weise léisst. An anere Wiederer: mer solle roueg iwwergoen „vulgär“ Begréff er op gehuewe Schichten ze stellen. E Grapp huet dat scho versicht, ma jidderee sollt sech bedelegen.

Geschriwwen Sprooch a geschwate Sprooch sin zwar heiansdo verschidden, di gebrauchte Wiederer ower si meeschten di selwecht, wann och anescht noëneen. Loosse mer der geschwate Sprooch dat Spontaant, ma zéie mer deer geschriwwener nüt de Buedem ènnert de Féiss ewech. Hale mer dach op de „Groussinquisitor“ ze spinnen an eiser Sprooch (=d'Hex) den Hexe-prozess ze maen. Well wat as et anescht wéi e Prozess, eis geschriwwen Sprooch wéi en Aussätzegen z'émgoen a mat Gäisselen a Fakelen wéi „kannerech, vulgär, gemeng, wuertaarm“ rëmze-fuchtelen! Sech selwer, séng Kultur... unzeloen, andeems ee sech a sénger Kultur verwiert aus de Kannerschong ze wuessen, huet bis elo ni op gëlle Weér geleet.

Loosse mer also den éischte Schrack méi konkret erausschielen. D'Sprooch schreiwe wéi se dem Kapp entspréngt, heescht nüt onbedéngt all Schréftstéck an den Drock ze gin (wéi dat fir litteraresch Texter de Fall as). En éischte Schrëtt

Léisungen aus No 13

K	E	I	S	E	C	K	E	R
E	E	E	R	I	I	CH	T	E
L	N	G	R	U	E	W	R	S
L	N	R	R	E	I	I	I	E
E	E	E	I		N	S	E	R
R	S	N	O	F	T	E	D	V
D	CH	Z	A	P	E	N	E	R
I	T	A	A	R	T	E	N	A
R	E	I	T	P	A	E	R	D

	S	CH	L	O	P	E	R
L	A		E	B	E	S	
O	L	G	A		I	S	I
U	Z		D	E	L	E	R
		L	E	D	E	G	
B	U	E	R	E	N		W
A		E		M		M	O
U	E	R	G		E	E	CH

wir an eisen Zeidongen (Lokalneiegketen), Butécksfénsteren ... Létzebuergesch ze schreiwen, eventuell am Stil vu munneche Stroosseschélter, mer gi jo bei de Metzler an nüt bei de „Boucher“.

Mat Chauvinismus ... huet dat näischt ze din, dat as ganz kloer d'Konsequenz vum 1. Schrack (=schreiwe wéi et gesot gët). Leider kritt een den Androck, wéi wa munneche Létzebuerger sech sénger Sprooch ditt schummen. Muss dat dach e Spigel sin, wou mer vun eis selwer zeréckschrecke wa mer virdru stin. Schummen ower brauche mer eis nüt, – och nüt bai der Post ...


Vergiesse mer nüt, datt de Wee bei eis Sprooch an engem gewësse Senn e Wee zu eis selwer as. Mär wölle liewen, iwverliewen; eis Sprooch wéllt geschriwwen gin.

LOSSER

1) William Shakespeare: Macbeth, Akt V, 5. Szen

2) Blood & Henderson: Veterinary medicine: swine vesicular disease, necropsy findings, Sait 622

Létzebuerger Uertschaften am Réitsel



- I Millen an der Gemeng Aasselbur
- II Nopeschduerf vu Stesel
- III Duerf an der Gemeng Mompech
- IV Läit an der Mëtt téschent Miersch an Arel
- V De Préizerdaul krut sain Numm dervun
- VI Stiedchen un der Uelzech, déi dem Kanton sain Numm gouf
- VII Uertschaft un der Syr (bekannt wéint de Kiischen)
- VIII Duerf an der Gemeng Waldbéleg

- 1 Haff um Enn vum Huesegrond zu Létzebuerg
- 2 Muselhafen
- 3 Eng vun zwou Uertschaften un der Uelzech (hir offiziell Nimm gläichen sech) (zwou Léisungen)
- 4 Grupp Haiser bei Hiefenech
- 5 Duerf um Escher Stauséi
- 6 Museluertschaft (mat Promenad)
- 7 Grenzuertschaft bei Frankräich
- 8 Duerf beim Findel


Ch = 1 Buschstaf

† Harry Reiter

(3. August 1895 – 20. Februar 1982)

Bal 87 Joërl wor den Harry Reiter al, wéi en eis den 20. Februar 1982 fir èmmer verlooss huet. Mat him as ee vun deer Generatioun fort, déi mam Siggy, dem Kirsch Theoph., fréiere Burgermeeschter an Députéierten vu Péiteng, deen och elo den 12.7.1982 gestuerwen as, vun der National-Unioun nüt méi do. Et wäerd wuel esou sin, datt déi béis, gewëss mat nach aneren, déi eenzeg Sektioun vun deer Organisatioun nach am Liewe gehalen hun. – Den Harry Reiter as ee vun denen, déi èmmer ganz vill op eis Sprooch gehalen hun a fir hiirt Land a gudden a béis Zäiten do waren. Wann een dat weess, da wonnert een sech guer nüt, datt en am leschte Krich an der Resistenz säi Mann gestallt huet. Séng Famill blouf och do nüt verschount. Ee Jong gouf agezun an as nüt méi erëmkomm. Hie wor dofir och de Vertrieder vun den Eltere bei den Zwangsrekrutéerten. – D'Liewen huet et nüt èmmer gutt mat em gemengt. Mee en huet et mat Mutt a Gottvertrauen erdroen, a sech nüt ènner drécke gelooss. Den Harry Reiter wor zu Péiteng bekannt, et duerf ee roueg soen, eng bekannt Perséinlechkeet. An de Veräiner wor hien eng „dreiwend Krafft“, wéi dat esou schéin op moderner lëtzebuergesch heescht. An de katoulesche Veräiner mat virop, ee vun de Grënner vun der LCGB-Sektioun vu Péiteng, President vun der Kiirchefabrik a Member vun der Entente vun de katoulesche Veräiner. Séng Menong a säi Wee wore bekannt, politesch rechts, wor e President vun der CSV vu Péiteng a vum 1.1.1958 bis den 31.12.1969 am Gemengerot. Dernieft wor en nach Member vun dem Sozialbüro.

Wou eis Weér sech fond hun, dat wor am „Gaart an Heem“ vu Péiteng. E wor den 13.12.1955 an de Comité gewielt gin; do wor e President vun 1956 bis 1969, huet sech dunn 1970 zréckgezun, an as Éierepresident genannt gin. Fir de „Gaart an Heem“ as den Harry Reiter och nach Verbandsriedner gewiescht. Do konnt e vun esou munneches erzielen. A sénge Rieden huet en sénger Gedichter a sénger Saache och mat era bruecht. An dernieft wor e vun nom Krich bis 1977 lokale Mataarbechter vum Lëtzebuerguer Wort fir d'Géigend vu Péiteng. Wat sécher vill nüt méi wëssen, dat as, datt den den Harry Reiter a sénge jonge Joren och zwee Theaterstécker geschriwwen huet. An der Jong-Hemecht, déi de



Harry Reiter, 85 Jor.

(Foto: Georges Helm)

Vic. Neuens erausgin huet, stéet am 2. Jorgank, Nr. 8, August 1928, S. 182:

„t bleiwen nach 2 Mann z'ernimmen, déi net als Dialektdichter ugesprach wëlle gin, mee denen hir Stécker vu klenge Veräiner dacks gespilt goufen: den Harry Reiter an den Harry Kremer. Den Harry Reiter as Aarbechter zu Péiteng a President vun der ‚Nationalunioun‘, Sektioun Péiteng. E gëtt als en dichtegen Theaterspiller ugesinn. A well e Manktem u liichte Stécker as, huet hie sech drugesat fir deem opzébellefén, sou gutt wéi hie konnt. Esou sin entstanen: „D'Traudche vum Kuelshaff“. Vollekstéck aus dem Kordall an 3 Akten, 1921, (Verl. Worré-Mertens, Lëtzebuerg). – „De Lannebauer“, Vollekstéck mat Gesank an 3 Akten, 1924, (Verl. Meyer & Hueber, Péiteng).

Den Harry Reiter kennt déi kleng Leit duurch an duurch a weess, wat si an den Theater siche kommen. Séng Stécker sin op déi zongeschnidden. Einfach an on-behollef, ower éierlech an häerzensgutt, e bëssche vill weech a breet. A Monologe gëtt et op Schrëtt an Trëtt, wou d'Personen sech d'Häerz aus dem Leif erausschwätzen. D'Sprooch as duurch d'Bank säfteg a kräfteg, a méi wéi eng Kéier fällt hien ongewollt an de „Rhythmus“ vu Stécker, wou hie matgespilt huet. Einzel Klenggeketen si fei gekuckt. Vläicht bréngt de Reiter, deen elo an den Drësseger as, een Dag nach eppes besseres zou Wee.“

Sou wäit d„Jong-Hemecht“ deemoos. Séng Stécker sin dacks gespilt gin. An aus ménge Kannerjore as nach e Lidd aus dem Lannebauer mer an Erënnerong. (D'Musek huet den Albert Hack derbei geschriwwen.)

Wann ewell ernimmt gouf, datt en als Lokalkorrespondent fir d„Wort“ geschafft huet, dann duerf een awer nüt vergiessen, datt en och Gedichter geschriwwen huet, wéi „de Minettsdapp; dem éischte fir d'Hemecht gefalenen Amerikaner; rout-wäiss-bloen Hemechtsfändel“, a fir munnech Geleéneheet säint a Prosa a Gedicht baijedroen huet. Hie selwer sot mer alt emol, bescheide wéi e wor: „Mäi Gott, wat een alt esou verbrach huet, 't huet een alt gemengt, wat ee

méich... mee, dir maacht et haut besser..." Ob dat awer nun esou as, dat as eng Fro, well séng litteraresch Aarbecht léisst sech dach weisen, en huet sech guer nüt bräichen derfir ze schummen an z' entschällegen. Mat „dir“ huet en d'Actioun Létzebuergesch gemengt. – D'Actioun Létzebuergesch hat en 1975 Éiremêmber genannt.

Den Hary Reiter as den 3. August 1895 zu Rouspert gebuer, koum a jonge Joren op Péiténg, huet op der Rodanger Schmelz geschafft, hanne-no als Inschtrukter, huet d'Pensioun 1957 geholl; vun 1931 un an der krëschtlecher Gewerkschaft, 1939 Sektionspräsident, se 1944 nees op d'Bee gesat, am Comité bis 1951, blouf stéits a stänneg dee gudde Kolleg a Gewerkschaftsmann, och wéi en als Beamten nüt méi huet däerfen dra sin, Président an Alterspräsident vun der CSV, am Gemengerot vun 1958 bis 1969, am Sozialbüro vun 1970 bis 1980, am „Gaart an Heem“ am Comité vun 1955 bis 1970, Président vun 1956 bis 1969, bis zu séngem Doud Éireprésident, Verbandsriedner vum „Gaart an Heem“, a wou nüt nach iwwerall aktiv – a fir d'Leit do, déi e gudde Rot wollten hun. Dat konnt e maachen, well en d'Liewe vum klenge Mann kannt huet; als Jong aus enger Famill vun néng Kanner, deen et vum „mousse“ op der Schmelz bis op den Inschtrukter bruecht huet. Äerdeg, flässseg, éierlech, sozial, dat wor den Hary Reiter.

Eise Respekt huet e verdéngt, an dee soll him erhale bleiwen, an e Merci fir dat, wat e fir d'Sprooch geschafft huet. hr

Wat den Hary Reiter geschrifwenn huet:

Zesummegesat vum Georges HELM

Gedichter:

Die religiösen Gedenksteine der Pfarrei Petingen (1960? – gedréckt):

- D'Kuerfreidegkräiz
- Fatimakapell
- Sankt Barbel
- D'Muttergottes um Hierschberg
- De Gedenksteen an der Parkiirch

Dem éischte fir d'Hemecht gefalen Amerikaner (26. 10. 1947 – gedréckt)

D'Hemechthaus (aus dem Lannebauer)

Bauerliddchen (aus dem Lannebauer)

In memoriam (1953)

De Minettsdapp (1939), gedréckt an op LP

E leschte Grouss

Gléckwunsch

Adress un d'Groussherzogin Charlotte (10. 6. 1945)

Gebiet un d'Muttergottes (1924)

Gebiet an der Faaschentzäit (1924)

Muergegebiet (1924)

Et wor eemol

Wann a schwéire laangen Nuechten (15. 8. 1945)

Rout, Wäiss a Blo (24. 3. 38 – gedréckt)

Un d'Brautpuer (Manuskript)

Theaterstücke:

D'Traudche vum Kuelshaff (1920)

De Lannebauer (1922)

– geplant waren: D'Revoluzzer; Amerikaner

Artiklen:

Kritiken iwwer Theater an der Jong-Hemecht – E puer gutt Réit (wéi Theater soll an nüt soll gespilt gin), an „Jong-Hemecht“ 1928, no 1. – Didier Batty, Der Römerhof von Petingen, an „Petingen - Historischer Bildband“ 1980. – Noruff op de Siggy, an „Nationalounion Péiténg 50 Joer“ 1968. – Artiklen a Festbroschüren, am Sonndesblat..., Lokalkorrespondent vum Létz. Wort vun 1944-1976, Mataarbechter vun der „Unioun“ an der „Natioun“ – Rieden an Usprochen.

Wat iwwer den Hary Reiter zu Liefzäite geschriwwen gouf:

Kuurz Biographie: Jong-Hemecht, 1928, no 8, S. 181

Kuurz Biographie: L. Koenig: D'Létzebuerger Dialektdícther an d'Létzebuerger Onofhängegeket (1939).

– ernimmt vum Harry Godefroid an: Lecebürger Sprooch (1938); Fern. Hoffmann: Geschichte der Lux. Mundarddichtung II.1981 (Bibliographie).

– Kritike vum „Lannebauer“, Obermoselzeitung (1925 oder 1926 vum Vic. Neuens). Bréiwen dozou vum Siggy (30. 1. 1923); 20. 10. 1929 Vic. Neuens; 21. 9. 1925 T. Hurst; Pitt Schlechter an „Luxbg. Trivialtheater“, kuurz iwwer „d'Traudche vum Kuelshaff“.

† Jaki Maar

De Jaki Maar konnt déi 75 Jor nüt méi mat dem Theaterveräin Liewensfrou vun Esch-Uelzech mat feieren. Hien as de 25. Abrëll 1982 sténterlech, 71 Jor al, gestuerwen. E wor den 8. Juni 1910 zu Esch op d'Welt kom an ewell mat 14 Jor stong en op der Bühn. Hie wor deemoos an dem »Jünglingsveräin« op der Grenz an huet do am Theaterstéck vum Isi Comes »Déi nei Police« d'Haaptroll gespillet. Dono koum e bei d'Scouten, an as virugefuer. Hien hat déi Gof nüt némme fir gutt Theaterspillen ze kënnen, e konnt och d'Leit ameséieren op Familjen- a Veräinsfester. D'Liewensfrou huet en dun 1951 a séng Equipe geholl. An do wor e 25 Jor laang hirer Haaptstäipen eng. E gudde Spiller, e gudde Veräinskomérod, e gesellege Fréind, dee fir séng Aarbecht op deem Gebitt d'Medail a Gold vun der Stad Esch 1977 krut. Vläicht ameséiert en elo do uewen déi Helleg, grad sou op eng natirlech Aart, wéi en et esou dacks heinidde gemaacht huet.

hr

† Jhemp Rosch

Eng kleng Doudesannonce vum 26.3.1982 huet als den Doud vum Jhemp Rosch ze wësse gedon. Hie wor dee leschte vun der Comités-Équipe vun „Eis Sprooch – 1952-1962“ an déi lescht puer Jor Caissier. An den zwou éischte Versammelunge vun der Action Létzebuergesch wor hien dohi komm an huet deemools eppes Zweisel gehat, ob d’A.L. laang bestoe géif, zemol wéi en do déi verschidden Tendenzen héieren hat. E wor awer frou, datt en onrecht krut, an huet dat gär zougin.

De Jhemp Rosch war émmer ee vun denen, déi vill Intressen un dem Létzebuergeschén haten, deem dat vill däitscht an der Kiirch nüt gefall huet. Am „Courrier de l’Education nationale“, 1955, S. 55 heescht et: Nom Krich, wéi d’Tendenz staark wor fir d’Kiirchelidder an d’Gebieder op létzebuergesch ze maachen, huet se beim Jhemp Rosch e Mann fond, deem dat uewe geleén huet. Hien huet e puer Bichelcher erausgin an deem déi bekannst Kiirchelidder aus dem Diözesangesangbuch an d’Hemechtssprooch iwersat sin:

Eng kleng Sammlung vu bekannte Kiirchelidder aus dem Diözesangesangbuch an d’Hemechts-sprooch iwersat. 1945. „Mir bidden“, ons gebräichlechst Gebieder op Létzebuergesch. 1945. Grad esou huet en als Schoulmeeschter an der Schoul op d’Létzebuergesch gehalen.

De Jhemp Rosch wor den 1. Abrëll 1896 zu Wolz op d’Welt komm, gouf Schoulmeeschter. Vu Kautebaach koum en 1921 op Schéffléng, gouf den 12.9.1923 mam Léonie Krier bestued a blouf do bis e pensionnéiert gin as. Séng Hobbië, wéi een haut géif soen, wore méi kultureller, artistescher Aart. Am Gaart huet e sech erholl, sou laang en et konnt maachen. Déi lescht Jore worn zu Sandweiler bei Famill, bis séng Ge sondheet et verlaagt huet an en Heem ze kommen. Hien as de 26.3.1982 zu Létzebuerg gestuerwen. Éier séngem Undenken. hr

Aus der AL

Wou wunnen eis meeschter Membren?

Dat as eng Fro, déi mer den 3.4.82, no der Generalversammlung, vu verschidde Leit gestalt kruten.

Ech hat dann och versprach, dat emol nees eng Kéier erauszeschreiwen, esou wéi 1980, an och fir vergläichen ze können d’Zuele vun deemools derbäi ze setzen, esou wäit et géing.

Ech muss schons soën, eng ganz intressant Zesummestellung huet sech do ergin, an et kann ee schéi gesinn, datt besonesch d’Activitéit vun e puer Mataarbechter an en etlech Uertschaften extra gutt gedöën huet.

Mëtt 1980 hate mer wuel schons 1600 Membér, am Abrëll 1982 awer bal nach nees 10% méi, genee 1750!

An hei dann elo der Rei no:

Létzebuerg-Stad	503 Membér	(1980: 460)
Esch-Uelzech	115	90
Dikrech-Gilsdréf-Bettendorf	61	56
Diddeléng	55	34
Betebuerg-Näerzéng	53	48
Bieles-Zolwer	50	26
Déifferdang (d’Gemeng)	49	41
Péiteng-Lénger-Rodange	41	32
Walfer (d’ganz Gemeng)	39	38
Mamer-Kap-Ollem	37	31
Ettelbréck-Ierpeldéng-Schiren	37	37
Houwald	26	
Stroossen	25	23
Biissen-Viichten	25	22
Hesper-Izeg-Fenténg-Alzéng	24	27
Bartréng	20	
Miersch-Bieréng-Recken	20	21
Munneréf-Duelem	18	
Wuermeldéng-Éinen	17	
Schéffléng	17	
Monnerech-Steebrécken-Éileréng	17	
Wolz	15	
Gréiwemaacher	15	
Keel-Téiténg	15	
Stesel-Heeschdréf	12	
Jonglénster-Gonneréng-Guedber	12	
Réimech	11	
Habscht-Äischen	10	
Stengenfort-Klengbetten	10	
Leideléng	10	
Heischent-Eschduerf	8	
Kielen	8	
Konter	8	
Kopletsch-Bridel	8	
Réméléng	8	
Iechternach-Bäerdréf	8	
asv. asv. asv.		

Wann elo muencheree sech freet: wéi, hu mir an eiser Uertschaft nüt méi Membér, odder wou as eis Stad, eist Duerf, dat feelt nach an déser Opstellung, da kann ech némme jhust émgekéiert froen: wunne bei Iech dann nach méi Létzebuerger? A wa jo, fir wat stäipen déi dann eis Actionen nüt?

Frot s’emol, vläicht huet och dësen odder deen nach näischt vun eis héieren ...?

Eis Address a wat d’Memberschaft kascht, wësst Dir jo.

E. Schmit

Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch

E Samschdeg, den 3. Abrëll 1982 ëm 3 Auer am Commerce op der Plëss d'arem, Lëtzebuerg, hat d'A.L. hir Generalversammlung. Si war gutt besicht, iwwer honnert Leit konnte vum Här Lex Roth begréisst gin, ènnert hinnen och d'Députéiert Carlo Meintz a J. Weyrich an de Generalsekretär vun der „Unioun“, den Här Roger Linster.

De Präsident huet dann an engem Réckbléck duergeluet, wat alles op sproochlechem Gebitt bis elo ènnerholl an zum Deel och erreecht gin as. E sot awer och, wat nach alles ze maache bléif. Besonnesch koum en ze schwätzen op déi absolut Noutwennegkeet, datt eis Sprooch an der Schoul méi eescht geholl misst gin. Den Oktober kéim iwregens och en neit Schoulbuch an enger Oplo vun 20 000 Stéck, a mat Vokabelen, an déi postprimär Klassen.

Mä, sot hien, ouni datt d'Léierpersonal fir d'éisch selwer emol d'Ortografi an de Gréff géing kréien, kréig dat Ganzt keng aner Nues, an do misst emol ugesat gin.

Kure fir de Lëtzebuerg selwer e bëssen Orthografi báiizebréngen, wären op e puer Plazend och schons gehale gin, mat vill Erfolleg, aner si fir den Hierscht z'erwaarden.

De Präsident koum dann op d'Auslännnerproblem. En erénnert drun, wat d'A.L. fir d'Integratioun och bis haut gemaach huet, datt d'A.L. d'Sproochekure fir d'Auslännner organiséiert hat, e Verdéngscht dee keen ofstreide kann an duerf, an datt Ugréff op d'A.L., wéi s'elo kierzlech an zwou Zeidonge koumen, absolut nüt ubruecht wären! – Eng Resolutioun iwwert d'Integratiounproblem, vun der A.L. aus gekuckt, war dofir de 25. Mäerz 1982 vum Comité décidéiert gin, (si gët a gouf der Versammlung elo virge-luegt a mat Bäifall och ugeholle!)

De Vizepräsident Heng Rinnen huet duerno da geschwat iwwert d'Publikatiounen vun der A.L. an huet de Wonsch ausgedréckt, datt nach méi Mataarbechter fir „Eis Sprooch“ sech géinge fannen. Gutt Saache wären èmmer wëllkëmm, awer nüt méi esou vill Gedichter, op Joëre wär d'Redaktioun do agedeckt.

Den Här Rinnen mécht e.a. dann och nach e Réckbléck op d'Virgänger vun der A.L. a vun „Eis Sprooch“, besonnesch op déi fréier Gesellschaft „Eis Sprooch“! En huet och d'Nationalunioun dobäi gesträift, mam „Siggy vu Lëtze-

buerg“, an déi Péiténger Sektionen, déi haut nach besteet.

Vun enger Reklamatioun géint déi onerhéiert staark Verkaufspréisser vum „Lëtz. Dixionär“ a vun der Grammatik sollt och nach geschwat gin, mä leider koum et bei „Verschiddenem“ awer nüt méi derzou.

Den zwete Vizepräsident, den Här Emil Schmit, huet an engem éischten Deel dann iwwert d'A.L. an Zuelen informéiert. Eng Parti Mémber (deels gestuerwen) sin 1981 verluer gaang, mäi méi koumen der awer derbäi, sou datt am Ablack 1750 Mémber hannert dem Comité stéingen! Dat bedeit, datt d'A.L. nüt méi dierft iwwersi gin, nüt wéi virun 10 Joér, a wéi s'als klenge lästege Klibbche konnt an den Eck gedréckt gin!

D'Verenegong misst awer och vum Stat méi gestäipt gin. E Subsid vu 25 000 Frang kréigen se mat enger Hand, misste mat deer anerer awer bal déi selwecht Zomm nees erém bezuele fir e klänge Büro am Bredewee, ouni schriffléche Kontrakt.

Den Här Schmit huet gefrot, wellech auslännesch Verenegong nach esou behandelt géif gin? Wat déi u Subsid géinge kréien a vu wiem?

En huet da viru festgestallt, datt d'A.L. finanziell némmen nach jhust existéiere kënnt duerch d'Staipe vun enger Parti Membren an duerch de Verkaf vun hiren Neijooschkaarten, déi hinnen all déi Joären iwwer esou vill abruuecht hätten, datt d'Keess gesond do stéing! Eleng am Joér 1980 waren 21 000 Kaarte verkaf gin...

En huet da weider nach ervirgestrach, wéi z.B. d'Lëtzebuerger Familjenannoncen, op Initiativ vun der A.L., sech fir Platz an den Zeidonganen eruwwert hun. Waren 1974 némme 519 esou Annoncen an den Zeidonganen, waren et der 1981 schons 4 604! An all déi Annonce goufe Jor fir Jor statistesch erfaasst a verwäert vum Comités-mémber Robert Philippe.

Och op munnech aner Punkte koum hien nach ze schwätzen, wéi z.B. op der A.L. hiirt Beméie fir nach méi lëtz. Stroossen-, Uertschafts- a Flouernimm, op d'Lëtzebuergesch op eisen Timbren a Geldschäiner, an zu gudder Lescht och nach eng Kéier op d'Gesetz vun der Nationalsprooch.

Mat Versteedesdemes huet herno den Députéierte J. Weyrich duerop geäntwert a virgeschloën, datt d'A.L. iwwerall nach eng Kéier sollt rékla-

méieren, z.B. beim Châmberprésident, wat dee leschte Punkt ugéing!

Well den Här René Faber, Keessier, nüt an der Versammlung konnt sin, as vum Här Schmit a séngem Numm och de Keessraport gemaach gin, deen, wéi schons ugedeit, eng propper Situation ergin huet, awer némmen duerch d'Recette vun den Neijooschkaarten!


Well en Drëttel vum Comité statuteméisseg huet missen erneiert gin, sollt et dann och zum Wiele kommen. Ee Mêmber huet nüt méi kandidéiert, véier nei Leit hate sech gemellt, a well eng Vergrísserung vum Comité och gewünscht gouf, as no enger kuerzer Paus eng aussergewénlech Sëtzung gehale gin, fir déi nouwenneg Statutenänderung. De Comité gouf vun 12 op 15 Leit bruecht, an alle véier Kandidate konnten esou als gewielt betruëcht gin. Déi nei Leit sin d'Häre Claude Bichler vu Luerenzweiler, Georges Kintzinger vun Dikrech, Marcel Lamy vu Gréiwemaacher a Cornel Meder vun Nidderkuer. De ganze Comité gët spéider eng Kéier nach virgestallt.

Nom Wiele koum dann den Här Charel Malané zu Wuert, Sekretär vun der Kommissioune „Lëtzebuergesch an der Kiirch“. En huet mat kuerze Wieder op de Wäert vun dëser Kommissioune higewisen an dann dem Kommissiounsprésident René Wirtz selwer d'Wuert gin.

Den Här Wirtz huet, fir unzefänken, nach eng Kéier opgezielt, wellech Persounen a Verengongen do géingen zesummeschaffen, wuel op egene Féiss, mä gestäipt an ofgeséchert duerch d'A.L. All déi Aarbecht, déi bis haut do geleescht gouf, fir datt eis Sprooch och an der Kiirch endlech déi Platz kréig, déi hir zousteet, as opgezielt gin. A wann haut Aussicht op Erfolleg besteet, dann awer nüt fir d'lescht duerch d'Mathélf vun e puer geeschtlechen Hären an dank dem Entgéinkomme vu Vertrieder aus dem Bëstum selwer. Nach awer wäre grouss Barriären an der liturgescher Kommissioune passéieren, a fir der ganzer Saach nach méi e grousse Réckhalt ze gin, haten en etlech Leit elo a kuerzer Zäit e Sondage gemaach a Petitiounen erëmgereecht, déi mat iwwer 1450 Ênnerschrëften elo un den Här Bëschof goungen.

An der fráier Aussprooch koumen dann nach eng ganz Parti Kloën an och Wënsch, méi haart ze gin.

Eis Sprooch sollt nüt méi Stoussnéckel bleiwen!



Eise stännege Mann op der „Foire“ 1981/82, de Robert Siuda

Och de Président vun „Arelerland a Sprooch“, den Här Gaston Mathey, war mat enger ganzer Delegatioun do a koum zu Wuert. E sot emol der A.L. merci fir alles, wat hinne bis ewell gehollef gouf, fir zu Arel och lätz. Sproochekuren organiséieren ze kënnen. Extra merci sot en dem Vizeprésident E. Schmit, deen all déi Joëren nach émmer a bei all Geleënheet bei hinne war fir s'opzemonteren. Den Här Mathey huet dann awer och betount, datt all hiirt Schaffen am Areler Land némme wär fir hir Sprooch, déi jo och d'Lëtzebuergesch as, z'erhalen an ze behidden, an Ausdréck wéi „Nazien“ asv. wäre si vun hire Géigner gewinnt. Vill Sympathien haten d'Areler Frënn dann och ausgedréckt kritt.

Och en Auslännner koum duerno zu Wuert, deen duerch d'Kure vun der A.L. Lëtzebuergesch geléiert hat. En huet sech voll a ganz hannert d'Resolutioun vun der A.L. gestallt! Wien hei e Stëmmrecht géing wëllen hun, sot en, soll d'Sprooch vum Land léieren an dann d'Nationalitéit ufroen!

De Bäifall war grouss, an némme jhust de Reporter vum „t“, den Här Braun, zesumme mat engem Kolleg, konnt sech nüt uschléissen an huet missen eng aner Menung hun. Et koum zu engem klenge Wuertwiessel vun him mam Här Schmit, wou e sech émmer méi an d'Roserei geschwat huet... firwat?

D'Generalversammlung vun der A.L. goung um 6 Auer zu Enn. Si war e groussen Erfolleg an de Bäifall an d'Zoustëmmung vun de Mêmber war fir de Comité en Driff esou wéi bis elo virun ze fueren.

Eng Ëmfro!

Resolutioun

De Comité vun der „Action Lëtzebuergesch, Lëtzebuerg“, as verwonnert a bedauert déi Ugrëff, déi an zwou Lëtzebuerger Zeidunge géint de Comité vun der A.L. gemat gouwen, well ee Membere sech am Numm vun der A.L. an eiser Journal-Rubrik „En Eck Lëtzebuergesch“ an engem Artikel iwwer d’Auslännnerstëmmrecht fir eist Land a fir eis Sprooch agesat huet.

Bei denen Ugrëff si Wiederer wéi „Rassisten, Ultras, Fanatiker, nationalistisch a xenophob Blubos (!)“ gefall, déi mir, am Interessi vun deem, deen se geschriwwen huet, direkt vergiesse wëllen.

Mir profitéiere vun der Geleënheet fir eise Respekt fir eis Frënn vun „Areler Land a Sprooch“ a fir hir Aarbecht ervirzehiewen a mir distanziéieren äis vun allem offällege Geschwätz a Geschreifs iwwert si. Mir stäipen hinnen de Réck an hirer Aarbecht fir d’Lëtzebuerger Sprooch.

Fir eis Membere net ze veronsécheren, hale mir drop fir iwwert d’Thema „Auslännnerstëmmrecht“ eng Positioun ze bezéien déi esou ausgesait:

De Comité vun der A.L. as iwwerzeeght

1) datt e sellechen Auslännner, déi bei schaffen, net onbedéngt um Stëmmrecht hei am Land intresséiert sin an dass, wann dës Fro gestallt gët, dacks en aneren Interessi derhanner steet, wéi d’Suerg èm eis auslännesch Frënn,

2) datt eis auslännesch Frënn, déi wëlles sin bei ze bleiwen a sech wiirklech fir d’Problemer vun hirer Gemeng oder vun eisem Land intresséieren, dat Stëmmrecht onbedéngt kréie mussen,

A) wann si selwer un hirer Integratioun intresséiert sin, eng Integratioun, déi jo net laanscht eis Sprooch goe kann; dofir verlaagt d’A.L., datt eise Stat all Auslännner d’Méiglechkeet verschafft fir jiddfer Auslännner d’sproochlech Integratioun méiglech ze maachen.

B) op Grond vun dësem Interessi d’Lëtzebuerger Nationalitéit froen an dann och méi liicht kréie mussen.

Eis déif Iwwerzagong as déi, datt dëse Problem némme kann a muss mat eise legale Méiglechkete geleist gin.

De Comité vun der Action Lëtzebuergesch, Lëtzebuerg, verlaagt a wënscht aus all Parteipolitik eraus gelooss ze gin. Mir si reliéis a politesch neutral a mir wëlle mat jidderengem, egal ob vu riets, vu lénks oder aus der Mëtt, a Fridden zesummenschaffen, esou, wéi mer et bis elo gemat hun.

E. Schmit

D’Action Lëtzebuergesch hat ufanks Wanter 1981 en Zirkulär u séng Membere geschéckt, wourop e.a. och emol solt erausfond gin, wéi d’Leit dem Comité séng Activitéit bëuertele géifen.

Ronn 1750 Membere waren domat ugesprach gin a mir ware virwëtzeg wivill Prozent Äntwerte mer géinge kréien op d’Froen:

Sin eis Actiounen ze mëll?
ze lues?
oder ze schaarf?

Et si 57 Äntwerte komm, e bësse méi wéi 3 Prozent.

An déi dann einfach ze klasséieren no »joc an »neen«, dat goung och alt net ganz gutt. Bemerkungen drop hun emol op dëst an op dat nach higewisen, si hu gelueft oder och kritiséiert. Graff kënnt en op dëst Resultat kommen:

- 37 Membere waren zefriddend, hun alles fir gutt fond, esou wéi bis dunn och vum Comité geschafft gi war, si hun deels esouguer extra gelueft.
- 20 Membere waren net esou zefriddend, fir si waren d’Actioune vum Comité ze mëll, deels och ze lues.
- kee Membere hat fond, mir wäre jee ze schaarf gewiescht...!

D’Notizen op dësen an denen Ziedelen hu kritiséiert, datt mer ze mëll mat de Politiker wären, datt mer méi Drock misste maache bei der Post wéint de Käppercher mat Lëtzebuerg drop, beim zoustännege Minister fir méi lëtzebuergesch Uertschafts- a Stroosseschelter, beim Unterréchtsminister wéint dem Lëtzebuergeschen an der Schoul, a ganz besonnesch awer beim Bistum fir d’Lëtzebuergesch an der Kiirch!

An dat hu mer äis och alles zu Häärz geholl, mä liicht as et net fir do iwwerall eppes och z’errechen, besonnesch net am Bistum, a schons munnech Bréif si geschriwwen gin ... ouni datt iwwerhaapt eng Äntwert drop koum, ... mä mir gin äis net.

Merci awer all denen, déi hei bei déser Ëmfro matgemaach haten.

Em. Schmit

Notizen

An engem zimlech laange Bréif un d’Wort vum 4.9.1982 begréisst den Alois Mertes, Gerolstein (lëtzebuergesch: Jirrelsteen) et, datt d’»Auswärtiges Amt« elo d’Lëtzebuergesch an d’»Sprachförderung« opgeholl huet an déi däitsch Diplomaten doduurch, neift enger finanzieller Prim all Mount, méi friem Sprooche léiere sollten, ofgesi vun denen déi se musse kennen, franséisch an englesch.

Notizen

(aus den Zeitungen notiert)

Beim Kanner-Theater-Concours vun der Gemeng Lëtzebuerg kruten e Präis vu 40.000 Frang:

Josy Christen fir „Looss d'Péppercher danzen“; Nico Helminger fir „Wou geet et op Schlidderascht?“;

Ed. Maroldt fir „Missi-Sippi-Boys“.

Kaaft goufe (fir 15.000 Frang)

vum Josy Christen „d'Geheimnis vu Fonkelsbierg“;

Guy Rewenig „Alles nur Reklam“;

Péil Schlechter „Zorro an Zack“;

Jeannine Theis-Kauth „De Glückspéitchen“.

22 Stécker waren ageschéckt gin; an der Jury woren d'HH. Bollendorf, Oestreicher, Berens, Fayot, L. Hoffmann, Losch, Reiff a Seidel.

* * *

1984 as e Concours fir e Roman fir déi dräi Sproochen (lëtzebuergesch, däitsch a franséisch). De Präis as dofir 100.000 Frang.

* * *

27.2.82 freeet de jj am „Wort“: Hu mir eng Nationalsprooch? – 1.3.82 geet et dem jj ém de Gesetzprojet No 2535, deen de 27.1.81 deponiéert as gin, iwver d'Sprooch(en) hei am Land, Titel: *Les actes législatifs et réglementaires sont rédigés en français.*

27.3.82 as et e Bréif vum Johe un d'Redaktiououn vum „Wort“, wou et ém d'Prénzenhochzäit geet a gefrot gët, wéi et méiglech wir, datt franséisch Vertrieeder, déi laang am Land sin nach nüt e puer Lëtzebuerg Nimm, déi nüt op franséisch iwwersat kënnte gin, uerdentlech aussprieche kënnten a Gnue-e-de-lär siete fir Knuedler. – Dat selwecht sot de „Jemp“ den 13.2.82 och am „Wort“, wann een ewéi de Navadic schon esou laang séng Suen hei verdéngt, da kënnt en éisch-tens e Minimum vun Effort maachen, fir wéi-negstens d'Lëtzebuerg Wieder lëtzebuergesch auszeschwätzen.

3.3.82 nees e Bréif un d'Redaktiououn vum „Wort“. Hei geet et ém déi franséisch-lëtzebuergesch Sätz, déi geruff gin, wéi z.B. „den Här X soll an de Rayon Boissons...kommen“ – odder, wann ee säin Auto soll ewechhuelen, wann da geruff gët: le propriétaire de la voiture numéro (Lëtzebuerg Autosnummer) est prié d'enlever sa voiture... E freeet, ob dat onbedéngt op franséisch miisst sin ...

25.2.82 (Wort) – Am Europaparlament huet den Nic. *Estgen* zwee Lëtzebuerg Spréchwiederder gebraucht, wéi iwver de Probleem vun ale Leit diskutéiert gouf. E sot: „Déi al Dëppé kachen am beschten – An denen alen Tir as dat schéinst Gelauts.“ Et wir fir d'éischt gewiescht, datt do Lëtzebuergesch geschwatt wir gin. Nun as dat nüt fir d'éischt gewiescht, well de Jos. *Lucius* hat virun e Jor ér 10 op deer selwechter Plaz eng kleng Ried op lëtzebuergesch gehalen – an et as ganz intreséiert nogelauschtert gin.

21.11.1981 – An engem Bréif un d'„Wort“ beschwéiert den A. L sech, datt an der Europaschoul kee Lëtzebuergesch geléiert géif. Den 2.12.81 äntwert den R.L., datt dat de Lëtzebuergselwer hir Schold wir, well eis Sprooch bis elo an eisem Land keng offiziell Unerkennung kritt hätt. De Gesetzprojet iwver d'Sproochen hei am Land wir nach nüt votéiert. E freeet och, ob d'Lëtzebuergesch nüt als europäesch Sprooch sollt unerkannt gin. Dat misst fir d'éischt realiséiert sin éier „ee vum Gebrauch vun eiser Sprooch an der Europaschoul irgendwéi (kënnt) schwätzen“ . . . „eis Interventiounen an eisen Asaz op de reng lëtzebuergesche Plang konzentrieren, eppes wat iwaregens méi wéi néideg as.“

* * *

29.7.82 Am „Wort“, Rubrik „Gazettchen“ heescht et, datt wann een zu Bonn am „Auswärtigen Amt“ beweist, datt ee Lëtzebuergesch kann, dann huet ee Recht op 50 DM Prim am Mount.

Den däitschen Ambassadeur hei zu Lëtzebuerg, den Här Dr. Knackstedt, huet deemno Recht dorop, well hien huet zu Bonn de 7.5.82 en Examen am Lëtzebuergesche bestanen; Examinator wor de Lëtz. Unis-Professor Schoos.

* * *

Den U.S.A. Ambassadeur, den Här John E. Dolibois, huet zu Ettelbréck, op der Patton-Feier d'Leit op lëtzebuergesch wëllkëmm geheescht. Den USA Ambassadeur as wuel zu Bouneweg op d'Welt komm, a schéin as et dach, datt en dat Lëtzebuergesch nach nüt ganz vergiess huet. Hie sot: Am Numm vum Präsident vun de Vereenegte State vun Amerika, an am Numm vum amerikanesche Vollek, iwwerbréngen ech iech déi beschte Gréiss an e ganz häerzleche Merci. – Ech si wiirklech déif geréiert fir haut mat iech

denen amerikaneschen Zaldoten Éier ze erweisen, déi hei an der Ettelbrécker Géigend gekämpft hun. – Et as berouegend, a gutt, ze wëssen, dass dir déi schwaarz Deg vum 2. Weltkrich nüt vergiess hut. – Besonnesch si mir iech dankbar, well dir dat Denkmol gesat hut, als en dauernden Zeien an eng permanent Erënnerong. – Merci fir är Fréndschaft! Merci fir nüt ze vergiessen! – Merci, dass der hei sid! (Lux. Wort 28.6.82)

An den Ae vun de Belsche si mir Lëtzebuerger déi gréisste „cons“. D'belsh Zeitung „Pourquoi pas?“ hat gefrot, wat fir e Land am meeschte „con“ wir? Do wor Lëtzebuerg un der Spëtz mat 71,6% vun de Stëmmen, dono koumen d'Griiche mat 67,8%, d'URRS mat 65,6%, Frankräich 63%. D'Zeitung freet sech, wéi dat da méiglech wir, a mengt, „wa Lëtzebuerg och nobäi wir, dach ganz schlecht bekannt“...Sou steet et an engem franséischen Artikel „Quousque tandem Belgica...?“ an der Warte (L.W.) vum 11.3.82. Den Artikel as EMK gezechent. Hie schreift nach „j'ai essayé de comprendre le pourquoi de tant d'idées aussi fausses que solidement ancrées dans les esprits. Je crois qu'il y a au moins deux raisons à cet état de fait. D'une part, les Luxembourgeois eux-mêmes ne connaissent pas suffisamment l'histoire de leur pays et ne savent pas vraiment comment définir leur langue nationale et expliquer la situation linguistique originale du Grand-Duché. Aussi contribuent-ils à répandre erreurs et malentendus. D'autre part, l'historiographe belge a longtemps traité l'histoire de Belgique comme si ce pays n'existaît pas depuis un siècle et demi seulement, mais depuis le „Belgium“ de César au moins....D'Belscht hätt dem hollännesche Kinnek Lëtzebuerg 1839 ofgetratt, datt Lëtzebuerg émmer belsch gewiescht wir...(Geschichts)-professere schreiwe Lëtzebuerg wir émmer en „espace belge“ gewiescht oder hätt „fait partie de la mouvance belge“. Am Buch vum André Monteyne (Les Bruxellois. Un passé peu ordinaire. 1982) steet, datt nom éischte Weltkrich den Annexionniste P. Nothomb, G. Barbanson an Neuray hiren Dram nüt an d'Rei gaange wir, mä getréischt wiren se gin duurch d'Annexion vun Eupen, Malmédy a St. Vith a „par la mise sous tutelle belge du Grand-Duché du Luxembourg“ (p. 282)“. Et geet virun och op

Säit 282 vun deem Buch: Le traité du 25 juillet 1921 fit du Luxembourg une **annexe** de la Belgique. Le français, alors première langue en Belgique, devint la langue officielle du Luxembourg et la vie économique-financière fut placée sous le *contrôle* des entreprises belges.“ Den Auteur EMK mengt dann ironesch, datt et wiirklech schéi wir, datt mer esou e paternalistesche Momper-Papp hätten, dee grouss a staark as, fir et mat äis esou gutt ze mengen, dat hätt ee bei der Ofwäertung am Februar jo gesin...Mir sin averstane mam EMK, wann e festhält, datt hei „Quetschen och!“ méi wéi ubruet wir an datt 1839 an 1919 „nous l'avons échappé belge!“

De 24. Abrëll 1982 goufen et am *Possenhaus* zu Bech-Maacher Schnoken, Gedichter a Lidder vum Auguste *Liesch*, zesummegesat a virgestallt vum Leo *Blasen*. Et wor e schéinen, flotten, gemittlechen an derbei nach e spaassegen Owend. Et wénscht een sech deer nach!

De *Loschen* Heng huet de 26.2.82 an der Theaterstuff um Lampertsbierg u 4 Lëtzebuerger Theaterspiller erénnert: de Jhängi Hopp, den Harry Haagen, den Erny Ney an den Tun Deutsch. Mat engem Owend goung et nüt duer, hien huet nach eng zwete Kéier et misse maachen.

Den 23.5.82, hat de Jhang *Linster* eng Lëtzebuerger Lidder-Show zu Déifferdang opgezun. En hat vill Leit do, déi ganz zefridde wornen.

„Mir wölle bleiwe wat mir sin“, as en Artikel vum jak an der Revue (No 25, 19.6.82) titeléiert. No engem Iwwerbléck iwwer eis Litteratur a Geschicht schreift en dann. Eis Sprooch as ni esou séier esou no un d'Däitscht geréckelt. D'ARD an d'ZDF schwätzen owes eleng an den Haiser. Elo an der Futballzäit gesi mer dat gutt, déi al Wieder, déi mer fir dee Sport hate gi verdréckt, et gët vu Mëttelstiirmen geschwat, wou mer Zenter gesot hun, Ausserëss fir dat Hax gebraucht gouf, e Bäck heescht haut Verteidiger, en Aussestiirmen as keng Bande méi, e Corner gët en Eck... – Huet en nüt recht?

Am „tageblatt“ vum 6.1.82 freeet den r.d. Rubrik „de Fiisschen“, ob Lëtzebuergesch eng Elite-Sprooch wir? D’A.L. hätt mam Lex Roth d’Lëtzebuergesch op Plaze kritt, déi et soss nüt gehät hätt, et géif vill méi do gebraucht wou et soss nüt wor. Mee, een deen déi Sprooch léiere wëllt brauch eng Schrifweis an en Dixionär, schreift en, an de Lëtz. Dixionär kascht an de Bicherbuttecker séng 8000 Frang; némmen déi mat décke Portmonnié kënnen sech dee leeschten. Eng Elite..

De 7.1.82 heescht et dann, d’Bicherbuttecker hätten téléléfoniert, datt dat Dixionäre wiren, déi extra schéin agebonne wiren, nüt gebonne géif en 1800 Frank kaschten. Hie mengt dorop, da muss deen awer nach gebonne gin, an dat géif och schéi kaschten (ronn 1500 Frang bis elo). Et krit een awer Gebonnener fir 3000 Frang. Den r.d. freeet sech dann, fir wat, datt dann déi deier némmen an der Fénster léigen an eng Parti Leit doduurch ofgestouss géife gin.

Op der Hierscht-Foire 1981 huet d’A.L. och Dictionnaire verkaaft. Si krute vun der Sproochsektioun, déi se verkeeft keng gebonnener geliwert. Am gudde Glaf, datt se deer Gebonnener kritten, huet d’A.L. se de Leit fir 3000 Frang gebonne verkaaft, an der gudder Menung et wir ewéi an deem Jor virdrun. Se kruten du vun deer hallesche Sproochsektioun keng gebonne Sätz, mee eng Rechnung vu 1500 Frang fir déi lassen. Wat blouf der A.L. aneschzt ze maachen, wéi se bannen ze losse fir ronn 1300 d’Série, se duerften se fortschécken odder bei d’Leit féieren, an esou d’Käschten an d’Aarbecht hun – an als Merci fir hir Méi sech de Mond wéschen.

Ortografesch Coure worn d’lescht Jor 81/82 zu Wellessteen (16 Persounen), zu Bieles (15 Persounen) an zu Diddeléng. Déi éischt zwéi si vum H. Rinnen, deen zu Diddeléng vum Lex Roth gehale gin.

Diskussioun iwwer den Departement vun de *kulturelle Saachen* an der Chamber de 26. 11. 1981. Et hun do geschwat d’Madame Hennicot-Schoepges (CSV), den Här Koch (CSV), den Här Braun an den Här Wagener (CSV). Hei wat den Här Wagener sot:

M. Wagener (PCS). – Här President, dir Dammen an dir Hären. Zur Kultur wär vill ze soen, besonnesch a Krisenzäiten. As et dach nüt grad a Krisenzäiten, wou mir eis eiser Kultur als eegestännege Bestanddeel vun eisem Lëtzebuergertum bewosst solle gin, an nüt an der Budgetdebatt vernaléisseg sollen.

Ech erënneren dofir un de leschte Krich, wou mit grad duurch eis euge Kultur uewe bliwwen sin. Ech wäerd nach Geleéneet kréien fir méi zur allgemeiner Kulturpolitik ze schwätzen, wa mir an désem Héijen Haus de Projet de loi iwwert de Fonds culturel national ufanks nächstes Jores diskutéieren. Ech wollt elo awer zwee Gedanken erausgräifen aus der Kulturpolitik.

Eppes éischtes wollt ech zu eiser Sprooch soen. Mir hun eng Motiou gestëmmt, wou mir d’Lëtzebuergesch endlech als eis Sprooch unerkennen an en deementspreechende Projet de loi as deponiéiert.

Mir kenne roueg behaapten, dass eist Lëtzebuergesch an dene leschte Jore wiirklech zu deem zréckgefouert gouf, wou mir et kuurz virum Krich a ganz besonnesch während dem leschte Krich gär gehat hätten. An den Annonsen, bei de Stroossennimm, bei de Bezechnunge vun den Uertschaften a vum Flouer fanne mir erëm déi echt Bezeichnung. Och an der Kiirch mécht sech d’Lëtzebuergesch émmer méi breet.

All dat dank enger Organisatioun, déi virun 10 Jor an d’Liewe geruff gouf, der „Aktioun Lëtzebuergesch“. Si huet ouni Geld gewooss, d’Leit fir eis Sprooch ze sensibiliséieren ouni Fanatismus. Si huet eis drop opmiirksam gemaach, wat fir eng Wäerter an onser Sprooch leien duurh hir Publikatiounen. Déi Lëtzebuerger Owender, vun hinnen organiséiert, haten en aussergewéinleche Succès. 43 Couré fir d’Ausländer gouwen organiséiert. Esou eng Organisatioun as wäert énnérstézt ze gin. Wa mir Courén am ganze Land gëingen ofhalen, da géiven se nach némmen d’Halschent kaschte vun enger Operopférierung an eisem Theater.

Couré gouwen och organiséiert fir de Centre hospitalier an dat Déifferdenger Spidol.

Wär et nüt ubruecht hei, dass d’Santé, fir déi jo an éischter Stell des Courén ofgehale gin, eng bis zwou Millioune fräimaache géif fir d’Education nationale, déi d’Courén organiséiert?

Misst nüt fir eis Friemaarbechter an hir Familjen niewent dem Service d’Immigration och e Service d’Intégration geschafe gin?

E Wuert nach zum Lëtzebuergeschen an der Schoul. Ech si frou, dass den Educationssminister nach hei as....

D’Lëtzebuergesch an der Schoul kënt ganz lues op de Programm. Mat denen zwee neie Bicher as scho munches unzéfanken. Dach, misst nüt grad am Institut pédagogique méi drop higewise gin, wat ee mam Lëtzebuergeschen ufânke kann, statt dass et e Léierfach as iwwert d’Lëtzebuerger Litteraturgeschicht? An dat nach trotz der Demande vun alle Studenten, déi no Praxis verlaangen. Am Primär, wou mer eng Stönn pro Woch hun, an och an alle Lycéen, as och do nüt méi Praktesches ze erfuederen? Do luewen ech mer dach déi vill Musek- a Gesangveräiner uechtern d’ganzt Land, déi am beschten ugedoe sin, fir eise kulturelle Patrimoine ze erhalten. Sin et nüt grad si, déi eis ech Lëtzebuerger Kultur lieweg maachen duerch hir Organisatiounen? Sin et nüt déi vill Theatergruppen, déi eiser Lëtzebuerger Sprooch hire Charakter erhalten? Misst nüt an eise Schoule méi gesonge gin, well ech fäerten, wann nach eng Generationen eriwwer as, da ka kee Mënsch méi dobaussen d’Uelzecht sangen?...

Et miirkt ee glécklecherweis émmer méi, wéi beim Vollek all déi echt Lëtzebuerger Organisatiounen a Manifestatiounen

mat Freden ukommen. Och eist Lëtzebuergesch muss geleighert gin, esou gutt wéi all aner Sprooch. Och eis Sprooch kann némme klénken, wa mer se gebrauchen.

Dat zweet wat ech wollt ervirbréingen, as dat selwecht wat ech an der Kommissiou恩 éinnerstrach hun a wat am Rapport zréckgehole gënt. Mir hun hei am Land keen Institut, keng Plaz, wou all déi musikalesch Kompositiounen vu Lëtzebuerger versuergt gin. Dat eent as a privaten Hänn, dat anert läit an de Musekschoulen oder am Conservatoire, dann e bëssche méi vläicht bei Radio Lëtzeburg oder bei Verlagen, dat anert as an der Nationalbibliothéik an esou weider. Wivill Wäertvolles, di Dammen an dir Hären, as hei schon am Laf vun der Zait besonnesch am leschte Jorhonnert verluergaangen? A wir et nét an der Mëtt vum leschte Jorhonnert den Dicks gewiescht, deen 1860 déi éischte Lëtzebuerger Liddercher gesammelt hätt, a wir et nét e Verlag Stomps hei am Helle Geesch gewiescht, deen se gedréckt hätt, et wéisst kee méi haut déi Liddercher iwwerhaapt nach opzezielen, déi mer am Lëtzebuergeschen haten.

Esou geet et och mat all deem aneren, wat duerno geschafe gin as. Ech konnt mech dovunner iwwerzegen ewéi ech d' Ausstellung am Cercle fir den 75. Anniversaire vum Conservatoire besichtegt hun. Do gët et esou vill Wäertvolles wat a privaten Hänn läit; an ech gin ze bedenken, dass eppes wat a privaten Hänn as, séier verluer geet. Et weess haukt kee méi eng Partitur sichen ze goen, wann der eppes Lëtzebuergeresch wéllt opfieieren.

Et as dofir héich Zait, dass en Institut geschafe gët, eng Plaz, egal wou et as, en zentrale Punkt, wou all Dirigent, all Interessent weess, wou een eng Lëtzebuerger Kompositioun, en Arrangement vun engem Lëtzebuerger soll siche goen. Well hei geet soss en onschätzbarer Wäert vun eisem kulturelle Patrimoine verluer. Och dofir si mir hei verantwortlech. Ee Grondsatzt gëlt hei an der Kultur ganz bestëmmt: Dee säi Gesicht opgët, deen hat keent.

Ech soen lech merci.

Aus den Diskussiouenen iwwer d' *kulturellt Ofkommes* mat Däitschland. Gesetz-Projet 2519, 21.1.1982.

M. Koch (PCS). – Här President, dir Dammen an dir Hären. Den Här Carlo Meintz huet eis elo grad als Expär an der Education nationale, an den Affaires culturelles, mä och als President vun den Affaires étrangères dee Projet exposéiert. Mir sin op déi Manéier iwwert déi prozedural Saache ganz genee am Bild.

Wéi mer kénne feststellen huet Lëtzeburg Kulturofkommen ofgeschloss mat ville Länner, an neiderdéngs esouguer mat der Volleksrepublik China, mä bis elo hate mer nach kee Kulturofkomme mat Däitschland. Eis Relatiounen mat Däitschland sin am Moment um wirtschaftleche Gebitt an um kulturelle Gebitt esou intensiv an esou natirlech, wéi se énnert gudden Noperen solle sin, ouni dass een dofir misst nohëlfelen duerch e Vertrag oder duerch Propaganda.

Fir wat brauche mer dann nach en Traité culturel? Duerch e bilaterale Traité gin eenzel Institutiounen offiziálisiert, déi géigesäiteg Rappore gin erlückert a verschidde lasteg Formalitéite gin eis erspuert. Et as bekannt, dass gelegentlech Lëtzebuerger Studenten zu Aachen oder och op aner däitsch Universitéite gezwonge gi sin en Aufsatz ze schreiwen oder en Diktat, well e gewëssenhaften däitsche Beamte gemengt huet, et wir néideg fir hir däitsch Sproochkenntnisser ze kontrolléieren....

Mir hun duerch eis Sprooch méi e liichten Zougang zum däitsche Radio, zur däitscher Télévision, zur däitscher Literatur an zum däitschen Theater. Mir hate bis 1918 duerch den Zollverein eng staark – a vill soen eng ze staark – Ofhängekeet vun der däitscher Wirtschaft; duurch d' Émstann bedingt sin d'Relatiounen mat der Däitscher Wirtschaft haut erém wuel esou grouss. Wann trotzdem kee Kulturabkomme mat Däitschland bis elo zustane komm as, dann as dat och, well vum leschte Krich émerhin nach e Contentieux bestaat. All déi Jongen, déi géint all Völkerrecht an d' Wehrmacht gezwonge gi sin, all déi Leit, déi en Deel vum Krich an de Prisongen, den Zuuchthaiser, den Émsidungs- a Konzentrationslageren an Däitschland erlief huet, némme well se wollte Lëtzebuerger bleiven, all déi Resistenzler an déi aner, déi énnert dem Nazi-Regim gelidden huet, si gefillsméissig, an och mat hirem Verstand, géint eng zevill grouss Ofhängekeet vun Däitschland.

Mir wëssen, dass d' Preisen eis weder 1918 noch 1945 als onafhängege Stat bestoë gelooss hätten, wa se de Krich gewonn hätten.

Dat si keng Suppositionen, dat lësst sech beweisen. An do bei hätten se vun ais verlaangt, dass mer eis sollte freën, fir annektéiert ze gin.

Mir därfen a mir wëllen déi Däitsch nät kollektiv verurteilen. Dat wir ongerecht, well vill vun ais – ech selwer, méng Famill a vill aner – de Krich nät iwwerlief huet, wa mer nät däitsch Leit fond hätten, déi ais gehollef hätten.

Och bei hinnen huet et Resistenzler gin. Ech hu bei enger Begegnung mat der CDU vu Rheinland-Pfalz en Abgeordneten vu Bad Kreuznach begéint, en CDU-Mann, deen am Prisong war, deen afgesat gin as als Gegner vum Nazi-Regim, an deen eréischt no deem verluerene Krich erém e volle Mensch gin as.

Et gët vill fréier Studenten a Lëtzeburg, déi sech och haut nät genierien zouzegen, dass se der Däitscher Universität an der Däitscher Wissenschaft villes verdanken. Wéi et am Krich drop ukomm as, hu se sech nät anescht beholl wéi déi aner gutt Lëtzebuerger. Déi zwee Lëtzebuerger Professoren, déi zu Bonn dozéiert hun, sin ofgesat gi vun den Naziën, énnert de Lëtzebuerger Germanisten ware bekannt Resistenzler, trotz dem Kratzenberg.

Ech glewen nät, dass e Kulturabkomme mat dem demokrateschen Däitschland eng Gefor fir eist Land as, grad sou gutt wéi eng Zollunioun mat Belgien eis national Existenz nät a Gefor bréngt, trotz dene schlechten Erfarunge vun 1918/19. Ech sin iwwerzeeg, dass mer eis besser gewiirt huet, well mer de gefiéerlechen Noper aus dem Oste genee kannt hun, well mer eis konnten op hien astellen, an heiansdo e konnten ausspillen. An eiser fräiheetlecher Demokratie kénnt et drop un, dass mer eis eiser nationaler Identitéit bewosst sin, dass mer eis dofir asetzen a bereet sin, och Sacrifice op ais ze huelen. Wa mer dozou entschluss sin, riskéiere mer náischt duurch eng kulturell a wëssenschaftlech Kollaboratioun mat all eisen Noperen, an och mat Däitschland. Mir brauchen eis Noperen. Mir brauchen se alleguer, och Däitschland, mir hu beim Echange dee gréisste Profit. Dofir stëmmen ech fir e Kulturvertrag mat Däitschland.

M.R. Krieps (LSAP). – Här President, dir Dammen an dir Hären. De Kulturvertrag mat der Däitscher Republik – mir soen alt heiansdo e bësschen anescht, mä et as egal – as natirlech fir ais ganz wichtig....

Dat bréngt mech dann op eng weider Iwwerleung, déi ménger Menung no hei ganz wichtig as, iwwer déi mer sollen an

aller Offenheet schwätzen. Mir hun déi Positioun, dass mer zwéischen zwou Kulturstrémunge sin, op dár enger Sait Dáitschland, op dár anerer Sait Frankräich. Dat as nét onbedingt en natürlechen Zoustand. Dat as eng politesch Entscheidung. Eis Orientatioun téshent Dáitschland a Frankräich op kulturellem Plang as eng bewosst Entscheidung, déi permanent erneiert muss gin, a wou een émmer erém muss derfir suergen, dass en Equiliber hirgestallt gét, esou zwar, dass weder no dár enger nach no dár anerer Sait en Iwvergewicht entsteet, wat sech zu eisem Schued kénnt auswirken. Mir därfen nét erkennen, dass schon haut d'Influenz vun der Dáitscher Télëvision hei zu Létzebuerg enorm grouss as, an dass mer als Politiker haur heiansdo scho wéissen wat fir Problemen op eis dur kommen, wa mer feststellen, dass se op dem éischten, zweten oder drëtten Dáitsche Programm ebe breetgewalzt gin. Da wéesse mer, méiglecherweis huet elo een dat hei gesinn, an da grénnent en eng nei Bewegung, fir dass mer déi Problemen och hei zu Létzebuerg hun. Ech mengen, also esou wáit as dat, mä dat as och mat de Fransouse wouer, a wa mer anerer hätten, da wir dat och do esou. Mer mussen also derfir suergen, dass mer et an eiser kultureller Egenaartegkeet fäerde bréngent, fir dee Balanceakt, dee mer elo zénter 150 Jor maachen, deen esou virun ze dreien, an dass dann, wann sech eng natürlech oder eng onbemírkte Verschibung vum Equiliber entsteet, een énner Emstánn e Coup de pounce ka gin, fir dass dat erém an dat richteg Glaichgewicht geréit....

Mir musse virufueren, als Egenstánnegkeet och dodurch auszedrécken, dass mer als téshent denen zwou grousse Kulturnatiounen, an téshent denen zwee Kulturberäicher déi Egenaartegkeet, kann ee soen, báibehalen an dee Balanceakt virusetzen am Intérêt vun eisem eegenen Iwwerliewen als politesch Eenheet – et kann een nét soen als Natioun, mä als Vollek, als politesch Eenheet jiddefalls.

Dofir, mengen ech, as et fir déi kulturell Responsabel oberstes Gebot, émmer derfir ze suergen, dass mer dat politescht, dat kulturellt, dat wirtschaftflecht an engem Gesamtkontext gesinn, a wéissen, dass mer do e politesche Choix maachen all Kéiers dann, ech géing bal soen, all Kéier dann, wa mer eng Sprooch schwätzen, oder wa mer drop halen, fir dass eng Sprooch soll geschwat gin.

Dat schéngt mer hei ganz wichteg ze sin. Ech félicitiéiere mech, dass mer et fäerde bruecht hun, trotz dene konstitutionelle Schwiregketen, déi bei eisem Partner bestin, e Kulturabkommen „sui generis“ kénne fäerde gebréngent, an do bái eng Rei vun eise Problemen ze léisent, déi eben opgrond vun dár Vielzahl vu Relationounen, déi mer op deem Plang hun, onausweichlech sin; hei as eng gutt Basis jiddefalls, fir déi ze liesen.

Mir si jiddenfalls fir deen Accord culturel mat der République fédérale d'Allemagne.

Mme Hennicot-Schoepges (CSV).... Am Artikel 7 gét béisde Parteien nogeluegt, d'Sprooch vum Partner bei sech ze förderen. Fir d'Dáitscht as bei eis jo kee Problem. Ech froen awer, ob nét grad elo, wou de Projet vun der offizieller Unerkennung vum Létzebuergesche geschwénn virun d'Chamber kénnt, et nét ubruechi wir, erém an eise Grenzgebiddere bessche Propaganda fir d'Létzebuergesch ze maachen.

Zum Deel gouf jo nach virun e puer Jorzingen ém Arel, ém Diddenhuewen an och an der Äifel en Dialekt geschwat, dee ganz no un d'Létzebuergesch erukénnnt. Déisen Dialekt as amgaang mat dár jéngerer Generationen ze verschwannen. Ém Diddenhuewe lafen neideréngs erém Propagandaaktiounen

fir d'Létzebuergesch, an och zu Arel gin Effore gemaach. Am dáitsche Grenzgebiit wir et ubruecht, fir ze verhënneren, datt dee Platt, dee fir de Moment nach do geschwat gét, komplett verschwénnt. Et wir vlächt ubruecht, fir do eng Aktioun fir d'Létzebuergesch an dësem Sproochraum ze aktivéieren....

Mme Flesch, Ministre des Affaires étrangères. – M. le Président, Mesdames, Messieurs, Le rapporteur, l'honorable M. Meintz, s'est prononcé en faveur de la multiplicité des régimes linguistiques. C'est la raison qu'il a évoquée pour s'exprimer au sujet de cet accord en luxembourgeois. Le débat, du reste, s'est déroulé en luxembourgeois. Au nom de cette diversité linguistique qui nous est chère, je me permets donc de m'exprimer en français, puisque le débat se sera déroulé ici en luxembourgeois. Le débat au Bundestag se déroulera certainement en allemand. L'ambassadeur luxembourgeois à Bonn parle certainement l'allemand, et nous savons de source certaine que l'ambassadeur de la République fédérale d'Allemagne à Luxembourg parle le luxembourgeois!

Je crois donc que l'équilibre est ainsi garanti....

L'article 7 est relatif à la promotion de la connaissance de la langue et de la littérature de l'autre Partie contractante. L'honorable Mme Hennicot nous propose de procéder à une certaine action de propagande dans la région frontalière, et elle cite à cet égard les efforts que nous avons pu constater ces derniers temps tant dans la région de Thionville que dans la région d'Arlon.

Je note en passant que l'initiative de ces efforts dans les régions frontalières belges et françaises revient essentiellement aux habitants de ces régions mêmes. Je crois que nous serions malvenus de vouloir, de façon trop autoritaire ou trop évidente, nous lancer dans une action de propagande. Mais je puis assurer l'honorable Mme Hennicot que nous sommes bien évidemment à disposition pour encourager toute initiative de ce genre et pour prêter les services auxquels de telles initiatives pourraient faire appel....

D'esch Joer, vum 3. bis de 5. Juni 1981, gouf an der Chamber e Gesetzprojet diskutéiert, an deem et iwwer den Dokteschberuff gong, an och, ob Dokteren aus der Communautéit, der E.G., sech grad ewéi Doktre vun hei, sech frái opschloe kénnten. (Dat verlaagt eng E.G.-Direktiv.)

Rapportor war den Här *Eyschen* (DP). Méttwochs, den 3. Juni 1981 gouf ugefaangen de Projet ze diskutéieren. Den Dr. *Eyschen* seet: „den 2. August 1977 hu mir e Gesetz iwvert den Exercice vum Dokteschberuff gestémmmt, dat eng Upassong un déi Direktiv vun der CE war... D'libre circulation vun engem Medeziner, Zánnodokter a Veterinár gouf als e Programmpunkt vun der Ausle-ung vun der Fráieheit au sens large consideréiert, an zwar esou, dass esouger d'Sprooch keen Handicap zu der Migratioun méi däarf sin... Mat dësem Gesetzprojet gét den Exercice vum Dokteschberuff, vum Zánnodokter a Veterinár an enger neier Oplag reglementéiert, an un déi nei Direktive vun der europäescher Gemeinschaft ugepasst.“

D'Sprooch war eng Haapt-ursaach vun der Diskussiouen. Et gouf vun de Riedner alleguer verlaagt, datt en Dokter aus der E.G., deen sech hei opschloe wéllt, och d'Sprooch vum Land misst kennen a kénnen.

De Projet as mat deer Klausel an der éischter Liesung ugeholl gin a kénnt elo am Oktober 1982 fir déi zwete Kéier an d'Chamber.

Dat wor jo gutt esou, mee den 12. Oktober 1981 freeet d'Madame *Charzat* d'Kommissiouen vun der E.G., ob et an der Rei wir, datt d'Lëtzebuerger Chamber e Gesetz ugeholle hätt, no deem all Dokter lëtzebuergesch misst kënnen (verstoën a schwätzen), éier en sech am Land Lëtzebuerg dierft op schlooen. Si freeet:

1. Mengt d'Kommissiouen nüt, datt esou e Gesetz et onmëig-lech méich, fir datt en Dokter aus der Communautéit sech do kënnnt opschlooen? 2. As dofir dat Gesetz compatibel mat den Direktiven iwwer d'Fräinudderlosse vun den Dokteren? 3. Kann d'Kommissiouen soen, ob d'Lëtzebuerger Sprooch d'ofiziell Sprooch vum Land as odder, ob se niémnen als Dialekt ugesi gët? 4. Kënnnt d'Kommissiouen sech virstellen, wéi et wir an ob et compatibel mat dem fräien Nidderlosse vun den Doktere wir, wann e franséisch Gesetz géif verlaangen, datt den Dokter misst z.B. elsässesch kënnen, fir am Elsass ze praktizéieren odder en irlännescht Gesetz verlaange géif, e misst dofir gälesch kënnen? 5. Wann d'Lëtzebuerger Regirung mengt, datt d'Doktere lëtzebuergesch misste kënnen, as et dann nüt grad esou néideg, datt déi Doktren op der Platz och italiénesch a portugisesch misste wëssen, well esou vull Italiéiner a Portugiesen am Land sin? 6. D'Roll als europäesch Haaptstad, déi Lëtzebuerger ustrieft, an déi dofir émmer méi a méi europäesch Beamte mat sech bréngt, fuedert dat dann nüt, datt ze Lëtzebuerger Doktere wiren, déi am stand sin d'Heemechtssprooch vun dene Fonctionnaires ze verstoen, grad ewei dat fir d'Dokteren aus der Communautéit verlaangt gët, amstand solle sin lëtzebuergesch ze schwätzen an ze verstoen.

Dorop äntwert den Här *Narjes* am Numm vun der Kommissiouen (17.12.1981): 1. an 2. „D'Kommissiouen weess Bescheid iwwert dat Gesetz. Si as ewell e puer mol interveniéiert, déi leschte Kéier, de 17. Juli 1981, bei de Lëtzebuerger Autoritéiten fir hinne ze soen, datt dat nüt an der Rei wir, wat se do géife maachen. Si hofft, datt de Projet esou gemaacht gët, wéi et dem Communautéits-Recht no muss sin....“

Am Besonnesche mengt d'Kommissiouen, datt d'Gespréich téscht dem Patient an dem Dokter esou misst sin, datt den Dokter säi Patient verstoen a sech verständlech maache kënn. Dem Patient séng Sprooch ze këinne wir dach eppes vun der Ethik vum Dokteschberuff. 3. a 4. No enger Resolution, déi vun der Chamber de 17. Juni 1980 ugeholle gin as, huet d'Lëtzebuerger Regirung de 27. Oktober 1981 e Gesetz-projet iwwer de Sproochregim déponéiert. Dee seet a sén-gem Artikel 1, datt „d'National-Sprooch vun de Lëtzebuerger lëtzebuergesch as“. Et as anesch wéi am Elsass mam Elsässesch an an Irland mam Gàleschen, d'Lëtzebuerger schwätzen némme Lëtzebuergesch énnert sech. Vill Leit, apaart aus de Landgeigenden, hu selen d'Geleënheet fir eng aner Sprooch ze schwätzen. 5. D'Kommissiouen zweiwelt nüt drun, datt d'Lëtzebuerger Autoritéiten alles maachen op dem Gebitt vum Gesondheetswiesen fir denen zougezunne Leit an hire Familjen hit Gesondheet ze garantéieren an z'erhalen. Wéi an all dene Länner a Géigenden, wou der vill zougezu sin, verstin oder schwätzen e ganze Koup Lëtzebuerger Dokteren, d'Sprooch vun hire frieme Patienten.

6. Den Informatiounen no, déi d'Lëtzebuerger Autoritéite gin hun, sin 9% vun der ganzer Zuel vun den Doktren, déi zu Lëtzebuerg fir ze praktizéieren zougelossen sin, Ausländer: 21 Fransousen, 11 Belscher, 5 Däitscher, 2 Italiéiner, 1 Englänner an 1 Holländer. – 30 aner Demande sin agereecht gin, doven der 3 vu grücheschen Dokteren.“

Wéi dat nun as, wann de Patient den Dokter an den Dokter

de Patient nüt versteet, dat huet e Bréif un d„Wort“ vum 6.2.82 däitlech gewisen.....

Friem Dokteren énnert äis

Am LL. vum 22.1.82 gët sech an engem Artikel „Les étrangers parmi nous“ dorriwwer opgereegt, datt Lëtzebuerg den auslänneschen Doktere wéllt virschreiwen, Lëtzebuergesch ze léieren. („C'est un comble!“)

Als Argument gët ugjn, datt jo och 25% vun eiser Population Ausländer sin, déi vläicht léiver géife bei en Dokter goën, deen hir Heemechtssprooch schwätzt. Souwisou kënnnt jo d'Lëtzebuerger sech dann nach émmer en Dokter eraus-sichen, dee Lëtzebuergesch kann.

A ménegen Aë gin des Argumenter awer pouliucht der-laantsch, an dat aus dräi Grénn:

1) Eng Opdelung vun Dokteren a Patienten no der Sprooch as deen éische Schrëtt zur Segregatioun (d.h. de Géigendeel vun Integratioun), fir dat ellent Wuert „Apartheid“ nüt ze gebrauchen.

2) Et stëmmt wuel, datt 25% vun eiser Population Ausländer sin, má dene meeschten hir Heemechtssprooch as portugiesch, italienesch asv., an nüt franséisch. Déi friem Dokteren, déi hei schaffe wëllen, sin awer gréissstendes franséisch-sproocheg. Ech glewen nüt, datt si nieft Lëtzebuergesch och nach wëlle Portugisesch an Italienesch léieren.

Vergiesse mer nüt, datt bei äis och nach eng Hällewull aner Ausländer wunne wéi d'Portugiesen: Skandinavier, Iren, Englänner, Däitsch, Hollänner, Inder, Chinesen, asv. Déi meesch vun hinne schwätzen éischer englesch wéi franséisch.

3) D'Fro vun der fräier Wiel vun engem Dokter as némme reng theoretesch. Si gëlt nüt an engem Noufall wéi deen hei: Sonndes gët stënterlech eng (Lëtzebuerger) Fra krank. Well nach e klengle Pippelchen am Haus as, kann d'Fra nüt fort. De (Lëtzebuerger) Hausdokter as an d'Vakanz. Also muss iwwer den 012 an aneren Dokter geruff gin. No enger halwer Stonn as en och schons do: et as e Griich! De Mann as ganz fein, fréndlech a besuergt. En huet jhust ee klengle Feler: e schwätzt e miserabel Franséisch mat esou engem staarken Akzent, datt d'Leit némmen d'Halschent verstin. En Dialog as nüt méiglech. Wuel huet den Dokter verstanne wou de Bobo as, má séng Äntwerten an Explikatiounen bleiwen de Leit onklor.

Et kann ee sech liicht virstellen, datt esou eng Situationsgeférlech ka gin. Téscht Liewen an Doud, wann et ém Minutte geet an d'Leit panikéieren, kann den Dokter dach nüt nach ufanken am Dixonär ze bliederen!

Et wär jo scho vill gehollef, wann déi friem Doktere géife Lëtzebuergesch verstoen. Datt s'et perfekt an ouni Akzent schwätzen, verlaangt kee Mënsch. Et as awer och eng Fro vun elementarer Héflechkeet, wann een d'Sprooch vun deem Land léiert – oder wéinstens esou gutt, wéi méiglech probéiert – wou een definitiv wunne bleift a säi Brout verdéngt. Dat gëlt besonnesch fir Leit wéi d'Dokteren, déi all Dag vill Kontakt mat hire Matbierger hun.

* * *

De »Forum«, nr. 58, vum 25.9.82 huet als Thema: National Identitéit. Artikele vum G. Als, A. Attén, A. Bisdorf, J. Mischo, L. Roth, G. van Hulle, G. Trausch, G. Rewenig, Redaktioun: Mir wëlle bleiwe wat mir sin: A wat si mir dann?

Nei Bicher

Kapellen-Hellegenhaisercher*. De 15. Band vun de Wuermeldénger Muselbicher huet dës Kéier sech mat de Kapellen an (oder) Hellegenhaisercher aus de Pore Gouschténgen, Fluessweiler, Meechtem, Nidderdonwen, Wuermeldéngen mat engem Bléck iwver d'Grenz an d'Nopeschgebitt. Dobäi kënnt dann alles, wat an der Litteratur vun eise Leit zu deer Saach geschriwwen gouf. No engem Virwuert vum Bëschof J. Hengen, dem Kulturminister P. Werner, enger Erënnerung un den Dr. Emile Donckel (vum Nic. Theis), der Riewemadonna an der Liturgie, an der Konscht (Emile Donckel), der Madonna an de Riewen (P. Leuck), Christus an der Kelter (en aleche Symbol vum A. Castor), der Pietà (J. Hess), iwver den hl. Donatus als Wiederhellegen (R. Muller), kënnt een op „d'Kapellen aus éiser Géigend“.

Et as fir d'éischt, datt mer hei am Land eng ege Beschreiwing an eng egen Opzielung vun de Weekapellen aus enger Géigend am Land kréien. An dat as wiirklech gutt esou, an och ze luewen. Nieft de Weekräizer sin et d'Weekapellen odder Hellegenhaisercher, wéi s'och alt op der Musel genannt gin, déi en Zeie vun dem Volleksglaf sin. – Niewebäi gesot, sin och emol d'Kapellen aus der Por Holler an hirer Broschür (1982) vum Intresseverän virgestallt gin, mee soss feelt eng Lëscht dovun m.W. nach iwverall. An den Duerffestschrëfte gi se gewéinlech och alt emol esou niewelaanscht matgeholl.

Zjor haten déi Wuermeldénger d'Weekräizer aus deer Géigend virgestallt, dofir as et némmeren ze luewen, datt si dëst Jor d'Kapellercher bréngen, well et as jo och dacks esou, datt ém oder iwvert e Weekräiz eng Kéier eng Kapell gebaut gët. Gewëss, dat sin nach laang nét dacks Stil- a Kulturmonumenter, déi missten als Architekturdokument erhale bleiwen, mee et sin dofir awer grad esou intressant a wichteg Zeien aus éiser Vergaangenheet, aus dem Volleksglawen, Zeien och aus batterer, schwéierer Zäit, wou versprach gouf, an der Nout, am Leed eng Kapellchen opzeriichten, fir merci ze soen, wäert eleng dofir erhalen ze bleiwen. Dacks as hiren Zweck den

Altor ze sin, wou bei Prëssiounen iwver d'Gewan an duerch d'Duerf de Sege gi gët. – Et deet engem leed, datt een nét alles dat opziele kann, wat nach an deer Broschür ze lesen as, wat wäit an no mat esou Kapellercher zesummenhänke kann: wéi de Bittgank no Konter (J. Diedenhofen), d'Litanie vum hl. Donatus, d'Bittprëssiounen (Jos. Faber), eng apaart Donatiprëssioun (Fern. Hoffmann), vum Will Reuland, Wéllem Weis, M. Lang, R.-M. Staud, Fr. Steimetz, N. Hein, A. Strasser, Fr. Frisch, AMA (e Pseudonym). I. Comes, J.-P. Rollinger, Monni Joss (J. Keup), P. Noesen, a vun däitsche Schrifsteller, déi Artikelen a Gedichter iwver Kapellen a Wäin geschriwwen hun.

Wat nun nach dës Broschür auszeechent, dat sin, nieft dene Beschreiwingen op Lëtzebuergesch, déi schéin Zeechnunge vum Mariette Balvo (Kapellen, Helleger), an eenzeler vum Lé Tanson, Fern. Schons, Martine Rollinger (faarweg Deckelfoto Marcel Zoller), déi och zer gläicher Zäit en Iwwerbléck iwver de Stil aus dene verschiddenen Epoche gin. – Wann op deer leschter Säit d'Mataarbechter all opgezielt gin, da muss een dach glewen, datt de René Müller d'Haaptaarbecht gelesen huet. Him muss een eng Kéier merci soen fir déi söllechen Aarbecht, déi e bis elo fir déi Wurmeldénger Publikatiounen gemaacht huet; et bleift engem némmeren nach ze wünschen, datt déi Rei viru geféiert ka gin, hiren Zweck virun erfëlle kann: d'Geschicht an d'Liewen aus deer Géigend vum Land duerzeelen, een Zweck, deen een och fir aner Géigende vum Land gär géif gemaacht gesin. – Et as eng Suite vun deer Broschür vum leschte Jor iwver d'Weekräizer, déi nach ze kréien as (300 Frang), an derwäert as, am Bicherschaf ze hun; déi hei (15.) gouf mat 700 Stéck opgeluegt.

H. Rinnen


Kartheiser, René a Weyland, Marcel: De Fraassi an de Froossi. – Eng Lausbouwegeschicht an aacht Kapitelen. St. Paulus-Dréckerei. ill. 64 Säiten.

De René Kartheiser kenne mer all, en huet all Kéier eppes fir an „Eis Sprooch“ geschriwwen, huet ewell e Koup Bicher erausgin, déi gutt opgeholl gouwen. Elo fir dat lescht, huet en sech a séng Kannerzäit zu Schéffleng geknéis an e puer Spichte vu méi wéi richtege Lausbouwen op d'Weis vum Max a Moritz notéiert. En huet et gutt gemaacht, dat muss een agestoen, en huet

*) Kapellen aus éiser Géigend. 15. Band vun de Wuermeldénger Muselbicher. Edition: LASEP, Zentral-schoul Dräibour, 1982. 152 Säiten. 21x15 cm, 300 F. Postscheck 12676-66; Spuerkeess 9400/6201-89; Caisse rurale 296/590.



All fräi Deg an och d'Vakanzen
maache si sech hell op d'Such,
an da klaue si e Weenchen
a si spille Minettszuch.



Hei gesitt dir déi zwéi sétzen,
mat der Schlénger, 't as de Fraass,
nieft dem Froossi, do um Buuedem,
leien d'Krätschen an dem Gras.

gutt gereimt, an huet och nüt dacks misse keimen, wéi e schausseg virop schreift; d'Geschichtcher liesen sech liicht, an et verhält een esou-guer een odder deen anere Vers. Nëmmen eent géif een (ech) awer gär festhalen, op esou Spichte wir een als Kand nüt komm, wéi déi vum Päerd e.a. Et hat een och enzwousch anescht séng Kannerzäit gehat. Trotzallem, dat sin nüt elauter Lausbouwespréng méi, déi en eis do opdëscht, mee Nidderträchtegketen. Sin et ganz erfonder, wéi déi vun der Auer? E Stéck Wourécht a Geschittes wäerd wuel derbei sin. Mee et mag sin ewéi et wéllt, se si gutt duerbruecht, an dat as d'Haaptsaach D'Illustratioun vum Marcel Weyland énnersträichen dat Geschriwwent, flott a lieweg. Loosse mer nüt vergiessen z'ernimmen, datt den Drock an d'Biller propper sin, mat groussen décke Buschtawé gedréckt, wéi Kanner et gären hun, d'Biller ewéi frësch gezeechent wiirken. – Et kann ee bal sécher sin, datt dëst Bichelche mat denen haarden Deckelen, deem flotten Text, de liewegen Zeechnunge gutt bei de Leit, a bei de Kanner ukännt, an datt et keng Kanner gët, déi déi Spréng nomaache wëllen, well, sou krute mér gesot, da „kénnt, den Houssécker, an deen hëlt dech mat“.

Dicks. Gesamtwerk. Band II Ed. Krippler-Müller. 1982. XVI-594 Säiten. Serie: Klassiker vun der Lëtzebuerger Literatur, Véierte Band.

E Jor nom éischte Band hu mer deen zweten ewell do leien. Am éischte Band sin dem Dicks séng Gedichter a Koméidéistecker am Text, am zwete kommen do d'Koméidéistecker an d'Lidder mat der Musek derbei. De Carlo *Hury* huet an deem leschten d'Wuert virof geschriwwen an

doran, dat zesumme gedroen, wat se vum Dicks sénger musikalescher Gof gesot hun, a wéi et da virugaangen as. Intressant ze liesen, zemol, wann een et esou mondsgeriecht duergeluegt kritt. – Am éischte Band huet de Carlo *Hury* d'Virwuert an de Pierre *Grégoire* d'Aledung geschriwwen.

Et as weider náischt ze soen, wéi datt déi zwéi Bänn uerdentlech a propper sin, souwuel am Drock, der Opmaachung wéi dem Aband. Se gefalen. Ob nun och jidderee mat deer Schreibweis vum Dicks esou séier noneekénnt, as eng aner Fro. Fir mäin Deel, an dat hu mer ewell gesot, et hätt een sech esou eng Editioune gär an der Schreibweis vun haut gewënscht, wann och déi vum Dicks fir de Sproochfuerscher vill méi intressant a vu Wäert as. Nujee, jidderen gem säi Goût. D'Haaptsaach: mir hun dem Dicks säint alles, wat en op lëtzebuergesch geschriwwen huet beieneen, an 't géif ee wënschen, datt séng aner Wierker, déi en op däitsch erausgin huet, wéi déi vun de Gebräicher a vun de Seércher, och eng Kéier nei erauskeímen. – Se sin elo als 3. Band ugekennegt gin.

hr

Lycée Michel Rodange: *English-luxembourgish dictionary – Englesch- lëtzebuergeschen Dictionnaire*. Team-work directed by Jul Christophory, sponsored by Banque Générale du Luxembourg. 1982. Dréckerei Litho Bourg-Bourger. 288 Säiten. 13x19. Präis 395 Frang.

As d'Lëtzebuergesch um Wee zou enger Héich-sprooch, kann een sech froen, wann een déi Dixionäre gesät, déi an de leschte Joren erauskoumen: en däitsch-lëtzebuergeschen, e franséisch-lëtzebuergeschen (vu Rinnen a Reuland),

e portugisesch-lëtzebuergeschen (Lycée Michel Rodange – Jul Christophory) an elo en englesch-lëtzebuergeschen (nees Lycée Michel Rodange-Jul Christophory) nieft deem vun der Dixionärskommissooun mat 5 Bänn. As den Intresse vun dene ville Friemen, déi mer am Land hun esou gewuess, hänkt et mat der Opwäertung vun all dene „klenge“ Sproochen zesummen, wéi d'E.G. et wéllt hun? As et de Pous, dee fir d'Lëtzebuergesch laut, an d'Lëtzebuergesch nach niddergeschrifwe gët, éier d'Sprooch vum Land vun de Friemen iwwerdubbert as? – Mir hun dach en décke Véirel Auslännner hei, an 't gin émmer manner Kanner vu Stacklëtzebuerger gebuer. Nom Gemengerootsbericht vun der Stad Lëtzebuerg (5.7.82) waren 1981 6.470 Kanner an de Schoulen; am Oktober 1976 waren et 40% Friemer, Oktober 1981 waren et 54,5%, doven 1044 Portugisen. – Soll dat alles do matspillen? – Kann een do op all Fro kuurz jo an neen soen?

Dësen Dixionär as ewéi dee portugisesch-lëtzebuergeschen en team-work un deem d'Studenten an d'Professeren aus dem Lycée Michel Rodange geschafft hun (se si Sait 285-288 opgezielt). E gouf koordinéiert vum Jul Christophory, an e war zénter 1979 an der Aarbecht. Wa bei dem portugisesch-lëtzebuergeschen de Schoulministère d'Käschten iwwerholl hat, dann as et hei d'Banque Générale, déi gehollef huet d'Editioun ze finanzéieren. Dat welle mer emol ganz héich ervirhiewen, well bis elo, m.W. no, et fir d'éischt as, datt eng Bank sech op dem sproochleche Gebitt ervirgedoen huet, ofgesi vu Couren, déi gehale si gi fir lëtzebuergesch ze léieren.

D'Stéchwieder, déi nom Langenscheidts Universal Wörterbuch (35000) geholl si gin, wou och alt vun denen zwein däitsch-, franséisch-lëtzebuergesche vu Rinnen-Reuland eppes profitéiert gouf, sin alphabetesch gereit, wuel mat dene verschidde Bedeutungen, mee ouni (genuch) Beispiller. Nämnen, dat hätt nach vill a laang Aarbecht kascht, a mat deer Metoud, no deer hei gefuer as gin, wir et vlächt och nüt ganz liicht gewiescht. Wann et alt nüt émmer mat der Schrifweis klappt, wie kënnt do engem e Stee geheien?, zemol wou et am Virwuert heesch, et wiren „a few minor revisions“ gemaacht gin. Fir wat awer esou géint d'Regule verstoussen, wann een Zwiir awer Dir, léden a leeden a ledén, maachen nieft handgemacht, roud nieft Rout, gutt nieft gudd, siwenten nieft siwwentens, Efällegeket an efelleg, haard nieft haart, Flieger nieft

Fliger, nüt an net, Plaz nieft Plaatz, Grondsat... asw. schreift (crow a rook sin niewebäigesot keng „Kréi“, mee e „Kueb“ am lëtzebuergeschen)? Déi Inkonséquenzen wäerde wuel duurch déi vill Mataarbechter entstane sin, déi an der Schrifweis nüt esou gutt Bescheed woussten.

Nei Lëtzebuerger Wieder léiert een och, wéi: Éierfurcht fir Respekt, Deelhaber fir Associé, erstaunt fir verwonnert, Verbündeten fir Alliéierten, berécksechtegen fir derno kucken, Regar huelen, Buchféirer fir Kontabel, wimmenen fir wibbeln, kicheren fir kickelen, grasen fir weden, an: erregen, verzeilech, erziilen, Gaaschtgiewer, Ukonft, Zouversécht... Soll een dat bedaueren, wann een esou Wieder als Iwwersetzung fent? As et dann nüt dees Lëtzebuergereschen, dat een haut op Schratt an Tratt hériert, souguer alt emol selwer seet?

Wat engem méi gefällt, wéi dat do, dat as „Luxembourgish in a nutshell“, wou d'Regel vum „mobile n“ duergeluegt gët (am dictionary selwer awer dergéint verstooss as), eng 50 Verbe konjugéiert sin, d'Prepositiounen opgezielt gin, dann déi „selected and annotated bibliography on Luxembourg language an literature“, déi fir jideree sécher intressant as.

En Zweifel bleift engem awer: Ob dat soll kënne méiglech sin, wéi am Virwuert steet „that it (dictionary) may also be useful to linguistics all over the world specializing in Germanic languages and dialects, who so far have hardly been able to include Luxembourgish in there scope of inquiry...“

Léisst een d'Schreibweis op der Sait, hält een dat méi wéi modernt Lëtzebuergesch gär mat an de Kaf, da misst ee soen, datt den Dictionary, denen all gutt viruhéllefe kann, déi et wëllen. De Mataarbechter an dem Koordinator as een e Merci schélleg, si hun en dach verdéngt. hr

Korrekturen – Eis Sprooch Nr. 13:

Am Gedicht vum Chr. Clement as eng Zeil ausgefall (Den Dag as éinnerwee), déi 4. Zeil báisetzen: en Toun steet op, e Lidd geet ém.

Am Gedicht: »Op d'Brems gedréckt« an deer leschter Strof, 4. Zeil soll et »Léift« heeschen amplaz »Leit«.

D'Gedicht »Concert um Pléssdarem« as nüt vum M. Lamy, mee vum Roger Lugen.

An der Rubrik »Virun...« soll et beim Franz Binsfeld heesschen: * 5.8.1891.

Entschéllegt w.e.g.

(hr)

Virun ...

200 Jor koum dem Jean Bertholet S.J. séng »Histoire ecclésiastique et civile du duché de Luxembourg et du comté de Chiny« beim A. Chevalier zu Lëtzebuerg eraus.

130 Jor koumen déi éischt *Lëtzebuerger Käppercher* eraus.

125 Jor as den Antun Meyer gestuerwen; hien hat 1829 dat éischt Bichelche mat Gedichter erausgin (E Schréck op de Lëtzebuerger Parnassus) an deemools och déi éischt Schreibweis opgesat.

120 Jor as den August Lambert Fendius gestuerwen († 13.5.1862, * 24.8.1829); en huet d'Gedicht de »Friddensriichter« geschriwwen, dat mat enger aler franséischer Weis als Lidd a verschidde Gesangbicher (e.a. *Gaudemus*) steeet.

100 Jor huet de J.N. Moes d'Zäitschrëft odder Zeitung »Den Tourist« an »Das Luxemburger Land« émgedeeft an erausgin; sain Nofolleger worn de Karl Mersch (1853-1884) an den Nic. van Werveke.

100 Jor gouf de J.P. Braun zu Waasserbëlleg gebuer († 1966 Lëtzebuerg). Theaterstécker a reliéis Lidder a Gedichter huet e geschriwwen an eng Zäitchen de »Lëtzi« erausgin.

100 Jor as och de Jang Thill gebuer gin, † 1966; grad ewéi de J.P. Braun huet e reliéis Lidder an Iwwersetzunge vu Kiirchelidder gemaacht. Säi Buch »Mäi Lidd« huet d'AL zjor nach verkäfft, an den Erléis dervun un de Foyer St. Elisabeth zu Réimech geschéckt.

90 Jor as den Nik. Gonner zu Dubuque an Amerika gestuerwen (20.12.1892). Am Pafendall wor en den 8.1.1835 op d'Welt komm, as an Amerika gaang, huet 1827 d'Redaktiou vun der »Luxemburger Gazette« iwwerholl an zwee Bicher mat Lëtzebuerger Gedichter erausgin: »Onserer Lidder an onser Lëtzebuerger däitscher Sprooch« an »Prairieblummen«. An de »Prairieblummen« sin och Gedichter vum Nik. Becker, deen den 23.8.1842 zu Wuermeldéng op d'Welt koum an 1920 zu Random Lake, USA, gestuerwen as.

80 Jor as de Komponist a Museksprofesser Laurent Menager gestuerwen.

80 Jor as de Karl Müllendorf gestuerwen (3.4.1902). Hien huet an der »Hemechta« Lëtzebuerger Gedichter publiziert; vun him as dat ganz bekannt Muttergotteslidd: »O Mamm, léif Mamm, do uewen«, dat émmer nach bei all Muttergottesfeier gesonge gët.

50 Jor as de Pierre Toussaint-Stephany, besser bekannt énner dem Numm »Litty« durch eng Bluttvergëftung gestuerwen (vgl. Eis Sprooch Nr. 5/74).

50 Jor, de 26.6.1932 krut de Méchel Rodange e Fiiss-chen als Denkmal um Knuedler opgericht.

40 Jor as de Math. Tresch gestuerwen (31.10.1942); hien huet e Buch e.a. iwwer d'Lëtzebuerger Vollekslidd erausgin.

40 Jor as de Willy Goergen (6.6.1942) gestuerwen. Et as wuel nüt néideg de Willy Goergen extra virzestellen, een, deen esou vill Lëtzebuergesch geschriwwen huet ewéi kaum en zweten. E gouf den 30.4.1867 zu Stesel gebuer.

40 Jor as den Harry Godefroid gestuerwen, den 11.6.1942 zu Réiden op der Kor, wéi hien émmer fir Rodange geschriwwen huet. Nieft Eeschtem a Spaassegem, reliéis Lidder, Psalmen-Iwwersetzungen asw., wor et e Sammler vu Vollekslidder, déi am Thill séngem »Singendes Volk« stin, huet en eng Schreibweis entworf.

30 Jor koum déi éischt Nummer vun „Eis Sprooch“, déi de Veräin mam selwechten Numm erausgin huet, fir „d'Lëtzebuergesch reng (z') erhalen, (ze) verbreden a beleïft (ze)maachen“; d'Joërgeld as 50 Frang, d'Veräinsblat kënnt all Mount eraus mat op d'manst 8 Säiten, d'Schreibweis vum Dictionnaire gët virgeschriwwen...“

30 Jor as de J.P. Zanen, gebuer zu Wäicherding, an der Stad gestuerwen. E wor Landwirtsch. Ingenieur an en huet fir d»Mitteilungen«, der Landwirtschaftszeitung, de Roman »Berels Berta« geschriwwen, deen dräi Oplage krut.

25 Jor stiirft de Karl Lessel (* 19.1.1877, † 27.2.1957). Redakter am Lux. Wort vun 1905-1920, Mataarbechter a Publikatiounen a Kalenneren, wor e Mémber vun der Sproochgesellschaft vun 1924 un, vun 1935 Mémber vum sproochwëssenschaftlechen Institut, huet e matgeschafft am Lëtzebuerger Dixionär bis e gestuerwen as.

20 Jor as de Jean Dumont gestuerwen, deen e puer Jor Sekretär vun der Dixionäerskommisioun wor (1960-1962) an dem Gredt säi »Sagenschatz« mam Paschtouer A. Jacoby verschafft huet, deen no séngem Doud eréischt erauskoum a vum H. Rinnen fir den Drock fäerde gemaacht gin as.

20 Jor as den Alfred Bertrang vun Arel gestuer-

wen. Hien huet d'»Grammatik vun der Areler Mondaart« geschriwwen, déi 1921 erauskoum. E wor och ÉiereméMBER vun der sproochwëssenschaftlecher Sektion an huet do eng Konferenz iwwer »Die sterbende Mundart« gehalen (cf. Fasc. 7/1936 / Vierteljahresblätter).

20 Jor as de Jos. Hurt gestuerwen. E wor Paschtoer an huet sech vill mat dem lëtzebuergeschen Theater ofgin. E wor den 13.8.1892 zu Gréiwemaacher gebuer, wou en och 1962 gestuerwen as. Nieft séngem Buch iwwer den Theater »Theaterrundgang durch Luxemburg« (Jong-Hemecht, 1938) huet en nom Krich am Radio doríwwer geschwat, sech am Kiischpelt ém déi Kiischpelter Theateropféronge gekémmt (mam Max Goergen) an eng Idiomatik vu Gréiwemaacher zesummegeSAT (Manuskript an der Sproochwëss. Sektion).

20 Jor koum déi lescht Nummer vun „Eis Sprooch“ vun deem Veräin; d'Memberzuel wor vun e puer honnert bis eng 60 erofgaang; d'Leit déi se gegrënnt haten, sin am Laf vun de Jore gestuerwen, an et wore keng Jonger do déi viru gefuer sin...

bis virun *10 Joër* d'„Actioun Lëtzebuergesch“ gegrënnt gouf an „Eis Sprooch“ virugeféiert huet.

Am Comité vun 1952 worn: I. Comes, Präsident; N. Pletschette, Vizepräsident; F. Gremling, Sekretär; H. Trauffler, Caissier; Ludwig, Member; Redaktioun: Ferd. Gremling, Rodange. 1982 as dee leschte vun deer Zäit gestuerwen, de Jhemp Rosch.

Et wir haut sécher intressant hir Veräinsbicher vun deer Zäit ze hun. Weess vläicht ee vun eise Membren, wou déi kénnte sin?

10 Jor hu mer den Albert Elsen verluer. E wor de 15.7.1904 zu Recken/Miersch gebuer. Vun him as dat bekannt Kréschtlidd: An der grousser hellegger Nuecht (Musek M. Lamberty).

Theaterstécker vum Robert Clees,

5, rue J. P. Brasseur
L-1258 Luxembourg, Tél. 473742

Koméidistéck	Akten	Acteuren
1) De Champion (Musek: Norb. Hoffmann)	3	5 M. / 5 Fr.
2) Tata Liss vu Vallauris (Musek: Norb. Hoffmann)	3	6 M. / 4 Fr.
3) De Rettongsschwëmmer	3	7 M. / 5 Fr.
4) De Pantouflard	3	5 M. / 4 Fr.
5) De Lige-Pol	3	5 M. / 4 Fr.
6) Alles Schwindel oder Et as da gutt dann	3	7 M. / 4 Fr.
7) Déi nei Räich	3	7 M. / 3 Fr.
8) Ech laache mech futti	3	7 M. / 5 Fr.
9) De Bonvivant	3	5 M. / 6 Fr.
10) Charakterkapp gesicht	3	6 M. / 3 Fr.
11) Urlaub vum Péitrus	3	5 M. / 3 Fr.
12) Eng penibel Affär	3	5 M. / 5 Fr.

Theaterstécker vum Josy Christen,

71, Leidelénger-Strooss, L-8079 Bartréng

Kleng Stécker

Dem Här Déngenskiirche säi Boxeknapp
Den Hausfreund
De Biddi vum Rommelshaff
De Koffer
E Papp vu Knuppeg
Freides, den 13.
Staarken Tubak
D'Weltgeschicht um Karussell
En as gelueden
13 um Dësch

Grouss Stécker

D'Famill Frippgen
De Schraufstack
De Képpgesbaacher-Mates
Sou kénnt een op den Hond
Der Däiwer beim Päerdsmetzler
De Professer Kinkerlitzchen
Gewulls an de Kornischongen
De Maulkuerf
Den 8. Träpplek
Fofzeg Kilo wäiss Fuerf
Milliounefrick (en neit Stéck)

Kannertheater

Sammelband I an II
De Clown Peppo a séng Mondharmonika
Der Hex hire Schlëssel
Der Bomi hir Kaffismillen
E Foussballmatch
Den Emil a séng Detektiven
Op der Däiwelsburg
Eng Uucht bei der Kréppchen

Theater-Saison 1981-1982

beieneegeraft vum Heng Rinnen, gehollef huet d'Laure Wolter

